n°2 /2024














# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 22.3.2024

#
maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

# COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL


Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP


Loris Spina,
échevin LSAP


Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP


René Manderscheid,
échevin LSAP


Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP


Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP


Romain Zuang,
conseiller LSAP


Roby Goergen,
conseiller LSAP


Fabienne Dimmer,
conseillère LSAP


Alain Clement,
conseiller LSAP


Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV


Françoise Kemp,
conseillère CSV


Claude Martini,
conseiller CSV


Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV


Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng


Yves Steffen,
conseiller Déi Gréng


Marc Meyer,
conseiller DP


Rosella Spagnuolo,
conseillère ADR


Carole Thoma,
conseillère Déi Lénk

Éditeur responsable: Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange
Retranscription: Rita Schmit / Photos: Ville de Dudelange, Standart.
n°2 / 2024 - Parution: juin 2024 - Imprimé sur du papier recyclé et certifié FSC.

# SOMMAIRE

Rapport sommaire en français 5

**1. CORRESPONDANCE** (STEP – projet d'envergure) 8

**2. FINANCES** 9

2.1. Approbation des modifications à apporter au chapitre XIX : Piscines – du règlement-taxes général
2.2. Approbation de la convention conclue avec la Société Coopérative Ateliers Kräizbierg ayant pour objet de favoriser l'inclusion et la valorisation de personnes en situation de handicap physique en leur confiant divers travaux d'entretien sur espaces verts et autres travaux manuels
2.3. Approbation d'avenants portant prolongation d'accords de mise à disposition de locaux à la Croix-Rouge Luxembourgeoise en vue d'y héberger des personnes fuyant l'Ukraine
2.4. Immeuble commercial 65, avenue Grande-Duchesse Charlotte
2.4.1. Résiliation du contrat de bail commercial de sous-location avec la société « GC Solutions administratives et commerciales S.A. »
2.4.2. Approbation du contrat de bail commercial de sous-location avec Madame Denise Hames pour le magasin « Tutu World »
2.5. Approbation d'un acte de vente avec les époux Henri Umberto Contato et Evelyne Michele Joly au sujet de six parcelles de terrain sises route de Kayl
2.6. Emprises – approbation d'actes notariés de vente
2.6.1. Époux Robert Arnscheidt et Sonja Marie Eugénie Norberte Ney, rue Jean Friedrich
2.6.2. Monsieur Joseph Righetto, 18, rue Jean Friedrich
2.6.3. Madame Marie Rose Weber et Monsieur Andy Johny Millim, 28, rue Jean Friedrich
2.6.4. Madame Gina Suzanne Mathilde Conter, 30, rue Jean Friedrich
2.7. Approbation du devis estimatif relatif au remplacement de la régulation de la chaufferie et ventilation avec GLT (Gebäudeleittechnik) et au remplacement des pompes du collecteur des départs des radiateurs dans le bâtiment scolaire Ribeschpont
2.8. Approbation du devis estimatif relatif à la réaffectation d'une partie de la maison relais et de l'ancien garage du concierge à l'école Gaffelt
2.9. Approbation du devis estimatif relatif à la réalisation d'un « Blockhaus » en bois pour activités pédagogiques sur le site de l'école en forêt
2.10. Approbation du principe de contracter un emprunt de 20'000'000,- €
2.11. Subsides extraordinaires à allouer

**3. URBANISME** 33

3.1. Approbation d'un projet de lotissement/morcellement de parcelles cadastrales op Lenkeschléi
3.2. Approbation d'un projet de lotissement/morcellement d'une parcelle cadastrale dans la rue Dr Orphée Bernard

**4. MOTIONS PORTÉES À L'ORDRE DU JOUR PAR LA FRACTION « DÉI GRÉNG »** 42

**5. PERSONNEL** 47

5.1. Allocation d'une indemnité aux fonctionnaires chargés de la préparation et de l'organisation des élections européennes du 9 juin 2024
5.2. Création d'un poste de salarié à tâche complète, carrière A3ter, chef atelier (nettoyage bâtiments)
5.3. Création de deux postes de salariés à tâche complète, carrière A4, concierge (sports)
5.4. Conversion d'un poste vacant de salarié à tâche complète, carrière H1, aide-artisan en poste de salarié à tâche complète, carrière H3 (DAP/CATP), artisan (menuiserie)
5.5. Création d'un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité C1, administratif et suppression d'un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité C1, éducatif et psycho-social (service digitalisation)
5.6. Création de deux postes d'employés communaux à tâche complète, groupe d'indemnité C1, éducatif et psycho-social (service éducation et accueil)
5.7. Création de quatre postes d'employés communaux à tâche complète, groupe d'indemnité B1, éducatif et psycho-social (service éducation et accueil)
5.8. Création d'un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité A2, administratif et suppression d'un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité B1, administratif (communication et relations presse)

5.9. Création d'un poste d'employé communal à tâche complète, groupe d'indemnité A1, administratif en surnombre temporaire (bibliothèque publique régionale)
5.10. Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, groupe de traitement D1, attributions particulières (sports)
5.11. Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, groupe de traitement B1, administratif (enseignement fondamental)

**6. RETRAIT D'AGENTS DU COMMISSARIAT DE POLICE DE DUDELANGE** 50
Motion adoptée par le conseil communal lors de séance du 9 février 2024 et prise de position de Monsieur le Ministre des Affaires intérieures

**7. DÉTOURNEMENT DE FONDS AU SEIN DE L'A.S.B.L. CENTRE DE DOCUMENTATION SUR LES MIGRATIONS HUMAINES (CDMH)** 60

# RAPPORT SOMMAIRE

**Présents** : Monsieur Dan Biancalana, bourgmestre ; Monsieur Loris Spina ; Madame Josiane Di Bartolomeo-Ries ; Monsieur René Manderscheid et Madame Claudia Dall'Agnol, échevins. Madame Semiray Ahmedova (à l'exception des points numéros 2.4, 8, 9 et 10 de l'ordre du jour) ; Monsieur Alain Clement ; Madame Fabienne Dimmer (à l'exception du point numéro 4.4 de l'ordre du jour) ; Messieurs Jean-Paul Gangler, Roby Goergen (à l'exception des points numéros 4.6 et 4.7 de l'ordre du jour) ; Mesdames Michèle Kayser-Wengler, Françoise Kemp (à l'exception du point numéro 4.1 de l'ordre du jour) ; Monsieur Marc Meyer (à l'exception du point numéro 4.1 de l'ordre du jour) ; Madame Rosella Spagnuolo ; Monsieur Yves Steffen (à l'exception des points numéros 4.4 à 4.7 de l'ordre du jour) ; Madame Carole Thoma (à l'exception du point numéro 4.9 de l'ordre du jour) et Monsieur Romain Zuang (à l'exception des points numéros 4.4 à 4.10 de l'ordre du jour) , conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal. • **Absents** : Madame Martine Bodry-Kohn et Monsieur Claude Martini, conseillers communaux, excusés. • **Délégations de vote** : Madame Martine Bodry-Kohn, conseillère communale, a conféré une délégation de vote à Monsieur Romain Zuang, conseiller communal, pour voter pour elle et en son nom pour tous les points de l'ordre du jour. Monsieur Claude Martini, conseiller communal, a conféré une délégation de vote à Madame Michèle Kayser-Wengler, conseillère communale, pour voter pour lui et en son nom pour tous les points de l'ordre du jour. Madame Semiray Ahmedova, conseillère communale, a conféré une délégation de vote à Monsieur Yves Steffen, conseiller communal, pour voter pour elle et en son nom pour les points numéros 8 à 10 de l'ordre du jour de la séance à huis clos.

Début de la séance publique à 08.00 heures.

Sur demande du bourgmestre, le conseil communal accepte d'apporter deux points supplémentaires à l'ordre du jour de la séance. Il s'agit plus précisément : de deux motions de la fraction « Déi Gréng » soumises pour le point numéro 3 de l'ordre du jour – Urbanisme ; d'une motion soumise par la fraction « CSV » pour le point numéro 5 de l'ordre du jour – Retrait d'agents du Commissariat de Police de Dudelange. Le conseil communal observe ensuite une minute de silence en mémoire de Monsieur Vic Haas, conseiller communal entre 2016 et 2023, décédé en date du 13 mars 2024.

**1 – Correspondance**

Monsieur René Manderscheid, échevin et président du syndicat intercommunal STEP, informe les conseillers communaux que le syndicat invite à une séance d'information au sujet de la planification du projet d'envergure concernant l'extension de la station d'épuration à Bettembourg en date du lundi, 10 juin 2024 à 17.00 heures au Centre culturel régional « opderschmelz » à Dudelange.

Monsieur le bourgmestre continue pour informer que la Ville procèdera dans les prochains jours à un sondage sur le centre-ville de Dudelange auprès des citoyens et des commerçants de la Ville. Le sondage est réalisé afin de récolter des informations précieuses afin de promouvoir l'attractivité de la Ville et de ses commerces.

**2 – Finances**

A l'exception du point numéro 2.10, toutes les décisions sont prises à l'unanimité.

2.1 les modifications apportées aux prix d'entrée de la piscine en plein air. Dorénavant, l'entrée à la piscine en plein air est gratuite pour les enfants âgés de moins de 12 ans ;

2.2 la convention avec la Société coopérative Ateliers Kräizbierg de Dudelange, ayant pour objet de favoriser l'inclusion et la valorisation de personnes en situation de handicap physique en leur confiant divers travaux d'entretien sur espaces verts et autres travaux manuels dans l'enceinte scolaire Ribeschpont, permettant ainsi d'améliorer la qualité de l'encadrement et d'augmenter la sécurité des travailleurs, tout en facilitant le suivi par le service communal d'entretien des espaces verts ;

2.3 les avenants aux accords de mise à disposition avec la Croix-Rouge Luxembourgeoise, prolongeant d'une année supplémentaire la mise à disposition à la Croix-Rouge des logements suivants en vue d'y héberger des personnes fuyant l'Ukraine : le studio, sis au rez-de-chaussée de l'immeuble, 27, rue Gare-Usines, ancienne épicerie, d'une surface habitable approximative de 36 m2 jusqu'au 31 mars 2025 ; l'appartement au 2e étage de l'immeuble, 73, rue Tattenberg, d'une surface habitable approximative de 39 m2 jusqu'au 31 mars 2025 ; l'appartement numéro 1.01 (± 70 m2) et les chambres individuelles numéros 1 (± 10 m2), 2 (± 10 m2), 3 (± 11 m2) et 4 (± 11 m2) au 1er étage de l'immeuble, 37, rue du Commerce jusqu'au 30 avril 2025 ;

2.4 la résiliation du contrat de bail commercial de sous-location avec la société « GC Solutions administratives et commerciales S.A. » au sujet de la sous-location d'une partie de l'immeuble commercial sis 65, avenue Grande-Duchesse Charlotte et subséquemment le contrat de bail commercial de sous-location avec Madame Denise Hames au sujet de la sous-location du même local commercial dans le cadre d'un projet de type « pop-up stores » pour l'exploitation du magasin « Tutu World » pour la durée du 20 février 2024 au 30 juin 2024 ;

2.5 l'acte de vente notarié, aux termes duquel la Ville de Dudelange vend aux époux Henri Umberto Contato et Evelyne Michele Joly six parcelles de terrain sises à Dudelange, route de Kayl au prix de 54'900,- € ;

2.6 les actes de vente notariés suivants pour l'acquisition d'emprises de terrain en vue de leur intégration dans le domaine public communal : avec les époux Robert Arnscheidt et Sonja Marie Eugénie Norberte Ney au sujet de deux parcelles de terrain sises rue Jean Friedrich ; avec Monsieur Joseph Righetto pour une parcelle de terrain sise 18, rue Jean Friedrich ; avec Madame Marie Rose Weber et Monsieur Andy Johny Millim au sujet d'une parcelle de terrain sise 28, rue Jean Friedrich ; avec Madame Gina Suzanne Mathilde Conter au sujet d'une parcelle sise 30, rue Jean Friedrich ;

2.7 le devis établi par le service communal des installations techniques des bâtiments pour un montant de 60'000,- € toutes taxes comprises, relatif au remplacement de la régulation de la chaufferie, ventilation avec GLT ainsi que des pompes dans le bâtiment scolaire Ribeschpont ;

2.8 le devis estimatif établi par le service d'entretien des bâtiments communaux pour un montant de 300'000,- €, toutes taxes comprises, relatif à la réaffectation d'une partie de la maison relais et de l'ancien garage du concierge à l'école Gaffelt ;

2.9 le devis estimatif du bureau d'architecture carvalhoarchitecs pour un montant de 400'000,- €, toutes taxes comprises, relatif à la réalisation d'un « Blockhaus » en bois pour activités pédagogiques sur le site de l'école en forêt ;

2.10 avec 15 voix et 4 abstentions est approuvé le principe de contracter un emprunt de 20'000'000,- € avec une durée de remboursement de 20 ans, soit à taux d'intérêt variable 3 ou 6 mois (EURIBOR) ou à taux d'intérêt fixe. L'emprunt est contracté en vue de cofinancer les grands projets 2024-2027 inscrits au plan pluriannuel de financement 2024 : rue des Ecoles / Indépendance – réaménagement ; canalisation entre la rue des Champs et la route de Luxembourg ; école Gaffelt – enveloppe thermique ; école Brill – mise en conformité ; structure provisoire pour élèves (école Brill/Baltzing/danse) ; extension asile pour animaux ; logements sociaux (maisons) – rue Nic Bodry ; nouveaux ateliers communaux (phase 1) et Strutzbierg C – piscine et gymnase ;

2.11 les subsides extraordinaires suivants :
5'000,- € à l'Amicale des Enrôlés de Force Dudelange ;
500,- € au Sportlycée Luxembourg.

**3 – Urbanisme**

3.1 le conseil communal approuve avec toutes les voix le projet de lotissement/morcellement de parcelles cadastrales dans la rue op Lenkeschléi en 3 lots distincts, en vue de la construction de 3 maisons bi familiales, suivant le plan de morcellement établi par la société TERRA G.O. pour le compte des sociétés Active Invest Promotion et Jillina Invest, avec siège social à Luxembourg-Ville ;

3.2 avec 18 oui et une abstention est approuvé le lotissement/morcellement d'une parcelle cadastrale située au numéro 13, rue Dr Orphée Bernard, présenté par la société TERRA G.O. pour le compte de la société Active Invest avec siège social à Luxembourg-Ville. Le projet prévoit la construction de 4 maisons unifamiliales ;

**4 – Motions portées à l'ordre du jour par la fraction « Déi Gréng »**

La fraction « Déi Gréng » a soumis deux motions en relation avec les discussions d'urbanisme, motions ayant pour objet : 1) Exercer le droit de préemption et 2) Acquisition de nouveaux logements destinés à la location abordable. Après discussion séance tenante, les auteurs ont décidé de retirer les motions.

**5 – Personnel**

A l'exception du point numéro 4.3, toutes les décisions au sujet du personnel sont prises à l'unanimité

5.1 l'allocation d'une indemnité aux fonctionnaires chargés de la préparation et de l'organisation des élections européennes du 9 juin 2024 ;

5.2 la création d'un poste de salarié à tâche complète dans la carrière A3ter, chef d'atelier, suivant dispositions de la convention collective des travailleurs des communes du sud, pour les besoins du service nettoyage bâtiments ;

5.3 avec 15 voix et 4 abstentions, la création de 2 postes de salariés à tâche complète, dans la carrière A4, concierge, suivant dispositions de la convention collective des travailleurs des communes du sud, pour les besoins pour les besoins du service des sports, plus précisément pour assurer la bonne gestion du nouveau complexe sportif « Strutzbierg » ;

5.4 la conversion d'un poste vacant de salarié, carrière H1, aide-artisan à tâche complète en poste de salarié, carrière H3, (DAP/CATP), artisan à tâche complète, suivant dispositions de la convention collective des travailleurs des communes du sud, pour les besoins de la menuiserie communale ;

5.5 la création d'un poste d'employé communal à tâche complète, relevant de la catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe administratif, pour les besoins du service de digitalisation en vue du reclassement d'un agent communal, et la suppression du poste d'employé communal actuellement occupé par l'agent concerné ;

5.6 la création de 2 postes d'employés communaux à tâche complète, relevant du groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social pour les besoins du service d'éducation et d'accueil ;

5.7 la création de 4 postes d'employés communaux à tâche complète, relevant du groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social pour les besoins du service d'éducation et d'accueil ;

5.8 la création d'un poste d'employé communal à tâche complète, relevant du groupe d'indemnité A2, sous-groupe administratif, pour les besoins du service communication et relations presse, et la suppression subséquente du poste d'employé communal à partir de la date à laquelle ce poste deviendra vacant ;

5.9 la création d'un poste d'employé communal à tâche complète, relevant du groupe d'indemnité A1, sous-groupe administratif en surnombre à la bibliothèque publique régionale pour compenser temporairement l'absence, en raison de la liquidation du compte épargne temps, de la cheffe de la bibliothèque,

et la suppression du poste actuellement occupé par la cheffe de service au moment de son départ définitif à la retraite ;

5.10 la création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant du groupe de traitement D1, sous-groupe à attributions particulières, instructeur de natation, pour les besoins du service des sports ;

5.11 la création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant du groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, pour les besoins du service enseignement.

**6 – Motion portée à l'ordre du jour par la fraction « Déi Gréng » – Retrait d'agents du Commissariat de Police de Dudelange**

Le conseil communal revient à sa motion du 9 février 2024 et à la lettre adressée à Monsieur le Ministre des Affaires intérieures dans le cadre de l'organisation du commissariat de police de Dudelange. Monsieur le Ministre des Affaires intérieures a répondu à la motion par sa lettre du 23 février 2024. Au vu de la réponse de Monsieur le Ministre, la fraction « Déi Gréng » a soumis une nouvelle motion. Après discussion, il s'avère que la majorité des conseillers communaux juge la réponse de Monsieur le Ministre insatisfaisante et estime que la lettre ne fournit pas de réponses concrètes aux questions posées. Après discussion, le conseil communal marque, avec 13 voix contre 6 abstentions, son accord au texte modifié de la motion pour adresser une nouvelle lettre à Monsieur le Ministre des Affaires intérieures, ceci dans le cadre de l'organisation du Commissariat de Police de Dudelange.

Par cette motion, le collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Dudelange est invité à demander à Monsieur le Ministre des Affaires intérieures : d'annuler le retrait des agents de Police de la région sud-ouest, sachant que cette équipe est en outre appuyée par le Commissariat de Police de Dudelange et nécessaire à garantir la sécurité des citoyens de Dudelange ; de fournir des informations compréhensibles au sujet du volume des heures de travail prestées par des agents de Police de la région sud-ouest depuis le début du dispositif spécial à Luxembourg-Ville ; de fournir au conseil communal des explications au sujet des critères objectifs et nécessaires pour procéder à une évaluation du résultat du dispositif spécial ; de fournir au conseil communal les explications nécessaires au cas où le dispositif spécial devrait être prolongé ; de fournir à la Ville de Dudelange un bilan complet de la mesure et de son impact.

La fraction « CSV » a soumis une motion en relation avec la discussion au sujet du retrait d'agents du Commissariat de Police de Dudelange. La motion a pour but d'inviter le collège des bourgmestre et échevins de s'adresser au comité de prévention communal pour solliciter une réunion ayant pour objet le « dispositif policier renforcé » ainsi que les effectifs de la Police Grand-Ducale de la région sud-ouest et d'en informer subséquemment le conseil communal. Après discussion séance tenante, il est constaté que la proposition est superfétatoire et il est procédé au vote. Finalement, la motion est rejetée avec 14 voix contre 5.

**7 – Détournement de fonds au sein de l'a.s.b.l. Centre de Documentation sur les Migrations humaines (CDMH)**

Le conseil communal prend connaissance de l'affaire relatée dans la presse au sujet du détournement présumé de fonds au sein de l'a.s.b.l. Centre de Documentation sur les Migrations humaines.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.
Fin de la séance vers 13.45 heures. •



# GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 22. MÄERZ 2024

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Léif Kolleeginnen a d'Kolleege vum Schäffen- a Gemengerot, ech géif ech ganz häerzlech hei am Gemengerot, begréissen, nodeems jo dann den Ouschterhues säin Tour hei am Gemengerot gemeet huet. Dat ass eng al Traditioun. Da géif ech proposéieren, dass mer op den Ordre du jour iwwerginn. Entschëllegt huet sech de Claude Martini, hien huet dem Michèle Kayser eng Procuratioun ginn an entschëllegt huet sech och d'Martine Bodry-Kohn, an dat huet dem Romain Zuang Procuratioun ginn. Nieft de Kolleegen a Kolleeginnen hei aus dem Gemengerot begréissen ech och d'Vertrieder vun der Press, déi haut de moien hei sinn an ech wollt nach de Gemengerot froen, vu dass mer dat gëschter scho per Mail gemeet hunn, dass mer dee Punkt iwwert de Centre de documentation sur les migrations humaines nach zousätzlech op den Ordre du jour setzen. Ob dat fir de Gemengerot esou an der Rei ass, dass mer deen zousätzleche Punkt drop setzen. Jo, OK, villmools Merci. Da géif ech op d'Korrespondenz iwwergoen op den éischte Punkt. Jo, Madamm Kemp?

FRANÇOISE KEMP (CSV): Kann ech eng Modifikatioun vum Ordre du jour ufroen?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Jo, der kënnt mol ëmmer froen.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Ech wollt eng Motioun eraareechen am Numm vun der CSV, iwwert d'Anzéie vun de Policedispositiffer.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): A wéi enger Form soll dat elo den Ordre du jour modifizéieren?

FRANÇOISE KEMP (CSV): Well et aus Reaktioun op d'Interpellatioun ass.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Dat heescht, Dir verséiert eng zousätzlech Motioun par rapport zum Punkt, deen awer schonn um Ordre du jour ass. Dat heescht, et ass keng reell Modifikatioun vum Ordre du jour, mee et ass eng Motioun am Kader vun der Diskussioun. Just fir dat kloerzestellen. Madamm Ahmedova, hutt Dir och eng Modifikatioun par rapport zum Ordre du jour, eppes zousätzlech wou wëllt bei den Ordre du jour setzen?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo. Merci fir d'Wuert. Also et ass net eppes Zousätzleches, mee mir wëlle gär eng Motioun deposéieren zum Punkt 3 Urbanismus.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ok, hu mer déi schonn oder huet een se schonn, fir datt mer se kënnen... Ok, an der Rei, villmools Merci. Gutt, da géif ech awer erëm dann op d'Korrespondenz zeréckkommen. Ech géif vläicht mat engem éischte Punkt ufänken a vläit hei och de Gemengerot froen, dass mer vläit och eng Gedenkminutt géifen hei halen, fir eise verstuerwene fréiere Member vum Gemengerot, den Här Vic Haas, deen den dräizéngte Mäerz an dësem Joer am Alter vun aachtasiwwenzeg Joer gestuerwen ass.
De Vic Haas, deen effektiv an der leschter Legislaturperiod, Mandatsperiod hei Member vum Gemengerot war, deen am Dezember deemools, vereedegt gouf als, Gemengerotsmember, an dat och war bis déi lescht, Walen. Bon, en cours de route hat hie jo och demissionéiert als ADR-Vertrieder a souz hei eeben als onofhängege Member vum Gemengerot. De Vic, e Stéck Diddeleng, war och Member a ganz, ganz ville Kommissiounen, an ech mengen, dass ech hei am Numm vum ganze Gemengerot senger Fra, senge Kanner, senger Famill an och senge Frënn eist häerzlechst Bäileet wéilt ausschwätzen an ech géif vläicht och dann de Gemengerot bieden, eng kuerz Gedenkminutt fir de Vic anzeleeën. Merci.

## 1. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Voilà. Da géif ech vläit, ënner Korrespondenz op en nächste Punkt iwwergoen. De René Manderscheid huet eng Kommunikatioun ze maachen.

RENÉ MANDERSCHEID (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, Här Buergermeeschter, ech géif da ganz kuerz d'Kap vum President vum STEP undoen an ech wollt hei d'Membere vum Gemengerot nach eng Kéier drun erënneren, Dir hutt jo e Courrier kritt vun eisem Gemengesekretär, fir dass mer als Gemengerot den 10. Juni um fënnef Auer eis am Centre culturel treffen, fir iwwert den Ausbau vun der Kläranlag ze schwätzen, well mir waren am Büro vum STEP der Meenung, dass mer deen Exercice net sollte beschränken op déi fënnef Schäfferéit vun deene jeeweilege Gemengen. Mir waren awer der Meenung an der Iwwerzeegung, dass mer dat sollten op déi fënnef Gemengeréit ausdeenen. Duerfir dann den Datum vum 10. Juni ab fënnef Auer am Centre culturel, et geet et nämlech drëms, Iech matzedeelen, wat alles do op der Kläranlag geschitt, dat heescht den Ausbau an d'Extensioun vun der aktueller Kläranlag.

Dir wësst, dass se vun 90.000 Awunnergläichwäerter op 180.000 vergréissert gëtt an Dir wësst och, dass mer do eng véiert Klär-Stuf bäikréien. Alles dat si relativ komplex Saachen, déi mir Iech wollte méi nobréngen. A virun allem ass och dee finanzielle Volet net vun der Hand ze weisen, Dir wäert matkréien an den nächste Joren, am Budget wäert de Montant vum STEP dann deementspriechend och an d'Luucht goen.



Awer fir dat alles lech och transparent matzedeelen, hu mer dann déi Sitzung virgesinn den 10. Juni, wou der alleguerten invitéiert sidd, respektiv och déi Gemengeréit vun de Membersgemenge vu Beetebuerg, Käl, Réiser a Rëmeleng. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, René Manderscheid, fir déi dote Kommunikatioun. Da wéilt ech och nach eng zousätzlech Kommunikatioun hei maachen, an och dee Volet hei domat ofschléissen. Ech wollt de Gemengerot informéieren, ech mengen, Dir wësst jo, dass mer ganz vill Efforte maachen, fir de Stadkär, respektiv d'Geschäftswelt ze dynamiséieren. Ech mengen, dass dat och eng Approche an eng Strategie ass, déi mer eis ginn hunn, déi och e laangen Otem brauch, déi och elo hir Friichten dréit.

An ech mengen, Dir wësst, dass mer eis am Kader vun der Budgetsdiskussioun och gesot hunn, dass mer eis do wéilte professionell nach weider ënnerstëtze loossen an een Deel dovunner wäert d'nächst Woch ufänken. Mir wäerten do an Diddeleng en Toutes-boîtes maachen, wou mer och eng Biergerbefroung maachen, respektiv awer och eng Händlerbefroung am Stadkär selwer, wat d'Geschäftswelt Diddeleng ugeet an, vu dass mer en Toutes-boîtes maachen, wäerten da jo och d'Gemengerotsconseillèren a -conseillere concernéiert sinn an ech hoffen, dass Dir natierlech bei där Ëmfro och matmaacht, an natierlech wäerte mer bei där Ëmfro herno och d'Conclusiounen analyséieren, Conclusiounen zéien an och da gegeebenefalls déi néideg Presentatioun maachen.

Et geet op alle Fall ëm d'Erausfuerderunge vum Stadkär, respektiv vun der Geschäftswelt am Stadkär an och vun der Noversuergung. An dat geet, wéi gesot, de Méinden de 25. Mäerz lass.

Voilà, dat ënnert Kommunikatioun. Ech kucken nach hei op d'Kolleegen aus dem Schäfferot, do ass näischt méi. Da géife mer op den éischte Punkt iwwergoen, d'Finanzen, an do ass de Règlement de taxes fir eis ze beschwätzen.

# 2. GEMENGEFINANZEN

**2.1. Approbatioun vun de Modifikatiounen am Kapitel XIX: Piscinnen - vum allgemengen Taxereglement**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): An do ginn ech hei dem Sportsschäffen, dem Loris Spina, d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Merci, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, hei geet et dann ëm d'Taxereglementer bei eise Piscinnen, notamment déi oppe Schwämm. Dir wësst et, no deene Renovatiounsaarbechte konnte mer d'Dieren am neie Kleed erëm opmaachen a wann d'Wieder dann och um Rendez-vous war, waren och vill Leit um Rendez-vous an de Projet oppe Schwämm ass beléift wéi ee a jee. An hei befaasse mer eis jo och mat engem Punkt, deen an der Schäfferotserklärung scho virzefanne war, mat der Gratuitéit fir Kanner bis zwielef Joer an der oppener Schwämm, wéi gesot. Dat fannt Dir ënnert dem Punkt 1.1., Punkt Alinea a), an et geet drëms, dass déi Kanner bis zwielef Joer näischt musse bezuelen an deementspriechend gratis kënnen an dës Schwämm goen, fir dann eebe vun deem Ganzen ze profitéieren, wann d'Wieder och matspillt. Dat war et am Fong geholl schonn. D'Diskussioun ass op. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Loris Spina, si Froen oder Remarken dozou?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci, Buergermeeschter, fir d'Wuert. Na also geht's doch, kann een do just soen. D'CSV begréisst explizitt, dass hir Revendicatioun vun 2021, wou mer dat „viregt Taxereglement" gestëmmt hunn, dass hir Revendicatioun erhéiert gouf an och vum Schäfferot an d'Schäfferotserklärung opgeholl gouf. Ech hat an deem Kader scho gesot gehat, dass mer dat gutt fannen, well och mir haten an eise Walprogramm geschriwwen, dass all Kand bis zwielef Joer sollt fir näischt däerfen an d'Schwämm goen. Dat fanne mer hei an deem Taxereglement erëm, zumindest wat elo den Zougang zu der oppener Schwämm ubelaangt, an dat ass och gutt esou. Am Joer 2021 hate mir als CSV eis beim Vott zum Taxereglement fir d'Piscine enthalen. Deemools sollt e Familljentarif agefouert ginn. Dat hätt an eisen Aen eng Inkohärenz vun den Entréespräisser fir Kanner bedeit.

D'Iddi vum Familljentarif war vläicht net esou schlecht, dass just déi Erwuesse bezuelen, mee da koum et, dass just datt éischt an dat zweet Kand gratis sollt erakommen an déi aner Kanner Nummer dräi a véier, sollten awer bezuelen. Dat hätt zu enger Inkohärenz vun Tariffer geféiert. Zum Beispill wären an deem Modus, wéi dat déi lescht Kéier an där leschter Tarifkonventioun festgehale gouf, véier Tariffer fir Kanner bis zwielef Joer do festgehale ginn, wat en absolutten Duerchernee bedeit hätt. Zum Beispill, null Euro, wann een als Kand eent oder zwee vun enger Famill, déi den Ticket Family benotzt hätt, erakomm wär. Also d'Kand eent an d'Kand zwee hätten näischt bezuelt, d'Kand dräi an

d'Kand véier vun där Famill hätten awer een Euro misse bezuelen a mir hunn dat net verstanen, dass d'Zuel vun de Kanner, déi gratis sinn, limitéiert gi wär. Famille-recomposéeën hu séier emol dräi, véier oder och fënnef Kanner a mir hunn dat net gerecht fonnt an hunn deemools scho gefuerdert, dass all Kanner bis zwielef Joer solle fir näischt an d'oppe Schwämm kënne goen.

Eng aner Ongerechtegkeet war an eisen Aen och de Fait, dass wann d'Kanner, déi zum Beispill mat der Maison relais an der d'oppe Piscine gaange sinn, dass déi näischt bezuelt hunn an déi aner Kanner, déi entweeder aleng an d'Schwämm gaange sinn oder als Kand -, wéi ech gesot hunn - Nummer dräi oder Nummer véier mat den Eltere eragaange wären, dass déi hätte misse bezuelen. Dat war an eisen Aen en No-Go, dofir hate mer eis och do enthalen an dofir si mer och elo ganz zefridden, dass all d'Kanner elo hei gläich behandelt ginn, all d'Kanner bis zwielef Joer kënnen elo fir näischt an d'oppe Schwämm goen.

Dofir just eng kleng Remark zu den Tariffer. Do steet nach, bei eent Punkt eent an eent Punkt zwee - Punkt a) steet dann ëmmer dat Wuert „enfant", dat muss een dann theoreetesch och eraushuelen, well bis zwielef Joer ass ee jo en „enfant" an dann, wa jo d'Kanner fir näischt sinn, da misst een den Term „enfant" vläicht och eraushuelen. Dat ass vläit eng Klengegkeet just. Mir haten deemools och nach d'Formulatioun e bësse geännert 2021 an et goufen Elèven dragesat an Etudianten. An do hate mer och gesot, Adulte ass een am Fong ab siechzéng Joer, well och dann d'Schoulflicht just bis siechzéng Joer geet. Bon, et muss ee jo elo kucken, wann d'Schoulflicht elo op uechtzéng Joer erhéicht gëtt, ob mer dann erëm eng Kéier mussen eist Taxereglement änneren. Mee dat ass awer e klengen Detail, dat musse mer da kucken an der Zukunft.

Et ass awer elo nach just eng Diskrepanz tëschent den Tariffer vun der offener an der zouener Schwämm, do sinn d'Kanner bis sechs Joer fir näischt an da bezuelen d'Kanner awer ee Komma fënnef Euro, och hei huelen ech un, dass déi Kanner, déi mat der Maison relais an d'Schwämm ginn, erëm do fir näischt erakommen. Wier et dann net och ubruecht, och hei de Kanner alleguerte bis zwielef Joer d'Schwämm gratis ze iwwerloossen? Dat ass nach eemol en Opruff, fir dat vläit ze änneren oder an d'A ze faassen am Sënn vun der Gläichbehandlung vun alle Kanner, déi an eis Schwämme ginn. Et geet elo net ëm déi ee Komma fënnef Euro, dat wësst Dir, dat ka praktesch jidderee bezuelen, et geet einfach ëm de Prinzip. E Kand ass d'selwecht, ob et an enger Maison relais ass oder ob et mat enger Famill an d'Schwämm geet oder, wéi gesot, ob et och vläit esouguer aleng an d'Schwämm geet. Wéi gesot, mir wäerten dëst Taxereglement awer matdroen, well et an eisen Aen en éischte Schrëtt ass an déi richteg Richtung ass. Vläicht maache mer dat nächst Joer och nach deen zweete Schrëtt mat der Gratuitéit och an der zouener Schwämm.

Wat hat d'CSV awer nach proposéiert? Mir haten nach gefrot, dass et, wann d'Wieder esou herrlech ass wéi d'lescht Joer, ob een dann d'Schwämm net vläit och schonn um aacht Auer kann opmaachen a mir haten och eng Nocturne gefrot, eventuell eemol bis zweeanzwanzeg Auer am Héichsummer, wier dat jo wierklech och eng flott Méiglechkeet. Respektiv kann ee vläit eng Kéier d'Utilisateuren och froen. Mir hunn elo héieren, maachen eng flott Ëmfro zu dem Shared Space an der Foussgängerzon, vläit kann een och do einfach d'Utilisateure mol eng Kéier froen, wat se géifen dervun halen, wann d'Schwämm och géif méi fréi opgoen. Wéi gesot, et ass ëmmer besser, wann ee mat de Concernéierte schwätzt, wéi wann een einfach esou vun uewen erof eppes decidéiert. Eis zwou Schwämmen hunn en enorme Succès, den Här Spina huet et grad gesot, dat ass wierklech wouer, den Invest vun néng Komma zwou Milliounen Euro an d'Renovatioun vun der offener Schwämm, dat war e gudden Invest. Och wa mer d'lescht Joer schonn hu missen déi éischt zousätzlech deier Reparaturen hu missen nostëmmen, d'CSV huet awer dee Projet oppe Schwämm ëmmer mat gedroen.

A wa mer hei iwwer d'Taxe schwätzen, iwwer d'Tariffer schwätzen, mir wëssen, dat ass Peanuts am Fong, wat de Budget ubelaangt vun de Piscinnen, d'Droits-d'entréeën – ech hunn et eng Kéier nogelies - 2022 krute mer als Gemeng honnertnéngadrëssegdausend Euro an eis Keese gespullt, 2023 honnertfënnefanzwanzegdausend Euro, an 2024 sinn honnertdrëssegdausend Euro am Budget als Recette virgesinn, wann een natierlech deem entgéint d'Depensë setzt - ech mengen, dat muss een awer och mol eng Kéier soen, d'Piscinne kaschten eis schonn e Strapp Geld, wann een zesummerechent, d'Piscine vum Centre sportif René Hartmann, do sinn déi offen an déi zoue Schwämm zesummen am Budget erëmzefannen, Elektreschfraisen zweehonnertvéierzegdausend Euro, Chauffage zweehonnertsechzegdausend Euro, Waasser honnertfofzegdausend Euro an esou weider, Gardiennage véierzegdausend Euro, dat gëtt eng Millioun Euro an da kommen nach Salairen a Chargë vun de Leit, déi an eise Schwämme schaffen, och nach eng Kéier eng Komma dräi Milliounen Euro dozou. Fir de Strutzbierg, dee jo eréischt ab September opgeet, hu mer och nach eng Kéier honnertdausend Euro Fraisen an eise Budget agesat.

Wéi gesot, et ass en Invest fir eis Diddelenger Bevëlkerung, dee mer, denken ech, alleguerten hei ëmmer matgedroen hunn. Ech wëll elo nach kuerz rappeléieren, och de Centre sportif René Hartmann, dee jo 2014 bis 2016 mat engem Prêt vun dräizéng Milliounen Euro och an de Budget ageschriwwe gouf, dee bezuele mer nach ëmmer zeréck, dat däerf een och net vergiessen. Bis 2037 kommen do nach ëmmer Annuitéiten op eis zou. Momentan hu mer do nach ëmmer eng Schold vun siwe Komma sechs Milliounen Euro. Wéi gesot, d'Entréespräisser ass e klengen Detail, mee et ass awer vläicht net schlecht, eng Kéier och dee globalen Invest eng Kéier ze rappeléieren.

Eng aner Remark, déi mer 2021 gemaach hunn, déi wëll ech och nach eng Kéier hei widderhuelen. D'Limitatiounsdauer vum Openthalt ass op zwou respektiv véier Stonne festgesat ginn a mir haten do e bëssen en Doute, ob dat wierklech gutt kontrolléierbar ass, an do wollt ech dann awer vläit froen, hutt Dir do Chifferen, wéi vill Leit dann effektiv hu missen nobezuelen? Gouf dat kontrolléiert, gouf dat erfaasst?

Jo, wann een erageet, dann huet een e Badge, dann do steet dann, do gëtt dann och, wann een erausgeet an der regulärer Zäit, da bippt et eng Kéier an d'Paart geet op, mee wéi ass dat beim Netanhalen? Bezuelen d'Leit wierklech no oder ass et awer esou, dass oft en An zougedréckt gëtt an d'Paart awer opgemaach gëtt? Mir wäre frou, wann Dir eis do vläit konkret Chiffere kënnt ginn.

Eng Revendicatioun war och 2021 komm vun der gréngger Fraktioun an déi hu mer och ganz gutt fonnt, ob een net kéint en Online-Ticketing och aféieren, well mir hate virun allem de Weekend ganz laang Waardeschlaange bei der Paart an ech denken, duerch en Online-Ticketing kéint een dat awer vläicht vereinfachen, dass d'Leit awer beim Zougang scho vu vir eran och wëssen, dass se direkt erakommen, well et muss ee jo och soen, déi Leit, déi en Abonnement hunn, déi kënne jo och einfach fräi eragoen, souwuel an déi offe wéi an déi zoue Schwämm, déi ginn da laanscht d'Schlaang. Vläit en Online-Ticketing wär vläicht och nach eng Méiglechkeet, ass dat ugeduecht, well dat 2021 jo och schonn am Gespréich war?

Wéi gesot, mir si ganz zefridden, dass eis Revendicatioun fir d'Gratuitéit fir Kanner bis zwielef Joer an d'Schäfferotserklärung opgeholl gouf an och, dass se haut ëmgesat gëtt, a mir wäerten op jiddwer Fall dëst Taxereglement matstëmmen a mir hoffen, dass mer esou e coolen, waarme Summer – Neen, e coolen, dat ass am Fong e Widdersproch, e coolen, waarme Summer kréien, voilà, dass mer e flotte Summer kréien, wou een dann d'Schwämm och ka gutt benotzen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser, den Här Steffen huet d'Wuert.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert, ech maachen et dann en Tick méi kuerz, well dat mam Online-Ticketing, do ass d'Michèle Kayser schonn drop agaangen. Merci dofir. Mir begréissen awer, dass dat Taxereglement do esou kënnt, well et wesentlech méi verständlech ass fir d'Familljе mat méi Kanner, wou bis elo ee bis zwee Kanner inclus waren am Präis an all weidert Kand en Euro kascht huet, fanne mer et wichteg, dass d'Kanner d'Méiglechkeet geschaf kréien, sech an der Fräizäit ze beweegen an dass et sécherlech och eng Plus-value ass fir Familljen, wou och emol d'Nopesch oder den Noper op d'Kand oppasst a wou een dann zu méi wéi zwee, dräi Kanner emol an d'Schwämm geet mat engem Erwuessen. Dofir och vun eis, mir begréissen dat doten. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, gëtt et nach weider Stellungnamen? D'Madamm Carole Thoma huet d'Wuert.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, Merci, mir begréissen et och, ech kann et och ganz kuerz maachen, mir sinn och frou, dass dass mer elo am Fall vun der oppener Schwämm eeben op deen dote Wee ginn, dat begréisse mer. Mir haten eis effektiv och just gefrot elo, firwat dat just fir d'oppe Schwämm gëllt an net fir d'zoue Schwämm an och, mat den zäitleche Limitatiounen, den Duréeën, do sinn der jo och festgehale fir d'oppe Schwämm, awer net fir déi zoue Schwämm, do wollte mer just froen, firwat dat de Fall ass? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, sinn nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da géif ech d'Wuert weiderginn un de Loris Spina.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, et kann ee laang schwätzen iwwert esou ee Punkt vun der Gratuitéit fir Kanner bis zu zwielef Joer – also, verschiddener kënnen dat. Ech wëll awer elo och net ze wäit hei aushuelen, ech wëll mech da wierklech un den Ordre du jour halen a virun allem dorobber reagéieren. Jo, effektiv, Madamm Kayser, esou eng Schwämm kascht, si ass eng Infrastruktur, e Service, déi mer fir eise Biergerinnen a Bierger, grouss a kleng, och aus der Groussregioun, zur Verfügung stellen a mir sinn eis bewosst, dass dat virun allem kascht, mee et soll jo awer och e bësse Freed bréngen an dat konnte mer och feststellen, dass dat op jiddwer Fall gelongen ass,

D'Gratuitéit ass, fir dat elo direkt opzegräifen, well op méi Bänken sech d'Fro gestallt gouf, bezéiungsweis kënnt Dir Iech jo drun erënneren, wann Dir an déi eng oder déi aner Schwämm gitt. An där enger Schwämm, an där zouener Schwämm, do brauch een e Batch, do brauch een eng Auer, an dofir ass et technesch net méiglech, d'Gratuitéit hinzekréien, well s de ëmmer muss, mat deem Batch do fueren, deen s de och herno muss ofginn. Leider ass et am Moment net méiglech a mir sinn eis däers bewosst, dass dat net optimal ass, dass déi eng Säit d'Gratuitéit méiglech ass an déi aner net, esoubal et technesch méiglech ass, kënne mer, wa mer da kënnen, wäerte mer natierlech och reagéieren. Mee am Moment, dee System, dee mer do hunn, erlaabt eis dat leider net.

Änlech ass et mat den Horairen, also änlech an deem Sënn, dass, an enger zouener Schwämm häls de dech net esou laang op wéi enger oppener Schwämm. Do ass elo net de Besoin, dass eng gewësse Fluktuatioun erméiglecht soll ginn iwwert esou e Reglement. Dat ass awer bei der oppener Schwämm de Fall, do hues de Leit, déi awer mol en hallwe bis e ganzen Dag do verweilt hunn. Dat ass déi Erfarung, déi mer gemaach hunn an dofir hu mer profitéiert vun deem neie Reglement, wou mer nei opgemaach hunn, fir déi doten Aféierung mat den Horairen ze maachen an dat huet sech och an der Realitéit als sënnvoll erwisen.

D'Fro war opkomm, wéi vill Leit missten nobezuelen. Mir haten dat d'lescht Joer aachtasiwwenzeg Leit, déi nobezuelt hunn, well se eebe méi laang dobanne waren, wéi se eebe bei der Entrée bezuelt haten. Et kann een awer nach vläicht ervirhiewen, dass mer véierhonnert gratis Entréeë schonn haten, eeben duerch dee Familljentarif. Dat heescht, et si scho ganz vill Kanner, déi konnten dovunner, profitéieren. Deementspriechend, ass dat heiten, wéi mer och gesot hunn, mir maachen eng Analys, mir maachen nei op, mir maachen eng Analys vun der Saison an, deementspriechend, si mer jo op de Wee gaangen, fir d'Gratuitéit vu Kanner bis zwielef Joer hei ze proposéieren an ech si frou, dass dat dann och op alle Bänken e positiven Uklang fënnt an dann deementspriechend wäert Dir jo dann och dofir votéie-

ren. Online ass et am Fong geholl nach d'selwecht wéi d'lescht Kéier. Do gëtt et elo keen neie Moment. Och dat ass technesch relativ opwendeg.

D'selwecht ass et mat där Fro nach, déi Dir opgeworf hutt, mir sollten d'Leit froen. Ech mengen, wa mer d'Leit froen, déi wëlle maximal opmaachen, wat jo normal ass, vun aacht bis zéng am léifsten all Dag, nach probéiere mir, d'Horairen esou ze gestalten, dass mer mat deem ganze Programm, dee mer hunn, Dir wësst et, dass - wat d'oppe Schwämm ugeet - net nëmmen eiser een dovunner profitéiert, mee du hues och d'Schoulen, de Lycée, d'Veräiner, déi dovunner profitéieren. Dat muss dann och ëmmer erëm virdrun, dertëschent a wärenddeems gebotzt ginn, du muss eng gewësse Garde assuréieren, dat heescht, och ëmmer reglementéiert, wéi vill Opsiichtspersonal, wéi vill Schwammmeeschteren do musse sinn, deemno wéi vill Leit do sinn, deemno wéi eng Populatioun do ass, Erwuessener oder Kanner, an, fir dat eeben alles an Aklang ze bréngen, mat engem attraktiven Horaire, ass net ëmmer esou einfach.

Also, natierlech géif gäre jiddwereen vun aacht bis zéng Auer – soen ech emol - opmaachen, mee da kriss de Problemer mam Botzen, da muss de d'Personal norüsten, do ass ëmmer e ganze Rateschwanz hannendrun. Dofir, mengen ech, ass et geféierlech, fir elo do ze soen, frot einfach emol d'Utilisateuren, wéi se gären d'Ouverture-Stonnen hätten. Nichtsdestotrotz, Dir hutt eng Nocturne ugeschwat, ech mengen, do hate mer jo och gesot, mer géifen eis där Saach unhuelen, also do wäert och déi eng oder déi aner Nocturne awer a kuerzer Zäit nokommen. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci och fir nach déi doten Erklärungen a Prezisiounen, da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem Taxereglement, wéi et haut virgestallt a presentéiert gouf, averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools, Merci.

**2.2. Approbatioun vun der Konventioun mat der Société copérative Ateliers Kräizbierg, där hiert Zil dra besteet, d'Inklusioun an d'Opwäertung vu Mënsche mat kierperleche Behënnerungen ze fërderen, andeems hinne verschidden Entretiensaarbechten op Gréngflächen an aner manuell Aarbechten uvertraut ginn.**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt iwwer, dat ass eng Konventioun mat der Société coopérative Ateliers Kräizbierg, an do kritt d'Josiane di Bartolomeo-Ries d'Wuert.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, villmools Merci, Här Buergermeeschter. Ech wéilt op déi Konventioun, déi mer hei virleien hunn, agoen. Dir wësst awer, dat wëll ech am Virfeld awer mol soen, datt mer hei zu Diddeleng ëmmer ganz vill Wäert op d'Inklusioun geluecht hunn, sief et iwwert déi Konventioun hei mam Atelier Kräizbierg. Ech mengen, mir hunn awer och an eise Schoulen, souwuel wéi och an eise Maison Relaisen, leeë mer ganz vill Wäert drop, dass Leit mat engem Handicap och kënne bei eis ënnerdag kommen, och am SEA-Beräich. Ech mengen, fir hunn net fir näischt eng Responsable à l'inclusion, dofir géif ech déi Konventioun hei elo presentéieren an ech mengen, da maache mer d'Diskussioun op an da kënnt Dir driwwer schwätzen. Voilà.

Déi Konventioun, déi mer hei virleien hunn, dat ass am Fong eng Konventioun, déi mer scho säit 1983 mam Kräizbierg hunn. Si hu bis dohin Entretiensaarbechten am Brill gemaach an déi Konventioun ass elo iwwerschafft ginn, einfach och doduerch, well mer gemierkt hunn, de Brill ass relativ schwiereg fir Aarbechten do ze maache mat deene Leit. Dofir maache mer dann elo hei eng nei Konventioun, den Objet, natierlech ganz kloer, ech mengen, dat wësst Dir alleguer, Dir hutt et jo och gelies, et ass d'Ënnerstëtzung och vu Leit mat engem Handicap, awer och d'Inklusioun a virun allem d'Valorisatioun vun deene Leit, fir datt se och Aarbecht kënnen um Terrain maachen. Wéi gesot, also d'Konventioun ass elo iwwerschafft ginn, mir hunn eis mat hinnen zesummegesat, mam Kräizbierg zesummegesat, a mir hunn do gekuckt, wou déi Leit kéinten adequat betreit ginn an och kéinte manuell Aarbechte leeschten um Terrain.

D'Propos ass du komm fir de Ribeschpont, ronderëm den Naturschoulhaff, dat ass eng Plaz am Ribeschpont, déi relativ iwwersiichtlech ass, wou se och alles am Bléck hunn an net wéi am Brill e bëssen ëmmer an deene verschiddenen Ecker. Bon, si schneiden d'Hecken, si méien awer och d'Wiss an si maachen och soss kleng Aarbechten am Espace vert. Ech hat scho gesot, Ribeschpont, net nëmme well et iwwersiichtlech ass, mee e läit och virun allem net op der Voie publique. Dat heescht, et ass vill méi einfach, fir och d'Betreiung do ze maachen. Wat och ganz wichteg ass, an dat ass och eppes, wat ee muss berücksichtegen, mir hunn och d'Sanitärenlagen an der Schoul oder och an der Maison Relais, och dovunner kënnen déi Leit profitéieren.

Dann zu der Konventioun selwer. Hei wäerten dräi bis véier Leit zesummen natierlech mat hirem Encadrant dës Aarbechten iwwert de Summer maachen an si wäerten - en anere Punkt, dee mer och an der Konventioun hunn - si ziichten och an hirer Gäertnerei do uewen um Kräizbierg Geranien, an och déi wäerten si en place dann hei setze virum Gemengenhaus. Wichteg ass an dat ass - mengen ech - fir eis alleguer heibanne kloer, dat ass, datt déi Konventioun, och wann se eng Weiderféierung ass vun där Konventioun, déi mer hate säit 1983, ass natierlech, datt mer hei extreem vill Wäert leeën op d'Inklusioun awer och op d'Valorisatioun vu Persounen, déi eeben e Besoin spécifique hunn. Si léieren och hei, manuell Aarbechten ze maachen, och dat ass eppes, wat ganz wichteg ass. Se sinn an engem sécheren Ëmfeld an dann, virun allem awer, si participéieren um Alldag an der Diddelenger Gemeng, an ech mengen, dat ass e Punkt, deen eis op alle Fall als Gemeng ëmmer immens wichteg war.

De Budget vun der Konventioun, Dir hutt et gelies, dat sinn zweeanzwanzegdausend Euro. Ech hat et scho gesot, dat ersetzt d'Konventioun, déi mer 1983 scho mat hinne gemaach hunn, an d'Aarbechten am Brill wäerten an Zukunft da vun eise Leit gemaach ginn, wann déi Fro nach géif kommen. An da wëll ech awer hei vun

dëser Plaz aus nach e grousse Merci soen, ech mengen och un d'Fondatioun oder d'Ateliere vum Kräizbierg fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer iwwer Jore scho mat hinnen hunn, an ech hoffen, datt hei déi Konventioune matdrot. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Josiane déi Bartolomeo-Ries, fir déi doten Erklärungen zu där doter Konventioun. Sinn nach Remarken oder Froen dozou? Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dës Kéier ganz kuerz. Mir begréissen dat heiten explizitt an et ass, wéi d'Madamm déi Bartolomeo scho gesot huet, säit 1983, hu mer eng Konventioun mam Kräizbierg. Et geet eeben drëm, effektiv hir Aktivitéiten ze valoriséieren an ech denken, d'Sécherheet war mengen ech och e Punkt, firwat mer op dëse Site gaange sinn, well dat awer e bëssen an engem Huis clos ass, wou eeben net muss gekuckt ginn, dass awer nach en Auto kënnt, wou vläicht awer dann e Mataarbechter vum Kräizbierg grad mam Rollstull iergendwou am Wee steet, an ech denken, dofir ass déi heiten Iddi natierlech absolut sënnvoll fir d'Securitéit och vun de Leit mat ageschränkte Fäegkeeten awer ze garantéieren.

Wat ech och ganz flott fannen, dat ass déi Iddi mat de Geranien, déi dann och hei an der Gemeng ausgestallt ginn, dat heescht, wou eis Backen da mat de Geranie vum Kräizbierg gefëllt ginn, dat gëtt och eng gewësse Visibilitéit, och no baussen. Ech denken, dat ass och flott, wann déi Leit dann zum Beispill mat hirer Famill iwwer d'Gemengeplaz ginn, da kënnen se soen: „Hei kuck, dat do sinn déi Geranien, déi mir an eiser Gäertnerei geplanzt hunn», an dat valoriséiert och nach eng Kéier ëmsou méi hir Aarbecht.

Wat ech och ganz flott fannen, dat ass och vläit e Punkt, dat ass wann si täteg sinn an deem flotte Schoulhaff do, da kënnt och de Kontakt vläit op mat de Kanner aus der Géigend, aus der Schoul, aus der Maison Relais, quitt dass si vläit méien an de Vakanzen, mee an deem Schoulhaff ass ëmmer Liewen, do sinn ëmmer Kanner an och dat ass e gudde Wee, fir och d'Inklusioun nach e bësse weiderzedreiwen an och d'Kanner ze sensibiliséieren drop, wéi valorisant awer och Leit mat engem Handicap kënne schaffen an dofir, dat heite fanne mir eng ganz gutt Iddi a mir begréissen dat natierlech och honnert Prozent. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser. Nach Stellungnamen?

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Also och hei als LSAP begréisse mer dat an d'Inklusioun gëtt hei méi wéi grouss geschriwwen. Et ass e Wuert, wat net nëmmen sou do steet, mee et gëtt wierklech applizéiert a grad Leit mat engem Handicap ginn esou an den Alldag agefouert, an en plus an en Alldag, deen net einfach nëmmen an engem Environnement protégé ass, wou se um Kräizbierg sinn, wat gutt ass, mee si sinn esou um Terrain an am Fong ass et esou och e Schrëtt fir eng méi gerecht, human a villfälteg Gesellschaft, well se dobausse si bei de Leit an dass - wéi elo grad schonn erwäänt ginn ass - wou aner Kanner sinn, wou aner Leit sinn an si sinn do méi wäertgeschätzt, wéi wann se an engem Huis clos schaffen an do hiren Alldag maachen. Dofir begréisse mer dës Initiativ a mir wäerte selbstverständlech derfir stëmmen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Dimmer, sinn hei nach weider Stellungnamen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da géif ech proposéieren, dass mer op de Vott iwwerginn. Wien ass mat der Konventioun hei mam Kräizbierg averstanen? ***Dat ass unanime.*** Da soen ech Iech villmools Merci.

**2.3. Approbatioun vun Zousazvereinbarunge fir d'Verlängerung vu Vereinbarunge fir d'Bereetstellung vun Raimlechkeete fir d'Lëtzebuerger Rout Kräiz fir d'Ënnerbrénge vu Flüchtlingen aus der Ukrain.**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da géife mer op den nächste Punkt, iwwergoen. Dat sinn Avenanten zu den Accorden, respektiv puncto Mise à disposition vun effektiv Wunnengen un d'Croix Rouge am Kader vum Hebergement vun ukrainesche Flüchtlingen. Dir wësst, dass mer do vun Ufank un als Gemeng och déi néideg international Solidaritéit spille gelooss hunn, andeems mer och Lokalitéite vun der Gemeng, respektiv natierlech och Hotelsinfrastrukture benotzen, fir effektiv deen Hebergement ze gewährleeschten. An esou dass och déi dote Solidaritéit hei zu Diddeleng keen eidelt Wuert ass bei deem Krich, dee säit iwwert zwee Joer amgaangen och ass. An ech mengen, hei si mer op engem Punkt, wou mer am Fong och d'Weiderféiere wäerte proposéieren, wat d'Prise en charge ugeet, wat och gewährleescht gëtt vun der Croix rouge. An do si mer jo am Fong als Stad Diddeleng an där Situatioun, wou mer eng Rei Zëmmeren zur Verfügung stellen.

Just als generell Informatioun, de Moment sinn eenannonzeg ukrainesch Persounen, déi de Statut vun der Protection temporaire hunn an déi hei zu Diddeleng wunnen an dovunner sinn am Ganzen néngavéierzeg a Logementer, déi vun der Stad Diddeleng zur Verfügung gestallt ginn, respektiv mat finanzéiert ginn. Dat fir bëssen d'Vue d'ensemble ze ginn. Ech mengen, Dir wësst, dass dat jo dann engersäits am Cottage ass awer och op Nummer dräiasiwwenzeg an der Tattebuergerstrooss an och am Quartier Italien an op Nummer siwenandrësseg an der Rue du Commerce.

Dat wat haut um Ordre du jour steet, dat ass d'Logementer zu Tattebierg, am Quartier Italien an och an der Rue du Commerce. Et kommen och nei Dispositiounen, wat d'Hotelsinfrastruktur Cottage ugeet, mee dat wäert an engem nächste Gemengerot kommen, well mer do nach mam ONA amgaang sinn ze diskutéieren an do kënnt och eng nei Konventioun hei op eis duer. Ech wollt Iech hei virdru informéieren, dass mer an engem nächste Gemengerot doriwwer wäerte schwätzen. Hei geet et am Fong drëms, déi besteeënd Lokalitéite weiderzeféieren, dat heescht, op Nummer dräiasiwwenzeg an der Rue Tattebierg, dat sinn am Fong zwee Zëmmeren, dass mer déi weiderféiere bis den 31. Määrz 2025, dat ass dee Studio am Quartier Italien an der

Rue Gare Usine, dass mer och dee weiderféiere bis den 31. Mäerz 2025 an op Nummer siwenandrësseg an der Rue du Commerce, do ass et een Appartement a véier Zëmmeren, dass mer och deen ëm e Joer verlängeren, bis den 30. Abrëll 2025.

Dir wësst jo, dass mer der Croix-Rouge déi gratis zur Verfügung stellen, dass mir eng Rei Chargen iwwerhuelen, respektiv si eng Rei Chargen iwwerhuelen, also, wéi gesot, d'Conditions de base, déi bleiwe bestoen an et ass am Fong just d'Durée, déi ëm e Joer verlängert gëtt. Dat sinn Ausféierungen, wat am Fong déi dräi Mise-à-dispositionen ugeet puncto Croix Rouge an d'Diskussioun ass op. Wëll een Stellung dozou huelen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Bon, ech mengen, dass mir als Diddelenger Gemeng eis grouss affichéiert hunn, dass mer, hannert der Populatioun vun der Ukrain stinn, ech mengen, dat stellt keen a Fro. Mir hu vun Ufank u gehandelt, mir waren eng vun deenen éischte Gemengen, déi wierklech och proaktiv waren an och eppes gemaach hunn, fir dass elo déi Leit, déi aus der Ukrain geflücht sinn, virun deem brutale Krich, dass si een Ënnerdaach fannen. Ech mengen, mir brauchen eis net ze genéieren, fir de Fändel vun der Ukrain hei nieft eiser Gemeng opzezéien. Mir stinn do derhannert a mir wäerten och nach do derhannert bleiwen. Dofir fanne mer dat natierlech ganz normal, dass mer och déi Kontraktverlängerunge maache vun den Hebergementer, déi mer schonn haten op Tattebierg.

Ech hu just eng Fro zu de Logementer hei an der Rue du Commerce, dat ass jo dat aalt Caramutashaus. Do ass eng Konventioun mat der Croix rouge gemaach ginn. Initialement war dat awer ugeduecht gewiescht virun allem fir jonke Leit och do en Ënnerdaach ze ginn. Dat war jo am Fong och d'Grondiddi, wéi mer dat geschaf hunn. Meng Fro ass elo, ob elo hei och éischter da méi jonk Flüchtlingen dohinner kommen? Ech kéint mer zum Beispill virstellen, de Krich dauert elo schonn zwee Joer, mir hunn déi Leit deelweis schonn zwee Joer bei eis, dass vläit aus Familljen, wou d'Teenager e bëssen erausgewuess sinn, dass déi zum Beispill ee vun deene klenge Studioen, déi jo awer relativ kleng sinn, déi Chambrë vun zéng Quadratmeter, dass mer do zum Beispill Teenager kéinten drasetzen.

Ech soen dat, dat ass net vu Muttwëll, dass een dat mécht, well da gëtt déi Famill méi kleng an da fanne mer och éischter e Logement vläicht fir déi Famill. Ech kennen e Fall, dat sinn awer elo syresch Flüchtlingen, wou de Problem ass, dass zwee Kanner oder Jugendlecher vu siwwenzéng-uechtzéng Joer nach an enger Famill sinn, doduerch hunn déi fënnef Kanner. Wann déi zwee elo géifen en Ënnerdaach fannen an esou engem Studio, dann hätt d'Famill nëmmen nach dräi Kanner, da krite mer fir déi och eng Wunneng. Do ass meng Fro elo: Gëtt do geziilt gekuckt, ob do méi Jugendlecher och an déi Chambre-individuelle kommen? Hu mir do e Matsproocherecht an, wéi gesäit d'Croix-Rouge hir Charge? Well si këmmert sech jo net nëmmen ëm ukrainesch Flüchtlingen, mee awer och ëm aner Flüchtlingen, ech denken eben elo zum Beispill u Syrer oder esou, déi och scho laang op eisem Territoire sinn an och vläicht eng Méiglechkeet sichen, fir eng Locatioun ze fannen. Ass dat elo explizitt geduecht, dass mer do ukrainesch Leit en Doheem ginn oder ass et awer och eng Ouverture vläicht fir aner Leit, déi am Besoin sinn, déi och virun aner Kricher geflücht sinn, fir deenen eng Méiglechkeet ze ginn, do ënnerdaach ze kommen. Voilà. Awer mir begréissen dat hei natierlech. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser, sinn nach weider Stellungnamen?

FABIENNE DIMMER (LSAP): Merci fir d'Wuert. Bon, et ass erëm e Sujet, dee mech brennend interesséiert an ech begréissen et, also mir als LSAP begréisse selbstverständlech, dass dat Ganzt weidergefouert gëtt an ech hunn an dëser Diskussioun awer e bëssen eng aner Meenung an deem Sënn, datt ech grad frou driwwer sinn, datt mer eenzel Zëmmeren zur Verfügung stellen u Single-Leit, well grad déi ginn ëmmer vergiess.

Et ass ëmmer, an dat gesinn ech um Terrain, duerch ganz Europa, dass ganz vill fir Famillje gemaach gëtt an, jo, ech weess vun der Bedeitung, dass hei bei eis grouss Haiser feele fir Leit mat véier, fënnef Kanner, mee wa mer grad erëm déi eenzel Zëmmeren u Kanner ginn, vu Familljen, da ginn erëm déi Single-Männer vergiess an déi Single-Männer gi permanent vergiess, dat ass och permanent ëmmer den Debat vum rietse Bord, dass et déi eenzel Männer si, wou kommen, mee et muss een och wëssen, firwat déi eenzel Männer kommen.

Et ass well se oft vun der Famill geschéckt ginn, et gëtt oft deen eelste geschéckt aus der Famill, fir de Wee ze maachen, well wa verschiddener vun Iech gewësse Filmer kucke gaange wieren, wéi ënner anerem „Io, Capitano", da wéisst Dir, wéi dee Wee ass bis heihinner an oft, an dat gesinn ech iwwerall, sinn et déi Single-Männer, déi vergiess ginn an dofir begréisse mer grad, dass mer hei Wunnenge schafe fir eenzel Leit. Also, selbstverständlech och wann et eng Single-Fra ass, well déi ass am Fong nach méi vulnerabel, well se an de Strukturen oft muss liewen. Mee, voilà, dofir begréisse mer dëst a selbstverständlech droe mer dee Projet mat weider.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Dimmer. Nach weider Stellungnamen?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, Merci, Här Buergermeeschter. Dat ass am Fong geholl keng richteg Stellungnam, mee et ass am Fong geholl just eng kleng Opklärung zu der Situatioun, wéi se elo ass. Bon, wéi gesot, do uewen op Nummer siwenandrësseg Rue du Commerce, wou mer jo effektiv als Office social dee Projet Jeunes hu mat zéng Zëmmeren, an da sinn déi zwee Studioen/Appartementer, déi si jo da fir de Service Logement. Et ass also esou, dass dann eebe wéi gesot déi Konventioun do gemeet gi war, 2022, an d'Croix Rouge, déi huet entscheet, wéi eng Leit sollten dohinner kommen. Voilà. An dat sinn alles Fraen, Singelen, natierlech an, wéi gesot, do hu mir elo, wat d'Besetzung vun den Zëmmeren ubelaangt, guer keen Afloss drop gehat. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci och fir déi dote Stellungnam.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech wollt och an eisem Numm soen, datt mir natierlech dëse Projet ënnerstëtzen, dee mer immens wichteg fannen an immens gutt. Ech schwätzen och aus eegener Erfarung. Also, Lëtzebuerg ass eng Terre d'accueil an ech mengen, hei ass et wichteg, datt mer deene Leit och déi gutt Méiglechkeete kënnen ubidden, sech och ze integréieren. Et weess een net, et hat een ëmmer gemengt, de Krich wier vill méi kuerz, et gesäit een awer, datt et laang dauert an et kéint nach méi laang daueren. Hoffentlech explodéiert et net an aner Richtungen och nach weider, mee op jiddwer Fall ass et hei déi absolut wichteg an déi richteg Demarche, déi eis Gemeng gemaach huet a mir hunn déi Leit mat oppenen Äerm opgeholl. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova. Ech mengen, Dir hutt elo eraushéieren, dass dat eent dat anert net ausschléisst, dass mer engersäits dee Projet hu vum Office social mat deene Jonken, déi a schwierege Situatioune sinn, respektiv deen anere Volet vun der Croix rouge ass par rapport zu den ukrainesche Flüchtlingen, ech géif och dofir warnen, fir och méi mol der Croix rouge virzeschreiwen, wéi eng Leit ze do solle placéieren. Ech mengen, dass een do a Kontakt ass, dat ass ganz, normal. Et ass awer d'Croix rouge, déi méi no um Terrain ass wéi d'Stad Diddeleng, an déi och mat deene Situatioune konfrontéiert ass.

Ech mengen, mir stellen e Quota vu Logementer zur Verfügung, si mierken, wéi eng Leit, déi an enger DPI-Situatioun sinn, kënnen dohinner logéiert ginn a Funktioun vun hire Profiller, a Funktioun vun de Besoinen, an ech mengen, dass mer och dat néidegt Vertrauen an esou en Acteur wéi d'Croix rouge sollen hunn, fir dass si och kënnen decidéieren, wien si dohinner setzen, andeems se eis natierlech informéieren, mee elo schonn hinne Virgaben ze ginn, wien een dohinner soll setzen, respektiv wien net, mengen ech, wär net gerecht par rapport zu der Connaissance vun Acteure vum Terrain, mee ech mengen, am Moment fuere mer ganz gutt mat hinnen an ech mengen, dass och dat, ausschlaggebend ass an dofir mengen ech och, gi mer de Wee, fir am Fong dann och déi heite Mise à disposition ze verlängeren. Dëst gesot, géif ech proposéieren, dass mer ofstëmmen. Wien ass, hei, d'Konventioun averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci.

**2.4. Geschäftsgebai op Nummer 65, Avenue Grande-Duchesse Charlotte**

*2.4.1. Kënnegung vum kommerzielle Sous-locationssvertrag mat der Gesellschaft „GC Solutions administratives et commerciales S.A.".*

*2.4.2. Approbatioun vum kommerzielle Sous-locatiounsvertrag mat der Madamm Denise Hames fir d'Geschäft „Tutu World".*

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da géif ech op den nächste Punkt iwwergoen. Dat ass engersäits d'Resilatioun vum Contrat de bail vun der Société GC Solutions administratives et commerciales S.A.. Ech mengen, Dir wësst, déi waren op Nummer fënnefasechzeg Avenue Grand-Duchesse Charlotte. An Dir wësst, dass mir do als Stad Diddeleng jo Locataire si vun engem Geschäftslokal. De Contrat de bail geet nach bis den 31. Dezember 2024. Mir haten do eng Sous-locatioun gemeet un déi Societéit, déi d'Enseigne „Les Coffres à Papillons" exploitéiert huet, déi natierlech ganz engagéiert waren, déi zwee Joer do war, mee awer och zur Conclusioun komm ass, dass et trotz der flotter Offer, déi se haten, net evident war fir de Commerce oprechtzeerhalen an effektiv och hei de Contrat de bail gekënnegt hunn.

Si hunn natierlech och decidéiert, dass se sech en tant que tel net opléisen, mee dass den Esprit vum Commerce weiderlieft, an enger anerer Form an si hunn och, mengen ech, honnert Meter méi wäit eng nei Plaz fonnt, wou se natierlech hir Produiten, wat virun allem am Beräich vun de Kanner ass, oprecht kënnen erhalen, mee si hunn awer hei, wéi gesot, en bonne et due forme hire Kontrakt gekënnegt. Souwäit ech Informatiounen hunn, sinn se och en règle mam Loyer, mee bon, dat heiten, dat weist, dass nieft deene Succèsen, déi mer och hu bei der Geschäftswelt, déi mer jo amgaang sinn ze dynamiséieren, och mol deen een oder anere Réckschlag kënnt oder e Constat, deen ee mécht um Terrain, et ass net evident fir de Commerce dobaussen.

Mee och hei, mengen ech awer, jo déi erfreelech Noriicht, si hu jo awer net ganz opgehal, mee hunn et an enger anerer Form weidergefouert, mee hei musse mer awer reng formal dee Contrat de bail hei deementspriechend opléisen an ech géif dann direkt vläicht och den nächste Punkt huelen, dat heescht d'Opléise vum Contrat de bail. Hei hu mer e Lokal, dat mir jo mol zur Dispositioun hu bis Enn des Joers, do hu mer e Pop-up dragesat, an Dir sidd jo bestëmmt scho laanscht gaangen, si si jo schonn do, dat ass de Contrat de bail mat der Madamm Hames Denise fir „Tutu World", deen och da leeft hei fir véier Méint an zéng Deeg, also vum 20. Februar 2024 bis den 30. Juni 2024.

Do ass de Loyer 500 Euro de Mount, also de klassesche Loyer, dee mer fir e Pop-up froen an hei ginn, wéi gesot, T-Shirten an aner Accessoiren, respektiv Tütüe ugebueden. Ech mengen, Dir sécherlech scho laanschtgaangen an der gesitt jo och an der Vitrinn. Do gesäit een am Fong, wat do vun Offer gebuede gëtt, sou dass mer och nach nieft dem Fait, dass mer engersäits d'Resiliatioun hu vum Contrat de bail awer dat dote Geschäftslokal am Kader vun engem Pop-up weider bespillen an och weider d'Diversitéit oprechterhale vun der Diddelenger Geschäftswelt. Dat zu den Ausféierungen, wat engersäits d'Resiliatioun, respektiv deen neie Contrat de bail ugeet. D'Diskussioun ass op.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Jo Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Wa keen en Awand huet, wëll ech awer trotzdeem och eppes derzou soen. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech menge fir d'éischt wëll ech mäi Bedaueren ausdrécken, dat kléngt esou um Pabeier „CG Solutions administratives et commerciales", mer hannendru stoung jo och e Gesiicht an dat war d'Katja

mat sengem „Coffret à Papillons" an et huet elo missen decidéieren, op Nummer fënnefasechzeg seng Dieren zouzemaachen. D'Katja, géing ech gär behaapten, ass en Opfer vun der Kris, enger Kris, déi an alle Secteure fatzeg Präisdeierechte mat sech bruecht huet.

D'Konsequenz dervun ass, dass trotz enger Rei Indextranchen, déi d'Kafkraaft sollten erhéijen, dach vill Leit sech villes net méi kënne leeschten, wat se virun der Kris nach konnten. Dorënner leit och den Eenzelhandel, an am schlëmmste mécht et sech bemierkbar eebe bei deene Geschäftsleit, déi sech op Produite spezialiséiert hunn, déi een net onbedéngt brauch fir ze liewen. Kaddosartikelen, hëlze Spillsaachen a wann se och nach esou nohalteg produzéiert sinn, fannen an esou Zäiten net onbedéngt genuch Abnehmer, net well d'Leit se net méi wéilte kafen, mee well d'Leit se net méi kënne kafen. Heivun ass zwar nach laang net all Bierger betraff, mee et betrëfft der esou vill, dass vill Geschäfter et ze spiere kréien, déi eng méi, déi aner manner.

D'Katja war eng Geschäftsfra, déi sech net dohinner gesat huet an op Erfolleg gewaart huet. Hatt war engagéiert, kreativ, voller gudder Iddien. Et huet alles probéiert a mat vill Häerzblutt säi klenge Buttek gefouert, un him louch et net. Ech kann et behaapten, well ech hunn et u sengem Engagement gesinn, deen et och am FCAD un den Dag geluecht huet, do huet et sech extreem engagéiert, et war voller Iddien, an et war net nëmme voller Iddien, et huet se och ëmgesat. Wann een héiert, dass Geschäftsleit sech méintelaang keng Pai kënnen aus dem Betrib zéien, obschonn se hir ganz Energie an hire Betrib stiechen, all Dag do stinn, aleng, a sech kee Congé kënnen huelen, fir dann zum Schluss awer mat näischt do ze stoen, dann ass dat einfach nëmme schlschued an trauereg.

Do spréngt kee Staat an, dee reagéiert mat engem Chômage. Wann do näischt erakënnt, dann huet een och näischt. Ech bewonneren d'Katia, do gesäit een, wéi et u senger Saach hänkt, dass et trotzdeem weider probéiert, eeben och am Lokal, wou Album e sech niddergelooss huet, fir senger Iddi weider eng Chance ze ginn. Mir wënsche vun der LSAP aus dem Katia vill, vill Erfolleg an dass et dach nach iergendwéi op eng Aart a Weis säin Dram ka weiderliewen.

Wéi de Buergermeeschter scho gesot huet, huet dës Situatioun derzou gefouert, dass eise City-Manager erëm huet missen täteg ginn an dat Lach op fënnefasechzeg, Avenue Grand-Duchesse Charlotte fëllen, fir dass mer kee Leerstand hunn, well och dat ass an esou Zäiten onbedéngt wichteg, dass mer e flotte Stadkär, e flott Geschäftsbild erhalen. Dat ass gelongen an ech géing gär behaapten, mat enger e bësse méi witzeger Geschäftsiddi, wou ech mer och fir d'éischt d'Fro gestallt hunn, wéi soll dat goen, Tütüen. Ech hu mengem Meedchen dat gezielt: „„Stell der vir, mir hunn en Tütüsbuttek ze Diddeleng!" „Maja, ech hu mengem schonn ee kaf!" Also weess ech, dass och Tütüe kaf ginn. Ech hu mech mat der Madamm Hames ënnerhalen an si ass der Meenung, dass dat gutt geet, dass d'Leit vun och méi wäit kommen. Dat ass vläit en Nischeproduit, mee et fënnt Abnehmer an och net nëmme kleng Kanner, huet se mer gesot, och dat geet bis néngannonzeg.

Bon, ech weess elo net, wéi dat alles fonctionéiert, mee op jiddwer Fall komme se vu wäit a breet anscheinend, an dat huet jo och en Avantage, also vun enger Iddi, wou vläicht fir d'éischt och ech geschmunzelt hunn, bréngt dat Leit op Diddeleng, déi vun ausserhalb kommen, déi dat gären hunn, den Tütü unzedinn, wou och ëmmer se deen undinn, ech weess et net, awer si sinn dann zu Diddeleng an ech ka mer virstellen, dass se och dann d'Dier vun deem engem oder anere Geschäft drécken, wat eise Geschäftsleit da finalement weiderhëlleft. An ech ka mer nëmme wënschen, dass d'Madamm Hames hir véier Méint hei glécklech verbréngt, a firwat net, wann se och nach effektiv e groussen Erfolleg huet, wéi se seet, et weess ee jo net, vläicht nach déi Saach verlängert an dann hu mir eeben zu Diddeleng en Tütüsbuttek an dat hunn se anzwousch anescht net an ech denken, och dorobber kënne mer stolz sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci dem Alain Clement fir seng Stellungnam. Sinn nach weider Wuertmeldungen? Dat schéngt net de Fall ze sinn, da géif ech proposéieren, dass mer driwwer ofstëmmen. Als éischt iwwert d'Resiliatioun vum Contrat de bail. Wien ass mat där verstanen? ***Dat ass unanime.*** Villmools Merci. An dann iwwer d'Approbatioun vum Contrat de bail mat der Madamm Hames. ***Dat ass och unanime***, ech soen Iech villmools Merci.

**2.5. Approbatioun vun engem Kafvertrag mat der Koppel Henri Umberto Contato an Evelyne Michele Joly iwwer sechs Grondstécker op der Route de Kayl**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da komme mer op den nächste Punkt, dat ass d'Approbatioun vun engem Acte de vente mat der Koppel Contato a Joly an der Käler Strooss. Do ass d'Stad Diddeleng Proprietärin vun enger klenger Sträif. An d'Keefer sinn den Här Contato a d'Madamm Joly. Dat sinn Null Komma eenasechzeg Ar. Ech mengen, Dir hutt et och an den Dokumenter gesinn, dat ass eng ganz kleng Sträif beim Trëttoir. Si kafen déi of am Kader vun enger Baugeneemegung, déi mer och schonn an der Bautekommissioun haten, fir effektiv sechs Maison-unifamiliallen do kënnen ze bauen. Dat wat si der Gemeng ofkafen, dat sinn Null Komma eenasechzeg Ar. Hei si mer an enger Situatioun, wou mer nonzegdausend Euro den Ar froen. Mir baséieren eis do och op Akten, déi mer 2021 haten, sou dass an dësem, Akt dann d'Gemeng, Diddeleng als Verkeeferin véierafofzegdausendnénghonnert Euro kritt, fir och dann an d'Gemengekeess ze huelen an et sinn am Fong sechs Parzellen an der Käler Strooss, déi mer do verkafen, fir dass dann dee Logementsprojet do kann dann eng Realitéit ginn.

Dat zu den Ausféierungen, wat dësen Acte de vente do geet. Huet de Gemengerot Remarken oder Froen dozou? An ass dat net de Fall, kënne mer dësen Acte de vente dann esou approuvéieren. ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci.

**2.6. Grondbesëtz – Approbatioun vun notarielle Verkafsakten**

*2.6.1. Koppel Robert Arnscheidt a Sonja Marie Eugénie Norberte Ney, rue Jean Friedrich.*

*2.6.2. Här Joseph Righetto, 18, rue Jean Friedrich.*

*2.6.3. Madamm Marie Rose Weber an Här Andy Johny Millim, Rue Jean Friedrich 28.*

*2.6.4. Madamm Gina Suzanne Mathilde Conter, 30, rue Jean Friedrich.*

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da komme mer eriwwer bei eng Rei Emprisen. Also, déi éischt Emprise, also wou mir d'Acquisitioun vun Emprisë wéi gesot maachen, dat ass an der Friedrichstrooss. Ech mengen, Dir wësst, dass mer schonn am leschte Gemengerot eng Rei Emprisë kaf hunn an der Friedrichstrooss, soudass mer dann och do ganz Proprietär gi vun der Strooss. Dat ass jo an ëffentlecher Hand an deementspriechend ass et dann net méi a privater Hand.

Déi éischt Emprise ass mam Här Righetto. Mir bezuele jo ëmmer do siwenhonnert Euro den Ar. Hei ass null Komma siwenanzwanzeg Ar, dat sinn dann honnerteenasiechzeg Euro. Dann, deen zweeten notariellen Akt ass mat der Madamm Weber a mam Här Millim. Dat sinn Null Komma nénganzwanzeg Ar an dass dann e Präis vun zweehonnertdräi, Euro. Den drëtten Akt ass och an der Rue Jean-Friedrich op Nummer drësseg an dat ass mat der Madamm Conter. Dat sinn null Komma fënnefanzwanzeg Ar fir de Präis vun honnertfënnefasiwwenzeg Euro.

Dat sinn also déi Akten, déi mer maachen an déi Emprisë kommen dann an d'Voirie publique eran. Dat sinn déi klassesch Emprise-Akten. Ass de Gemengerot, mat deenen Emprisen averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech lech villmools Merci.

**2.7. Approbatioun vum Devis fir den Austausch vun der Heizungs- a Lüftungsreegelung mat GLT (Gebäudeleittechnik) an den Austausch vun de Verdeelerpompele fir d'Heizkierpervirleef am Schoulgebai Ribeschpont.**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da komme mer op den nächste Punkt iwwer, dat ass den Devis, wat d'Erneiere vun der Regulatioun vun der Chaufferie an der Ventilatioun mat engem Gebäudeleittechniksystem ugeet an dat an der Schoul Ribeschpont. Ech mengen, Dir hutt och do vun eisem zoustännegen Techniker déi néideg Erklärungen awer kritt nieft dem Devis, deen hei ze approuvéieren ass, also en Devis vu siechzegdausend Euro fir an der Schoul Ribeschpont. An am Fong konnt Dir jo noliesen, dass den Avantage ass, wann een esou e Light-System oder esou eng Light-Technik huet, fir am Fong d'Reegelungen am zentrale System kënnen ze verwalten, sief dat Heizung, Beléftung, Klimaanlagen och d'Beliichtung an och d'Sécherheetssystemer.

Ech mengen, mir probéieren, insgesamt a besteeënde Gebaier déi dote Reegelung anzeféieren. Bei neie Gebaier ass se schonn d'office geplangt. Ech mengen, och rezent Devisen, déi mer hei am Gemengerot haten, dat war Däich, Gafelt, Strutzbierg, do hu mer déi schonn och virgesinn. An déi neie Gebaier, wou se d'office ass, zum Beispill an der Maison Relais Ribeschpont, an der Schoul Lenkeschléi, um Strutzbierg, do ass et schonn d'office geplangt. A wéi gesot, mir probéieren à fur et à mesure dat opzeschaffen, wou mer dann déi al Reegelung ersetzen duerch déi nei Reegelung an hei ass dann elo d'Schoul Ribeschpont.

Dat sinn déi néideg Erklärungen, wat dësen Devis ugeet. Huet de Gemengerot Remarken oder Froen dozou? A wann dat net de Fall, kënne mer dann dësen Devis unhuelen. ***Dat ass unanime.*** Da soen ech lech villmools Merci.

**2.8. Approbatioun vum Devis fir d'Ëmbenotzung vun engem Deel vun der Maison Relais an der fréierer Garage vum Portier an der Schoul Gaffelt.**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da komme mer op den nächste Punkt eriwwer. Dat ass en Devis estimatif fir effektiv d'Reaffectatioun vun engem Deel vun der Maison Relais, respektiv déi fréier Garage vum Conciereg vun der Gaffelter Schoul. Do begréissen ech och hei an eiser Ronn eise Mataarbechter, de Joël Freitas, a fir och e bësse méi op deen dote Punkt anzegoen, géif ech hei dem Josiane déi Bartolomeo-Ries d'Wuert ginn.

JOSIANE DÉI BARTOLOMEO-RIES : Jo, villmools Merci. Den Erni Hoffmann wäert och an zwou Minutten hei sinn. Et geet jo ëm d'Reorganisatioun vun der Maison Relais. Hei ass wäitaus méi wéi nëmmen en Ëmbaue vun enger Garage, de Joël Freitas wäert eis herno e bëssen de Projet am Detail erklären. Wat hei extreem wichteg ass, dat ass, dass mer duerch déi Reorganisatioun de Precoce eriwwerhuelen iwwert d'Maison Relais an och d'Ëmännerunge vun de Klassesäll, déi iwwert der Maison Relais waren, datt mer déi ëmbauen als Multifunktiounsraim, déi souwuel vun der Schoul wéi awer och vum SEA kënne genotzt ginn. Ech mengen, dat erméiglecht eis, dass mer wäitaus méi Kanner kënnen eranhuelen an d'Maison Relais, wéi dat bis elo de Fall war. Bis elo hate mer honnertsechsandrësseg Kanner, mir wäerten elo, wann d'Aarbechte fäerdeg sinn, a mir hoffen, datt déi no der Summervakanz fäerdeg sinn, da wäerte mer eng zweehonnert Kanner erakréien.

Dat bedeit, dass mer eigentlech déi Transporter, déi mer bis elo haten - ech mengen, d'Fro war och opkomm an der Schoulkommissioun - mir féieren, ganz vill Kanner an de Ribeschpont, fir mëttes do z'iessen, an och op de Strutzbierg. Ech mengen, datt mer déi Transporter da kënnen ofschafen, dat wär fir eis an och fir d'Kanner vu Virdeel. Den Ëmbau vun der Garage, deen ass am Fong mat derbäikomm. Mir hunn Enn 2022 en Aarbechtsgrupp gemaach, SEA zesumme mat der Schoul an och mat den zwou Direktiounen, déi ëmmer derbäi waren, fir e bëssen d'Ëmännerung am Gebai eng Kéier ze maachen, well eigentlech ass ëmmer bäigebaut ginn an et ass net wierklech eng Kéier sou e ganzt Konzept op

d'Schoul geluecht ginn. Et ass gesot ginn, dee kritt dee Sall, déi kritt deen ...

Bon, duerfir hu mer deen Aarbechtsgrupp gemaach. Deen huet och ganz gutt funktionéiert an du koum derbäi, dass am Fong de Portier am Laf vum Joer aus der Wunneng erausgeplënnert ginn ass an doduerch och d'Garage fräiginn ass. An du koum mer eigentlech och d'Iddi vum Här Freitas aus, dee gesot huet, majo komm mir kucke mol mat der Garage, kënne mer déi vläicht ëmbauen als Büro. Dat heescht, de Moment ass et eng Garage, mee mir wäerten do eng Fënster dra kréien. Dat wäert Dir elo alles beim Projet gesinn, deen den Här Freitas eis ka virstellen.

Wat mer awer och hunn, an do gesäit een, datt d'Inklusioun eng extreem grouss Roll bei eis spillt. Mir hunn och elo déi PMR-gerecht Toilette am Gebai, mir hunn och elo e Lift, dat heescht et ass och méiglech, datt jiddwereen op den éischten oder zweete Stack kënnt.
Mee ech mengen, Ech géif elo mol dem Joël Freitas d'Wuert ginn. Dir hutt de Plang zwar virleie mam Devis, alles ganz detailléiert, also méi detailléiert geet et net an ech géif dem Joël Freitas elo d'Wuert ginn. Merci.

JOËL FREITAS (SERVICE VUM ENTRETIEN VUN DE GEMENGEGEBAIER): Merci fir d'Wuert a gudde Moien. Ech ginn eng Kéier kuerz op den Aperçu vum Gebai an. Mir hunn u sech d'Haaptgebai, dass dat rout Gebai, wat elo um Rand ass, dat ass deen alen Deel, wou och elo d'Fassad neigemaach ginn ass a wou d'Aarbechten nach finaliséiert ginn. Dunn ass 2003 d'Extensioun komm. Dat ass an der Rue Gaffelt, dee viischten Deel am bloen. Do hu mer u sech eng Mixitéit Schoul an eng Maison Relais. Deen orangen Deel 2015 ass direkt hannendru gebaut ginn, dat ass reng Maison Relais aktuell. An déi lescht Annex, déi 2017 bäigebaut ginn ass, do hu mer dann de Precoce mat der Maison Relais dran.
An dee Karo hannen, deen donkelbloen, dat ass dann u sech elo de Lift, dee bäikënnt. An dee viischten Deel, zu der Rue Gaffelt, do hu mer am bloen Deel, do gesäit een déi nei Affektatiounen, dat heescht, mir hunn enger, deen, deen hënneschten Deel ass do, wou d'Garage aktuell nach ass, dee gëtt dann ëmdisponéiert als Büro, Bürosdeel.

Dann, wou aktuell am Fong de Büro ass vun der Maison Relais, dat gëtt e Relaxatiounsraum, dee kreéiert gëtt. An alles, wat elo blo gesträift ass, dat ass de Bestand, d'Maison Relais, dee ganze Rez-de-chaussée war u sech Maison Relais, dat heescht, mir kreéieren eng Kéier d'Garage als Büro a wou aktuell de Büro ass, entsteet dann eng Raimlechkeet fir d'Maison Relais. Um Rez-de-chaussée, d'Haaptentrée, ass u sech eng Trennung virgesinn, dat heescht am Moment hu mer och e bësselchen de Problem mat de Fluxen, dat heescht wann d'Elteren hir Kanner siche kommen, d'Entréessituatioun ass net ganz glécklech, dofir gëtt do e ganz neie Mobilier virgesinn, dee Mobilier ass u sech geduecht, fir d'Trennung ze maachen, wann een d'Kanner ofhëlt, awer och fir d'Jacketten an d'Kleeder opzehänke fir d'Kanner.

Dee viischten Deel, do hu mer u sech zwee Säll, déi blo sinn, dat sinn nei Kreatiounen, d.h. vir fir d'Maison Relais, aktuell ass do eng Schoulklass dran. Am gréngen Deel ass dann déi nei Precoce. Do gëtt en Duerchbroch gemaach. Et sinn zwee Säll an aus deenen zwee Säll kreéiere mer ee Precoce-Raum. Dat gesäit een an deem rouden Deel vun der Annex, wou aktuell jo d'Precoce ass um éischte Stack, an änne gesäit een d'Schoul. Dat heescht, dat sinn am Fong déi véier Schoulklassen, déi aktuell vir sinn an der Rue Gaffelt, déi kommen dann als rout Surface hannen hin.

Hei ass e bëssen d'Situatioun vun deenen zwee Klassesäll. Dat heescht, deen hënneschten, déi hënnescht Annex, do ginn, bon, wat aktuell Precoce ass, dat war dann ee grousse Sall aus deenen zwee. Déi Säll ginn erëm opgetrennt, déi Tëschewand gëtt zougemaach an do kommen dann nei Tafelen, neie Mobilier dran, fir Schoul ze halen, fir de Cycle véier. Dee viischten Deel, do kënnt jo dann d'Maison Relais, dat sinn déi zwee Virraim, dat ass – an dat notzt d'Maison Relais zum Deel och elo schonn - ee Sall, well dee fräi ass. An do, wou elo den Duerchbroch ass zwëschent deenen zwee Säll, dat ass u sech de genaue Mobilier, sou wéi en an der Precoce haut dran ass, dee switcht dann u sech vir hin.
Am Albau gëtt eng nei Kreatioun gemaach vun engem WC-PMR mat engem Wéckeldësch, dat heescht, dat ass u sech eng Demande fir de Precoce gewiescht, well aktuell hunn se jo am Fong keen appropriéierte Raum, wou se kënnen d'Kanner frësch maachen oder eng Kéier mol e Kand duschen, an dovun hu mer profitéiert fir dann och en neie PMR ze bauen, eng nei Toilette.

Planningsméisseg ass virgesinn, dass mer elo schonn Ouschtere missten déi Aarbechte maachen an der Rue Gaffelt, dat heescht, fir deen Duerchbroch ze preparéieren, dee géif dann och iwwert d'Vakanz gemeet ginn, sou dass mer elo verschidden Etappen da mussen an der Ouschtervakanz maachen, mat Plënneraktiounen, wou dann ee Klassesall, dee viraus ass, dann hannenhi kënnt an dann och Upassunge vum Mobilier ze maache sinn, éier mer da kënnen iwwer de Summer dann déi ganz Toilette frësch maachen. Mir mussen dee Moment och d'Toilettenhéichten all upassen, well an der nächster, dat ass jo de Precoce, dat sinn déi kleng Kanner. Wann déi elo vir hi kommen, ginn déi Toiletten dann ugepasst. Dat sinn Aarbechten, déi wierklech just an der Vakanz kënne gemeet ginn, well soss d'Toiletten zou wieren. Dat heescht, do switche mer elo e bëssen hin an hier, fir de Projet kënnen ze finaliséiere fir de 15. September.

Vum Budget hier ass et esou, dass mer fir den Amenagement vum Precoce eenanzwanzegdausend Euro virgesinn hunn. Dat sinn eeben déi Aarbechten, den Duerchbroch kreéieren an esou weider. Mir hunn, an dann den Amenagement vun de Säll, dat sinn am Fong déi Duerchbréch, déi do sinn, fir déi zouzemaachen. Mir hunn d'Upassunge vun de Miwwelen ze maachen. Dann d'Adaptatioun vum Sanitaire, dat sinn eeben déi Toilettenhéichten upassen a mir hunn déi Kreatioun vum PMR, vum Sanitaire, fir zweeavéierzegdausend Euro.

Déi Transformatioun vun der Garage, dat ass fir nonzegdausend Euro, dat heescht, do ass u sech alles virgesinn, wéi och Installatiounen, Ventilatioun, Hëtzen, Plaffongen, Biedem maachen. Et ass am Fong e klenge

Projet, wou mer op de Stand musse bréngen, fir e Büro kënnen draus ze maachen.

Fir kënnen eeben déi Transportsituatioun ze reegelen, dass ee manner Kanner muss op de Ribeschpont féieren an op de Strutzbierg, ass et esou, dass am Rez-de-chaussée fir den C1 en neie Buffet amenagéiert gëtt, mir kënne bis zu néngasechzeg Kanner - dat ass also d'Surface brute – ëmgerechent si mer op néngasechzeg Kanner a Surplus - fir déi och kënnen an der selwechter Qualitéit iwwer d'Mëttesstonn ze empfänken, ass dann en neie Buffet virgesi fir am CE1. An dann hu mer nach vereenzelt Mobiliere virgesinn, wéi elo déi Entrée, wou dann e Miwwel gebaut gëtt mat Vestiären. Voilà, an dat Ganzt wier dann dräihonnertdausend Euro.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci dem Joël Freitas fir d'Presentatioun. Ech begréissen och den Erni Hoffmann, dee elo hei ass, géif him och vläicht d'Wuert ginn, wann e puer Explikatioune wëll ginn, well et en direkten Impakt huet op d'Maison Relais.

ERNI HOFFMANN (CHEF DE SERVICE VUM SEA): Jo, absolut. Dat éischt wat ech wollt soen, wat wierklech flott war, dass mer an engem Grupp de travail zesumme mat der Schoul dat do konnten elaboréieren an dass mer do eigentlech eng Triple Win Situatioun konnte kreéieren, virun allem fir d'Kanner a fir d'Familljen.D'Kanner, déi net méi mussen an der Vakanz, an de Mëttestonne bougéieren. Déi Mëttestonne reduzéieren sech jo op enorm vill am Bus, net raschten, virun allem déi dräi Mëtteger, wou se erëm zeréck an d'Schoul ginn.

Natierlech e Gain och fir d'Schoul, well mir en anere Gruppement hunn, an och natierlech fir d'Maison Relais, well mir mussen lech virstellen, sou wéi d'Konstellatioun virdru war, owes d'Ofhuelsituatioun, duerch d'ganzt Gebai rennen, dat spillt och dem Nettoyage entgéint, dat sinn zwar nëmmen Detailer, mee awer och rëm der Fonctionnalitéit a fir d'gutt Schaffen, fir jiddwereen ass dat vill méi einfach, mir hunn elo alles, wat dat dann elo alles realiséiert ass, viraus an dann ass och d'Ofhuelsituatioun owes vill méi einfach, fir d'Kanner erbäizekréien. Voilà, awer virun allem och, wann een dann erëm an engem Groupe de travail méi enk zesummeschafft, dann entdeckt een, dass ee sech awer nach besser kenneléiert an dat ass ëmmer bénéfique fir d'Ambiance an engem Gebai an dat ass wierklech d'Plus-value, déi nach hannen erauskënnt.

An do ginn natierlech nach aner Theemen, och wéi d'Kollaboratioun, d'Kommunikatioun, d'Zesummenaarbecht, souwisou ugeschwat, mee hei war elo ee vun den dräi grousse Feiler, niewent och de Kannerrechter, déi mer d'lescht Joer nach do am Gebai nach méi behandelt haten, an dat ass wierklech eng flott Saach. Fir d'Echeance hat de Joël Freitas e bësse gesot mat den Aarbechten, deen Echelonnage, dee muss eeben dee sinn, deen et ass, well mer eigentlech an enger Funktionalitéit vun enger Schoul sinn, zu de Schoulzäiten an an de Vakanze kënne mir eis e bëssen ... mir sinn zwar um Site, mee mir hunn däitlech manner Kanner wéi an der Schoulzäit, dat heescht, mir kommen do laanscht eneen, och am Summer.

Sou dass mer awer eng Visite vum Ministère eréischt kënne maachen, wann alles installéiert ass, an dat gëtt Enn August oder Ufank September, an dat ass dann ëmmer e bësse méi sportlech, mee dat wäert scho klappen. Dat kënnt da schonn eran, voilà, si sinn och do mat Nobesserungen oder wann nach vläit verschidde Materialien net konnten installéiert sinn, kommen se eis awer ëmmer entgéint an dat wäert da klappen, dass mer wierklech déi Transporter do kënnen hoffentlech ganz op Null erofsetzen, dat wier d'Zilsetzung. Mee mir musse waarde wat si natierlech determinéieren, well si ... Mir kënnen elo d'Quadratmetere rechnen an duerch dräi dividéieren a soen, dat sinn esou vill Plazen, mee ech mengen d'Realitéit ass esou, si sinn déi, déi, herno d'Zünglein an der Waage sinn. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci och nach fir déi doten Ausféierungen. An da géif ech elo mol d'Diskussioun opmaachen, ausser d'Josiane déi Bartolomeo-Ries huet nach Punkte bäizefügen? Dat ass net de Fall, da géif ech d'Diskussioun opmaachen, den Här Steffen an dann d'Madamm Kayser hunn d'Wuert.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert, dat doten ass fir eis dat perfekt Beispill, fir ze weisen, dass een aus enger Garage oder enger Stellplaz méi ka maachen, wéi just Blech ofzestellen. Dat als klenge Witz esou um Rand. Mir begréissen dat doten immens, well jo och de Planning vun den Aarbechten an de Vakanzen ze maachen, de Schoulbetrib minimal just ze affektéieren, dat ass e groussen Exercice, dee vill Koordinatioun verlaangt, dofir deenen zoustännege Servicer e Merci. Och e Merci un den Aarbechtsgrupp wou d'Enseignanten an och d'Educateuren aus dem SEA an eeben och aus der Schoul zesummen sech d'Käpp wond geduecht hunn.

Ech war deelweis mat derbäi an et war wierklech net ëmmer einfach, fir déi béid Interêten dann ze vertrieden. Ech mengen, et ass gelongen, hei ass eng wonnerbar Léisung fonnt ginn, wann ee bedenkt, en Agrement eropzesetze vun - bon, en ass jo net eropgesat, mee fir ze envisagéieren en eropzesetze vun honnertsechsandrësseg op zweehonnert Kanner, dat ass richteg staark an dat wäert en Impakt hunn op déi ganz Betreiungslandschaft zu Diddeleng. Ech mengen, déi grouss Demande u SEAsplazen allgemeng uechter d'ganzt Land an och zu Diddeleng, dat wäert scho vill Familljen och soulagéieren an eeben och d'Kanner. Ech mengen, den Erni Hoffmann hat virdru gesot, sou eng Mëttespaus mat Bus „Maacht eng Rei, gitt an de Bus, sëtzt lech dohinner, sidd roueg, net lafen, net schéissen...", dat ass immens ustrengend fir Kanner, déi schonn dee ganze Moien hu missen an enger Schoul Reegelen nolauschteren, fir dann an der Mëttesstonn deen dote Stress ze hunn, ech mengen, dat wäert jidderengem zeguttkommen. Dofir e grousse Luef.

Op där anerer Säit schaaft et jo dann och Méiglechkeeten op de Sitte Ribeschpont a Strutzbierg, déi jo dann entlaascht wäerte ginn duerch déi Kanner, déi net

méi mussen dohinner goen, dat heescht och si wäerten dovu profitéieren. Vun eis, tipptopp, a Merci fir déi Aarbecht.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert. Ech ka mech deem nëmmen uschléissen, wat den Här Steffen gesot huet, virun allem och déi Koordinatioun tëschent Aarbechtsgrupp, Schoul a Maison Relais an dann nach eise technesche Servicer hei vun der Gemeng, e grousse Bravo, dass Dir dat, sou flott am Konsens da konnt, decidéieren, wéi mer do virumaachen. Et muss ee jo och soen, d'Gaffelt ass einfach limitéiert vum Site, dass mer kënnen net méi maache wéi dat, wat mer hunn. Mir musse mat deene Meedercher danzen, déi mer hunn, mat deene Quadratmeter danzen, déi mer hunn, mee ech denken, et ass awer flott, wann een awer mol rëm heiansdo esou Saachen a Fro stellt a kuckt, dat kënne mer nach besser maachen, wéi de Flux vun de Precoce-Kanner an esou weider. Dat ass eng gutt Saach.

A virun allem begréisse mir och explizitt, dat hu mer ëmmer e bësse monéiert, dass esouvill Kanner an der Mëttesstonn hu misse mam Bus hin- an hiergefouert ginn, an et ass genau, wéi den Här Steffen seet, dat ass net flott fir d'Kanner, wann s de der muss virstellen, wa mir Erwuessener keng richteg Mëttesstonn hunn, wou s de och mol kanns an dee Rouraum, deen och elo soll agefouert ginn, goen, fir einfach mol Beine hoch an eng Kéier d'Aen zouzemaachen an einfach mol ze entspanen, mee dann déi Zäit „verplempers" ass an engem Bus, fir vun engem Site op deen aneren ze fueren, dat ass net flott an dat ass grad fir eis ganz kleng Kanner sécher eng grouss Belaaschtung. Ech hu just nach eng oder zwou Froen. Beim Devis vun der Transformatioun vum Garage, d'Madamm déi Bartolomeo hat gesot gehat, do kënnt eng Fënster hin, déi fannen ech elo hei am Devis awer net erëm, dat ass jo awer och net e Posten, deen näischt kascht.

Da wollt ech kuerz awer och en Denkustouss ginn - oder vläicht ass dat och schonn, huelen ech un, consideréiert ginn - wa mer de Raum PMR mat enger Dusch an enger Wéckeloplo konzipéieren, dass mer och kucken, dass déi Wéckeloplo grouss genuch ass. Mir hunn och Kanner mat engem Handicap oder, well mer jo och vill Inclusioun maachen, och an eise Maison Relaisen, an do hu mer oft Kanner, déi méi grouss si wéi ee Meter zwanzeg, do geet et net mat enger normaler Wéckeloplo duer, do musse mer - denken ech - awer och esouwäit denken, dass mer awer och méi grouss Kanner, déi vläit awer eeben nach net propper sinn oder ni wäerte propper ginn, dass mer déi awer och do adequat kënne wéckelen, net dass mer déi awer mussen um Buedem wéckelen, wéi et soss ëmmer de Fall war. Mir haten dee selwechten Denkustouss jo och gehat wéi mer d'Sanitärinstallatiounen an de Schwämme konzipéiert hunn, do hate mer dee Gedanken och mat op de Wee ginn.

Dofir ass meng Fro just, ob dann deem och Rechnung gedroe gëtt? An dann hoffe mer natierlech, dass de Ministère eis den Agrement och gëtt, sou wéi mer eis dat virstellen, an dann, wéi gesot, d'CSV begréisst dat heiten natierlech och explizitt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Kayser.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Jo, Merci, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot. Jo, natierlech, wann ech dat dote gesinn, da sinn ech natierlech hin und weg, dat ass jo kloer. Ech mengen, ech hu véierandrësseg Joer an deem dote Gebai verbruecht. Ech hunn e ganze Koup Initiativen zesumme mat de Kolleegen ergraff fir iwwerhaapt emol déi Annexen do ze kréien, dass mer déi konnten deemools bewëllegt kréien. Natierlech, dat heiten ass elo déi lescht Kiischt um Kuch gewiescht, fir effektiv dat heiten nach ze maachen. Dat ass super.

Mir kréien effektiv duerch deen dote Planning, duerch déi Reorganisatioun, déi Reaffektatioun, elo effektiv de ganze Volet SEA no vir, dat heescht ofgetrennt e bësselche vum Schoulbetrib. Dat ass an där Hinsicht ganz positiv, dass - wéi mer elo grad scho gesot hunn - effektiv de Flux, dat Gerenns duerch d'Gebai, datt deem definitiv elo en Enn gesat gëtt, awer och net nëmme wärend der Schoulzäit, mee och nach wärend de Schoulvakanzen. Mir kënnen effektiv elo d'Dieren zouspären tëschent dem SEA an der Schoul. An deenen Zäiten, do ass dat jo ganz gutt. Dat heescht, d'Kanner ginn eis net méi esou duerch d'Gebai ronderëm, d'Eltere brauchen och souwisou net do duerchzegoen, mee awer, mir haten awer och scho mol eng Kéier an der gudder waarmer Zäit, wa mol eng Kéier d'Dieren opstoungen, deen een oder deen aneren, deen sech do verlaf huet an och mol eng Kéier duerch d'Gebai gezunn ass.

All déi Saache kréie mer elo an de Grëff an, wéi den Erni Hoffmann dat och scho virdru gesot hat, och nach déi aner Funktionalitéit dovun, dass herno d'Botzfraen natierlech och e klenge Méiwäert vun der ganzer Saach hunn, dat ass och net vun der Hand ze weisen. Soss war et dann ëmmer e bësselche gebotzt ginn an da sinn erëm eng Kéier sou vill Kanner aus dem Schoulhaff eropgelaf, duerch déi ganz Gäng, dann hunn dann do d'Botzfraen alt erëm missen eng Kéier hannendru goen. All dat gesäit een elo e bëssen als minimalistesch un , mee trotzdeem, et huet awer och schonn e groussen Impakt.

Jo, natierlech, wann een dann elo kuckt, déi Präisser do, déi dräihonnertdausend Euro, dat ass schonn e bësse Geld, an awer muss ech soen, fir siechzeg nei Plazen agrementéiert ze kréien, wann ech dat dividéieren, also fënnefdausend Euro, graff geschwat, da muss ech soen, dass ech mech net kann erënneren, dass mer jee eng Kéier esou bëlleg Plaze geschaf hunn. Joël, Du wénks och, well Du weess och genau, wat mer schonn investéiert hunn a wat eng Plaz, wann nei gebaut gëtt, am SEA kascht. Voilà, also wierklech eng super Saach. Do gëtt alles ausgenotzt elo, déi Iddi elo fir dee Büro ze verleeën, bréngt dann och nach erëm e puer Plaze méi am Iessberäich. Dat Ganzt, wéi et elo schonn um Plang ausgesäit, gesäit wierklech ganz, ganz flott aus, alles beieneen, d'Fonktiounsssäll, plus dann, wéi gesot, dee

grousse Gain fir d'Kanner, déi net méi brauchen transportéiert ze ginn, net méi mam Bus, do sinn ech grad scho mat deenen aneren zwee Virriedner ganz dobäi, dat ass wierklech eng Belaaschtung.

Och d'Organisatioun, och de Käschtepunkt, do musse mer och e bësselchen drun denken, an dann awer och de Gain fir d'Kanner, also wéi gesot, a Rou zu Mëtteg z'iessen an dann och mol kënnen eng Kéier d'Been an d'Luucht strecken, e bësse raschten, respektiv sech e bëssen zeréckzéien, dat mécht scho ganz vill aus. Also summa summarum dat Bescht, wat mer do konnte maachen. Ech mengen, elo si mer wierklech, wann dat dote bis realiséiert ass, um Top.

D'Visitt vum Ministère, ech muss awer do nach eng kleng Anekdot soen, dass ech a menger Zäit, wéi mer deen een Deel bäigebaut hunn, wou de Joël Freitas gewisen hat, dee bloen, dat heescht, déi Funktiounssäll, wéi mer déi bäigebaut haten, do hu mer doduerch natierlech och méi Kanner an der Restauratioun krut. Do muss ech soen, do hate mer den Agrement moies um zwielef Auer eréischt kritt. Dat heescht, do war et wierklech schaarf gaangen. Mir hate Gottseidank d'Rapporte vun der ITM an den Telefon huet och Gottseidank um zwielef Auer geschellt, mee, an a fir sech war den Dësch awer scho gedeckt ënnena fir hallwer eng. Mee wéi gesot, also ech mengen, hei gëtt schonn e bësse mat méi Sputt geschafft, hei ass jo d'Ried scho vun August, dat heescht, da misst dat mam Agrement jo klappen. Also, tipptopp vun eiser Säit aus, natierlech stëmme mir deen Devis hei mat.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Zuang. Elo den Här Meyer an dann d'Madamm Carole Thoma.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Als Éischt wëll ech emol Merci soe fir d'Presentatioun an déi Explikatiounen, déi Dir ginn hutt. Ech kennen déi Schoul hei ganz gutt an ech schwätzen och reegelméisseg hei mat den Elteren, déi dann och mol deen een oder anere Besoin feststellen, deen nach an där Schoul besteet. Hei sinn sech awer elo ganz seriös Gedanke gemaach ginn an aleng schonn, fir d'Plaze vun honnertsechsandrësseg op 200 Kanner eropzesetzen, dat berouegt ganz vill Elteren. Ech fannen dat ganz gutt. Och gefält mir, dass d'Aarbechten an de Schoulvakanze gemaach ginn. Ech begréissen dee ganze Projet hei a wäert deen dann och selbstverständlech matdroen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, Merci och. Wann een sech ëmmer beschwéiert, wann een net zefridden ass, da muss een natierlech och emol unerkennen, wa gutt Aarbecht gemaach gëtt. Dat heiten ass e ganz detailléierten Dossier, mir hunn en Devis derbäi, mir hu Pläng dobäi. Dofir wëll ech mol e grousse Merci soe fir deen Dossier. Dann och e grousse Merci un d'Servicer iwwerhaapt fir déi Aarbecht, well et ass jo oft sou, da gëtt lénks gebastelt, riets gebastelt, da gëtt alles e bëssen zesummegewierfelt an dann ass heiansdo relativ vill Aarbecht awer och néideg, fir dann sech eng Kéier zesummenzesetzen. Dat huet jo hei dann anscheinend ganz gutt funktionéiert, déi Koordinatioun, fir de Projet eng Kéier a sengem gesamte globale Kontext eng Kéier op de Leescht ze huelen a mir hu jo elo schonn e puermol héieren, dass dat jo awer da fir jiddereen eigentlech eng Win-win-win-Situatioun ass, virun allem natierlech fir d'Kanner, wann déi net méi mussen transportéiert ginn.

Ech hat elo eppes net verstanen, den Här Zuang hat elo gesot, wann d'Garage ewechfält, da gëtt do méi Plaz am Iessberäich, dat hat ech elo net sou op de Pläng erkannt, well do hat ech effektiv da just d'Fro, wann elo siechzeg Kanner bal bäikommen, ob dat am Iessbereich nach ëmmer fonctionéiert, ob do genuch Plaze sinn? Ech weess net, ob dann an Etappe warscheinlech giess gëtt. Dat war elo dat eenzegt. Dat anert, mir haten och gesinn, dass elo dann ee Klassesall eigentlech verluer geet an un d'Maison Relais geet, mee do hate mer an der Schoulkommissioun scho gesot kritt, dass dee Klassesall net gebraucht gëtt de Moment an dass een do och ka flexibel tëscht der Maison Relais an der Schoul eebe kucken, wien dee Sall méi brauch. Do mierkt ee jo dann och erëm, dass do jo d'Kommunikatioun relativ gutt ze funktionéiere schéngt, an ech menge, esou misst et am Fong iwwerall sinn an dofir begréisse mir dee Projet natierlech an e grousse Merci un all eise gudden Zerwisser.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Carole Thoma.

LUISA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Also, ech wollt och nach eng Kéier villmools Merci un all d'Zerwisser fir déi super Aarbecht soen. Mir schléissen eis och un a begréissen natierlech och dëse flotte Projet an der Gaffelter Schoul a mir stëmmen och dësen Devis da mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Ginn et soss nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da géif ech vläit d'Wuert zeréckginn un de Joël Freitas, respektiv den Erni Hoffmann an dann un d'Josiane déi Bartolomeo-Ries.

JOËL FREITAS (SERVICE VUM ENTRETIEN VUN DE GEMENGEGEBAIER): Jo, fir op d'd'Fro ze komme mat der Transformatioun vun der Garage, et ass esou, dass et virgesinn ass, am Detail vum Devis gesäit een déi Aarbechten, déi Menuserie-exterieuren an dat ass fir eelefdausendsiwenhonnert Euro, an dat ass fir déi Fënster. Deen Deel vum Wéckeldësch, do hu mer eis effektiv Gedanken driwwer gemeet. Et ass esou, wat eis elo wichteg war, dat ass, dass d'Kanner kënne selbstänneg op de Wéckeldësch eropkommen, dat heescht, dass en eng Träppchen huet, déi een erauszéie kann. Dat ass hei de Fall. An de Wéckeldësch huet eng Mooss vun engem Meter, sou dass een eigentlech gutt kann domat fonctionéieren. A mir hunn e Lavabo direkt drun integréiert, dass dat an engem ganze Miwwelstéck ass, dat heescht dee ganze Miwwel mam Lavabo huet ee Meter siwwenzeg, sou dass mer am Prinzip do gutt ofgedeckt sinn.

D'Iesssituatioun iwwert d'Mëttesstonn ass u sech sou, dass do wou aktuell haut de Büro ass, dee Raum, dee bäikënnt, dat heescht dat ass eng Surface fir dräi, véier Kanner, déi bäikommen. An et ass u sech deen ënneschten Deel, den Null zweeanzwanzeg, dat ass de Raum ënnen ënnert deem bloen Deel an do gëtt reng fir den C1, fir datt déi kënnen iwwert d'Mëttestonn iessen, e Buffet installéiert. Dat heescht d'Kanner vum C1 ginn da getrennt vum deem groussen C3. Et ass elo net, dass am Büro, wou haut de Büro ass, do giess gëtt, mee et erméiglecht am Fong, dee grousse Raum ze entlaaschten an dann do eng Iesssituatioun ze kreéieren. Merci.

ERNI HOFFMANN (CHEF DE SERVICE VUM SEA): Ech ka vläit fir den Oflaf vun der Maison Relais, just well mer grad beim Theema si vun der Iesssituatioun. Also, et ass esou, dass een eigentlech an enger optimaler Struktur, déi grouss ass, wou ee vill Plaz huet, wou ee vläicht nach net ganz opgefëllt ass mat Kanner, sécherlech oppe schaffe kann. Dat oppe Schaffen, dat ass sécherlech en Theema op ville Plazen. Ech weess net ob ëmmer d'Definitioun bei de Leit och ëmmer déi selwecht ass, déi doriwwer schwätzen. Oppe schaffen heescht eigentlech, dass d'Kanner kéinten eigentlech esou wéi se Honger hunn oder Loscht hunn, an der Mëttesstonn spillen oder iesse goen.

Wann een natierlech a Strukture kënnt a mir kommen hei an eng Situatioun, wéi mer och wäerten an d'Zukunft an der Struktur kommen, wann et schonn ufänkt, sech richteg gutt ze fëllen, da kann een och hallef oppe schaffen. Dat heescht, et ësst een an Duerchgäng, dat definéiert een e bësse mat der Zäit a mir hu jo elo zwee Refectoiren, dat heescht, déi Kleng, déi kënnen do ofwiesselnd iessen, déi brauchen am Ufank méi laang. Och de Precoce, dat heescht, dat éischt Trimester ass richteg spannend.

An déi Grouss, do geet dat e bësse méi gleitend, mee do kann een awer e bësse kucken, wéi een déi zweehonnert Kanner duerch kritt. Dat ass largement machbar mat där Fläch, déi mer hunn an deenen zwee Raim, awer da geet schonn dohinner, dass en awer an Duerchgäng ësst an dass d'Kanner dann eeben ëmmer déi aner Hallschent vun der Mëttesstonn da kënne fräigestallt ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. D'Wuert geet un d'Josiane déi Bartolomeo-Ries.

JOSIANE DÉI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Villmools Merci. Och emol Merci fir d'Ënnerstëtzung, mengen ech, vum Gemengerot. Ech wëll just nach ganz kuerz soen, heiansdo muss ee Saachen a Fro stellen, an net ëmmer nëmmen an esou enger Schinn, an elo baue mer méi oder nei Strukturen. Hei hu mer eng besteeënd Struktur, déi duerch fir mech awer 300.000 Euro, wéi den Här Zuang et gesot huet, eigentlech mat engem relativ klenge Budget kënne mer hei vill, vill Plaze schafen. D'Fënster, ech mengen, de Joël huet et erklä-ert, e Büro däerf och net ouni Fënster sinn, also mir kënnen net einfach Leit an eng Bëtongskëscht setzen. Ech mengen, dat erlaabt d'Gesetz och einfach net.

Dann, just d'Waardeléscht, ech wëll do awer eppes kuerz soen, ech mengen, den Här Meyer huet gesot, hie géif ëmmer mat de Leit schwätzen, also, et ass net sou, d'Leit kommen och elo op eng Waardeléscht, ne. Ech mengen, mir musse jo ofwaarden, ob mer am September den Agrement esou mat där Capacitéit dann och ugerechent kréien, dat heescht d'Leit ginn am Ufank zwar nach op d'Waardeléscht gesat, mee mir kënnen se dann, souwéi d'Aarbechte fäerdeg sinn, huele mer se dann eran, et ass elo net fir ze soen, ah, elo si mer awer op enger Waardeléscht.

An dann e lescht Wuert. Ech mengen, dee Projet ass elo nach net fäerdeg, mee d'Portierswunneng, och do wäert dat kënne fir d'Personal, awer reng fir d'Personal, net fir d'Kanner gebraucht ginn. Si sinn amgaangen, och do an deem Aarbechtsgrupp weiderzeschaffen, fir ze kucken, wat maache mer do, wat fir eng Säll. Och eist Botzpersonal soll do e Sall kréien, wou si sech kënnen ophalen. Dat liberéiert alt erëm eng Kéier kleng Säll an der Gaffelt selwer, wou kënne genotzt gi fir Appui. Voilà. Merci.

ERNI HOFFMANN (CHEF DE SERVICE VUM SEA): Pardon, ech wollt just soen, zu der Waardeleëscht, also, et ass esou, dass mir momentan jo schonn alleguerten déi Kanner, ënnert dem Strich, wann een dat addéiert, d'Gaffelt selwer, de Strutzbierg, déi fofzéng, siechzéng Kanner, déi do ze Fouss ginn, véieravéierzeg Kanner am Ribeschpont, déi si jo momentan dobannen. An de Plang B hu mer. Also, wann iergendeppes geschitt, keng Anung, am Bau oder wat och ëmmer, da fuere mer weider en Trimester oder esou, dat ass keen Theema. Dat heescht, elo an där Phas, wou mer am Juli schonn déi éischt Dossieren accordéieren, wäerte mer och schonn dee Volume vun ongeféier zweehonnert Kanner accordéieren. Net dass d'Leit elo nervös an d'Vakanz ginn a mengen, ech kréien eréischt am September gesot, well d'Aarbechte fäerdeg sinn, kommt. Nee, nee, dat ass net esou.

Also, mir hu schonn déi zwee Pläng. Et huet natierlech eng Inzidenz, dat muss een awer och soen, op de Ribeschpont, wou mer dann d'Plazen awer musse mol fiktiv fräihalen, bis mer den Agrement am August oder Ufank September hunn, do musse mer natierlech op där Spuer fueren, wou mer elo sinn, also do, mir hunn op deenen zwou Plazen iwwerschaubar, mee reell Waardeléschten, dat sinn awer elo Leit, déi vläicht awer elo net wou jiddwereen doheem ass vun der Erwuessene, schafft, mee sécherlech ass et esou, dass mer schonn do de Plang B hunn au cas où.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, ech hat natierlech d'Fënster net a Fro gestallt, mee si steet hei net am Devis an dat ass awer eppes, déi kascht jo awer net näischt. Wat kascht eng Fënster?

JOËL FREITAS (SERVICE VUM ENTRETIEN VUN DE GEMENGEGEBAIER): Also am Devis détaillé steet se u sech dran, dat ass ënner Menuiseries extérieures, dat sinn 11.775 Euro, d'Corps-de-metiere sinn eenzel op-

gezielt ënner der Garage vun deenen 90.000 Euro, am Detail stinn se. Also, net an der Presentatioun, mee et ass am Detail. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci nach eng Kéier och fir déi dote Fro an och d'Prezisioun. Domat hätte mer den Tour gemeet. Da géif ech, proposéieren, dass mer op de Vott iwwerginn.
Wien ass mam Devis, deen hei presentéiert an diskutéiert gouf, averstanen? ***Dat ass unanime.*** Ech soen lech villmools Merci. An ech soen dann och Merci fir d'Presenz, fir dass Dir nach bleift, well et effektiv weidergeet op den nächsten Devis-estimatif.

**2.9. Approbatioun vum Devis fir d'Opriichte vun engem „Blockhaus" aus Holz fir pedagogesch Aktivitéiten um Terrain vun der Waldschoul**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Mer bleiwe bei de pädagogeschen Aktivitéiten an der Le'h, respektiv bei der Waldschoul, an do geet et ëm e Blockhaus, och ee flotte Projet ronderëm d'Wildnispedagogik, an do géif ech och dem Josiane déi Bartolomeo-Ries d'Wuert ginn.

JOSIANE DÉI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, villmools Merci. Ech hunn haut wierklech de Pleséier, nëmme ganz flott Projete virzestellen. Ech mengen, och hei hutt Dir am Virfeld alles geschéckt kritt, vun, wéi soll et ausgesinn, d'Devisen. Den Devis och mat Biller, wéi dat Ganzt soll herno do stoen. Ech begréissen natierlech och de Büro vun den Architekten, déi de Projet entworf hunn, an ech géif da kuerz op den Dossier ergoen. Et ass e Projet, also, et ass net selbstverständlech, datt eng Gemeng esou eppes mécht an esou e Budget accordéiert fir esou Projeten. Dat ass eigentlech eppes, wat eenzegaarteg ass, an ech mengen, et ginn der net vill hei am Land, déi esou eppes hunn. Mir waren der kucken, ech muss lech soen, dat ass bei Wäitem net dat, wat mer hei maachen.

De Projet, an Dir wësst et, virun e puer Joer hu mer ugefaangen, de Projet Wildnispedagogik ze maachen, en place ze setzen. Am Ufank war dat nëmme mat engem Educateur an herno hu mer dann och Schoulmeeschter bäikritt, elo si mer mëttlerweil op zweemol fofzéng Stonnen Enseignant, an awer och bei eis, den Educateur, a mir hunn elo nach en hallwen drop gesat. Heivunner, vun deem Projet, Dir waart vläicht schonn do, Dir waart schonn invitéiert am Projet, ech mengen, dat musst Dir lech selwer eng Kéier ukucke goe, wéi déi Kanner reagéieren am Alldag, wann se do am Bësch sinn an einfach d'Natur no erliewen.

De Moment si 50 Schoulklassen, déi dohinner ginn, dat véiermol d'Joer, dat sinn eng ronn siwenhonnertfofzeg Kanner, déi vun deem Projet profitéieren an ech mengen, dat ass net näischt. Wa mer bedenken, wéi vill Schoulkanner mer hunn, da wësse mer, datt hei zumindest e gudden Drëttel dohinner ginn an och do en Dag am Bësch verbréngen. D'Maison Relais, dat ass dat, wat och ganz flott ass, si maachen och Aktivitéite mëttes an der Maison Relais, dat sinn dann awer aner Aktivitéiten, net fir datt d'Kanner zweemol dat selwecht maachen. Ech mengen, och dat ass eppes, wat am Projet dran ass. D'Blockhütt, an dat ass de Virdeel och nach, dat kann ech elo vläicht am Virfeld soen, déi Blockhütt, déi steet natierlech och, wann se bis duerno fäerdeg ass, och de Summeraktivitéiten zur Verfügung. Do kann een och Summeraktivitéite maachen. Dat ass ëmmer eppes, wat ech mech kann erënneren, esou Bam-Bësch-Aktivitéiten, dat war ëmmer eppes Besonnesches. Ech mengen, déi Blockhütt, déi steet och dann do zur Verfügung. Bon, d'Personal, dat hat ech scho gesot.

Ech wëll awer soen, ech weess schonn, datt dat heiten e relativ héich Invest ass, ech mengen, den Här Freitas oder d'Leit vum Architektebüro kënnen et herno erklären. Deen Invest, dee kënnt net vun näischt, an et ass net esou, datt ee seet, oh, elo setze mer eng Blockhütt an de Bësch an dann huet et sech domadder. Nee, dat ass net esou. Do ginn et e ganz Koup Oplagen. Mir hunn och bei der Sécurité dans la fonction publique de Projet eragereecht an ech muss lech soen, déi Oplagen, déi sinn net ohne. An ech muss déi soen, do kritt ee Saachen, do staunt een. Bon, dat ass an der Rei. Mir hunn eis awer gesot, OK, mir halen eis awer gär dodrun. Do si Kanner, do spillt d'Securitéit eng grousse Roll.

Ganz flott natierlech, wat hei ass, an dat war och e bëssen esou, de Fierschter war och mat derbäi ëmmer an deem Grupp fir d'Blockhütt ze bauen, hien a seng Ekipp wäerten déi Blockhütt bauen. Déi sinn, mengen ech, schonn amgaang, si hu schonn e bëssen ugefaangen, souwäit ech weess, an, wat ganz flott ass natierlech, och mat Holz aus eise Bëscher. Dat heescht, dat Holz gëtt erëm verwäert, wat och natierlech awer eppes ass, wat ee soll ënnerstëtzen. Dann, ech hat et och gesot, d'Fonction publique, aleng wann ee kuckt, Dir hutt den Devis relativ detailléiert virleien, aleng de Gros oeuvre fir d'Installatioun, dat si bal honnertsiwwenzéngdausend Euro, also 400.00 Euro ass zwar en héijen Invest, mee ech mengen, datt et derwäert ass an. Voilà, dat war mer vu menger Säit. Merci

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci dem, Josiane déi Bartolomeo-Ries fir d'Presentatioun. Ech wéilt vläit d'Fro stellen, un den Architektebüro, respektiv eis Mataarbechter, ob se nach eng Kéier wéilten de Projet, nach weider Detailer erklären, respektiv eise Fierschter.

JEAN-PAUL CARVALHO (CARVALHO ARCHITECTES): Bonjour, ech soen lech alleguerte Bonjour a Merci fir d'Aluedung. Merci fir d'Introductioun, déi puer Saache si scho gesot ginn, da soen ech se net, mat Ärer Erlabnes, well ech krut gesot, mir hätten zéng Minutte fir Äre Planning net ze beweegen, mee ech stinn awer zur Verfügung dee ganzen Dag, wann Dir mech braucht. De Projet huet ugefaange mat der Recherche vun der Wildnispedagogik op der Plaz. An dann hu mer och Kontakt opgeholl mam Här Guy Rassel, deen hei niewendru steet. Mir hunn dunn och schonn direkt déi éischt Avise krut vun der Fonction publique, déi sinn och positiv. A mir kruten och déi vun Adapt, dat heescht, dat ass alles fir Kanner oder fir Erwuessener, déi kéinten an engem Rollstull sëtzen oder net sëtzen, an déi sollen och einfach kënnen eran- an erausgoen, dat heescht all déi Saache si kontrolléiert a verifizéiert a mir sinn och

e bësse gewinnt mat esou sozial Projeten.

Wann ech sozial Projete soen, ech denken och sozial net nëmme fir d'Leit, mee och fir den Environnement, ronderëm de Respekt vun de Beem a vun den Déiere ronderëm. Voilà, dat war eng kleng Virstellung vun eis. Mir sinn zu Diddeleng – ech iwwersprangen déi Säit, well Dir wësst, wou et ass, oder? Also, esou gesäit et am Ament aus, also plus minus, jee no Wieder a Sonn. Hei ass elo d'Implantatioun. Dat heiten ass e besteeënd Gebai. Gesitt Dir déi kleng Hand, déi sech beweegt? Dat ass e besteeënd Gebai, eist zweet besteeënd Gebai ronderëm déi heite Fuerf, déi heite Fuerf ass gréng. Gréng ass de Bësch. Ech si faarweblann, dofir muss ech d'Fro stellen, entschëllegt, net dass d'Fuerf giel ass an Dir sot neen. Voilà, et ass gréng a mir setzen eis hei, do wou et sech beweegt, well ab deem heite Moment respektéiere mir déi eenzel Beem, déi ronderëm sinn. Mir hunn eng Rotatioun op de Süden a mir hunn an deem heiten Deel en Accès de plain-pied oder riichtaus fir behënnert oder hallef-behënnert Kanner a Leit. A mir hunn hei och en Accès, dee geet liicht biergof, et ass ee Prozent oder zwee Prozent, et ass no de Reegele vun Adapt.

Voilà, mir hunn eis hei gesat wéinst de verschiddenen Donnéeë vum Terrain an et wier méiglech hei, gesitt Dir hei dee klenge rénge Rechteck, wann eng Kéier nach eppes ze baue wier fir de gudden Zweck, dee positiven Zweck, an de Leit do soen, hei wier nach Plaz an da kéinten se sou mat dräi oder spéiderhi mat véier Gebaier zesummeschaffen an an der Mëtt wier eng Plaz, eng Agora, wou se dann och riets oder lénks kënne goen. Dat heescht, et ass net nëmmen e Gebaier u sech, mee och urbanistesch iwwerluecht. Esou gesäit et aus oder esou sollt et ausgesinn. Déi Blockhütt, also déi eezel Stécker, déi ginn dann herno vun der Ekipp vum Här Rassel op d'Bee gesat.

Mir hunn eng Bëtongsdall drënner fir d'Statik. Mir hunn op enger Säit maximum véier Stufen, déi aner Säit hu mer och véier Stufen. D'Kanner an déi Erwuesse kéinten och hei sëtzen a fir erofzegoen op den Terrain ginn se do laanscht. Sou gesäit dat aus am 3D-Bild. Dir gesitt hei och en Uewen oder e Barbecue, geschützt mat engem Iwwerdaach, dat ass fir wann se dann eppes grillen, Marshmallows, da wier et léif, mech anzelueden, dat wier léif. Merci. Eemol, ech kommen net all Dag, ech däerfen net.

An d'Fënsteren, also d'Ëffnunge sinn net verglaast, Dir wësst, well den Theema vun deem heite Projet ass d'Kanner sollen d'Aussentemperaturen, d''Ausseliewen esou Maximum spieren, mat hire fënnef, sechs oder esouguer siwe Sënner, jee nodeem, vu wéi engem Sënn mer schwätzen, mee déi sinn awer zou mat engem Grillage als Antivol. D'Loft geet ëmmer duerch. Wann dobaussen zéng Grad sinn, wäerten dobanne vläicht zwielef Grad sinn. Wann dobausse fënnef Grad sinn, da sinn dobanne siwen oder aacht Grad, et sinn ëmmer zwee, dräi Grad Temperaturënnerscheed. Si hunn doen zwar d'jackett un, mee ech war och esou an de Scouten. Also, et war OK. Dat war eng schéin Erfarung.

Um Plang hu mer dann en Iwwerdaach, also fir virum Wieder ze schützen, natierlech, an dee steet e bëssen iwwer fir dass d'Kanner och laanscht d'Gebai kënne goen, ouni de Kapp naass ze hunn. Dat heescht, an der Wildnispedagogie kënnen d'Kanner d'Jackett ausdoen oder undoen oder d'Schung wiesselen, geschützt virum Reen. An dat ass ganz ronderëm. Bannendran ass en oppene Beräich, also et si keng Wänn do. Esou gesäit de Moment nach um Plang aus. Et sinn e puer Moossen, déi dobäi kommen an e puer Fuerwen an e puer aner Saachen, dat ass fir d'Normen ze respektéieren.

Am Schnëtt gesitt Dir, dass kee Plaffong do ass oder kee falsche Plaffong do ass, dat heescht, mir gesinn e ganz héich, oder bis erop. Mir hunn och Veluxen uewen, fir d'Luucht och vun uewen ze kréien. Dat ass och gerechent gi vun eis. Dat ass eng einfach Rechnung, mee et ass trotzdeem gerechent ginn. Deen dote Balken, deen hei duerchkënnt, dee steet plus minus dräi Meter héich, dräi Meter zéng Héicht vum Buedem. Dat heescht, wann d'Kanner do géife Saachen ophänken, fir Chrëschtdag oder soss eppes, an d'Kanner géifen dann hei sprangen, also d'Kanner si plus minus bis ee Meter zwanzeg grouss, oder esouguer ee Meter drësseg, déi géifen trotzdeem net dru goen. Do ass och d'Ergonomie vum Kand oder vum Mënsch mat erageholl ginn op deen heite Stadion. Vu baussen, deen heiten Deel, wou Dir gesitt, dat ass de Réck an do ass e Stockage vun Holz fir de Barbecue, wou ech da komme mat menge Marshmallows, gell? Ech muss e bësse widderhuelen, soss vergiessen se mech. Voilà, nach eng Kéier en 3D-Bild.

De Budget ass schonn erwäänt ginn, a dee groussen Deel ass Grosoeuvre, well mir mussen och vun enger Plaz op déi aner Gäinë siche goen. Dofir ass de Grosoeuvre do. An do sinn och vill Gesetzgeebungen, wou mer mussen anhalen an déi Gesetzgeebunge vun der Fonction publique oder vun aneren Autoritéiten, déi kaschten dann och Suen. D'Zil ass, fir September 2025 fäerdeg ze ginn. Eis Pläng si prett fir d'Autorisation de bâtir, mat der Kooperatioun vum Joël Freitas. Den Här Rassel weess och Bescheed a mir hunn och e provisoresche Planning gesat fir dem Här Rassel seng Ekipp oder seng Ekippen.

D'Bordereau-Ausschreiwunge si bei eis scho virgesinn am Planning an déi nächst Etapp ass d'Autorisation de bâtir. Wärend der d'Autorisation de bâtir huet de Staat schonn eng Pré-étude gemeet, et ass fir direkt d'Etüd fäerdeg ze maachen, fir dass mer da fréistens ufänken. Et ass e Kollaboratiounsprojet tëschent privaten Büroen a privat Gesellschaften an huet och e sozialen Aspekt, d'Gemeng schafft mat dran, mat hire Leit, an den Här Rassel mat senge Leit a mir hunn dat gären. Mir haten déi Erfarung schonn e puer Mol, mat anerem, am 1535 Creative Hub zu Déifferdéng, an eis gefält dat, do déi Kollaboratiounen. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Carvalho. Wëllt nach ee vun Iech eppes bäifügen, eise Fierschter oder de Joël Freitas?

JOËL FREITAS (SERVICE VUM ENTRETIEN VUN DE GEMENGEGEBAIER): Jo, ech wéilt u sech just bäifügen,

dass d'Gebai bannen, u sech jo déi Saach mat de Fënsteren, et ass och esou, dass et virgesinn ass, bannen en Uewen ze hunn, dat heescht, wann et wierklech am Wanter kal ass, dee Moment, wou d'Kand aus enger Schoul fir zwee Deeg an d'Waldschoul kënnt a wierklech schlecht Wieder ass an et reent a sech dann an d'Hütt zeréckzéie kann, dee Moment och ka gehëtzt ginn hei, dat heescht, dee Moment kann een dat virgesinn an et kann ee mat Holz dann u sech bannen hëtzen, fir eng agreabel Temperatur ze kréien. Merci.

GUY RASSEL (FIERSCHTER ZU DIDDELENG): Jo, also a puncto Holz war et eis wichteg iergendwann, datt mer, wa mer esou eppes bauen, datt mer d'Holz, hei vun Diddeleng kënnen huelen. Ech mengen, dee gréissten Deel wäert aus der Proprietéit vun der Gemeng Diddeleng och kommen. Wann es géing feelen, mir brauchen eng honnertvéierzeg Meterkibb, soll aus Douglase gebaut ginn. En Deel hu mer elo scho gehaen, mee et ass awer elo esou, datt, well et do spezifesch ass, do muss d'Schuel erofkommen. Mir hu gewaart, bis d'Saaft elo dran ass an da ginn déi Beem gehaen, well et da vill méi einfach ass, fir se herno ze schielen. Dat ass wierklech e risegen Zäitgewënn. Dat heescht, wann dat elo sollt gestëmmt ginn, da wäerte mer mat deenen Aarbechten ufänken, wann d'Blieder elo un d'Beem kommen, da kënnt och de Saft erëm an d'Nolenholz.

An, wann et net géing duergoen, mir hunn dann d'Réserve forestière intégrale op der Haart, dat gehéiert zwar dem Staat, mee mat deenen hu mer och geschwat, dat soll jo ëmgewandelt gi vun Nolebësch a Lafholzbësch, an do stinn och nach Douglasen, dat heescht, da géinge mer déi och huelen, dann hu mer déi net einfach gehat, fir se ze verkafen, an et weess een net, wou et higeet, mee déi kënne mer da lokal hei zu Diddeleng och gebrauchen. Voilà, mam Planning, jo, dat ass schonn ugeschwat ginn, esoubal mer do de Feu vert hunn, wäert de Marc Hoffmann, eise Blockhausbauer, domadder ufänken. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci. Wëll nach een eppes bäifügen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Ech mengen, dann hätte mer elo déi ganz Envergure vum Projet erkläert kritt an da géif ech elo hei d'Diskussioun opmaachen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci. Ech wollt just nofroen, do ass virgesinn, eng Fotovoltaik op den Dag ze maachen, mee firwat bräichte mer déi? Wat huet dee Bau do vun elektresche Komponenten, déi dat géifen néideg maachen?

JOËL FREITAS (SERVICE VUM ENTRETIEN VUN DE GEMENGEGEBAIER): Et ass u sech esou, dass déi ganz Viraarbechte fir eng Fotovoltaik op den Daach kënnen ze maachen, déi si virgesinn, dat heescht alles, wat elo de Câblage betrëfft, et ass alles virgesinn. Et ass um Projet selwer elo net direkt Pannoen um Daach virgesinn, d'Iddi hannendru war u sech gewiescht, dass een eng Kéier kéint d'Gebai autonom funktionéiere loossen. Dat ass u sech de Prinzip gewiescht, ze soen, déi Blockhütt kann eng Kéier autonom funktionéieren ouni en Uschloss, ouni en elektreschen Uschloss. Jo, dat wier am Fong d'Iddi, fir eng Kéier méi spéit iwwert dee Wee ze goen, wann een dat wëll, da kéint een dat maachen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, sinn nach weider Stellungnamen?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci fir d'Wuert an och villmools Merci fir déi flott a lusteg Presentatioun vun deem Projet. Ech kommen och wann se Marshmallows maachen, da sinn ech och derbäi. Ech wollt awer och soen, mir begréissen och de Wäitbléck vum Schäfferot. Dat muss ee jo mol eng Kéier soen, wa Saache gutt sinn, well ech weess, an anere Gemenge, wou se d'Wildnispedagogik agefouert hunn, do lafen se sech d'Bee stompeg bei de Schäfferot, fir nëmmen iergend e klengen Ënnerschlupf ze kréien. Ech kann elo roueg Useldeng nennen, well ech do déi Leit ganz gutt kennen, déi dee Projet scho fënnef Joer maachen an do ass e bësse Granit, wou se drop bäissen. Dofir begréisse mir dat och.

Ech hunn elo nach séier eise Walprogramm gekuckt, mir hunn och geschriwwen, d'Natur- an Ëmweltpädagogik an de Schoule solle mer ausbauen. Hei ass nach eng Kéier e grousse Schrëtt an déi Richtung. De Succès vun eisem Wildnispedagogik-Projet, deen ass absolut grouss, well all d'Kanner, déi do sinn an do waren, déi si begeeschtert. An ech mengen, soss hat een, fir mat de Kanner an der Natur ze schaffen, haaptsächlech d'Scouten, fir de Kanner d'Natur méi nozebréngen. A mir maachen dat awer elo op engem e bësse méi grousse Projet als Gemeng an dat ënnerstëtze mer natierlech absolut an dofir fanne mer deen heiten Invest och ganz sënnvoll.

Wat och ganz flott ass, dat ass elo nach déi Explikatioune vum Här Rassel, dass et och eng regional, lokal, nohalteg Bauweis ass, dat ass jo och eppes, wat ëmmer méi wichteg gëtt an dass mer och „eis" Beem dann och kënnen notzen, dass déi net nëmmen ëmgehae ginn an dann do leien oder einfach verbrannt ginn, mee dass mer déi och an eng flott Konstruktioun kënnen integréieren. An dann hätte mir als CSV natierlech nach eng ganz flott Iddi mat deem Terrain, deen nach fräi steet – d'Madamm déi Bartolomeo weess wat elo kënnt - eng Bësch-Spillschoul géif sech immens gutt nach an dee Kader drasetzen an dat wär natierlech nach eppes, wat mer géife mat op de Wee ginn, mee wéi gesot, dat hei ass scho méi wéi den éischte grousse Schrëtt an déi richteg Richtung a mir begréissen dat explizitt. Merci,

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert a Merci natierlech fir déi flott Presentatioun. Ech hätt e puer Remarken. Mir haten dat effektiv och änlech wéi d'CSV am Walprogramm stoen, datt mir méi Waldschoulen, Waldklasse fuerderen, well et ass immens wichteg natierlech, déi ganz Natur an Ekologie, Environnement de Kanner zäitno ganz séier am Fong méi nozebréngen. Dofir ass de Lien immens wichteg an immens interessant fir eis an ech mengen net nëmme fir Kanner, do si bestëmmt och puer Educateuren dobäi, déi immens frou sinn, fir mol een Dag an der Natur kën-

nen ze sinn. Et mierkt een och eng global Tendenz am ganze Land, datt esou Saache gefrot ginn an hei musse mer natierlech eis Gemeng ausféierlech begréissen, datt mir do awer Saachen net nëmme wëllen, mee och maachen an ëmsetzen.

Ech hu scho virdru gesot, de Projet ass immens flott. Mir fannen och immens interessant déi ganz Approche, déi Dir gemaach hutt, natierlech mat der Orientatioun, datt et südlech ass, natierlech de Respekt virun de Beem, datt Dir Iech do dertëschent integréiert hutt.
Et ass och immens interessant, datt Dir dat Ganzt net ganz zougemaach hutt, mee datt d'Kanner kënnen natierlech dëse Lien mat der Aussentemperatur weiderhin iwwert d'ganzt Joer kënne kréien a vu, datt et südlech orientéiert ass, ass et natierlech och sou, datt et ëmmer wäert e puer Grad méi waarm sinn dobannen ewéi awer dobaussen. Dat mat de Marshmallows hunn ech och ausféierlech notéiert, also mir si prett, also net vergiessen, datt mer och derbäi sinn. Mir fannen déi Iddi och immens flott, datt et awer gedeckt ass fir datt ee ka wierklech am Summer esouguer an am Wanter do eppes maachen.

Déi Froen, déi mer eis gestallt hunn, wou mer de Projet geschéckt krute fir de Gemengerot, hu mer och geduecht, dat do ass een immens flotte Projet, mee vläit kéint een och drun denken, och eppes mat den - dat huet elo näischt direkt mat Iech Architekten ze dinn, mee et ass einfach en Incentive - mat den existente Gebaier maachen, well déi fänken un, elo net méi ganz, ganz konform ze sinn an net, ech soe mol, ganz flott auszegesinn. Mir haten och markéiert, datt ee kéint de ganze Preau iwwerhaapt méi optimal a besser notzen, an Dir hutt dat schonn ugedeit. Dofir fannen ech, et ass och immens flott, déi Approche, déi urbanistesch Approche, datt ee kann an d'Zukunft och eppes vis-à-vis opbauen. Dat wier natierlech interessant fir de ganze Site, fir datt dat Ganzt natierlech nach méi eng besser Funktioun kritt fir d'Kanner.

Zu eiser Fro mam Holz, do ass schonn drop geäntwert ginn. Et ass wierklech immens gutt a begréissenswäert, datt mer Holz vum Diddeleng en plus nach benotzen an datt mer natierlech och eng gewësse Reserv virgesinn, falls et net soll duergoen, datt mer do awer direkt kënnen Holz vum Staat benotzen. Just nach eng anere Remark, wou ech den Devis gelies hunn, hunn ech gesinn, datt Dir ronn zéngdausend Euro fir Divers et Imprévus virgesinn hutt. Ech wëll awer soen, normalerweis soll een zéng Prozent virgesinn, mee vu datt mer hei effektiv an enger Holzbaukonstruktioun sinn, mengen ech, kënne mer eis effektiv erlaben, fir do bei deenen zéngdausend Euro ze bleiwen. Ech wollt dat soen, well mir kucken ëmmer erëm ze soen, datt mer solle genuch virgesinn, fir net ëmmer erëm nei Budgete mussen hei am Gemengerot stëmmen ze loossen, mee hei mengen ech, ass dat awer realistesch par rapport zu deem Projet, dee mer wäerte bauen. Voilà. Merci nach eng Kéier.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova. Da wësse mer, wat mer bei der Ouverture maachen. Et ginn op alle Fall da Marshmallows.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech fannen dat do e ganz flotte Projet, ech hu just nach déi eng oder déi aner Fro. An zwar, hutt Dir gesot, dass dat Gebai och loftduerchlässeg ass a bannendra sinn um Plang awer och Miwwele gezeechent an dat heite steet jo matzen am Bësch. Wéi ass et do mat der Fiichtegkeet, leiden déi Miwwelen do net drënner? An dann eng weider Fro ass: Dir hutt e ganze Koup Veluxen am Daach installéiert an dat ass jo eng Plaz, wou d'Sonn am Summer awer och dann draknallt. Sinn do Rolluede mat ageplangt ginn, respektiv extra Beschichtungen um Glas? Soss besteet do jo d'Gefor, dass bannendran d'Hëtzt einfach ze vill héich klëmmt, oder? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, Merci. Et ass schonn immens vill gesot ginn. Also mir fannen dat doten och en immens flotte Projet, deen effektiv dann iwwert d'ganzt Joer ka benotzt ginn a wou d'Kanner dann och effektiv d'Méiglechkeet hunn, souwuel am Wanter wéi am Hierscht, wéi am Summer ze gesinn, dass dann och, wann d'Wieder sech ännert, wann d'meteorologesch Konditiounen sech änneren an awer och esou en Ënnerdaach hunn, wou se zu all Moment kënnen sech ophalen, dat ass immens flott. Mir begréissen och, dass lokaalt, regionaalt Holz benotzt gëtt, dat ass och virun allem an den haitegen Zäite wichteg, och nohalteg a regional esou Saachen ze plangen. Mir haten eis eigentlech gefrot, firwat dann am Devis déi zéngdausend Euro fir d'Holz virgesi sinn, mee wann ech richteg verstanen hunn, ass dat da fir wa mer mussen op d'Haardt iwwergoen, fir dann dat Holz, wat dann dem Staat gehéiert, dass dat sech dann dorëms handelt.

Mir haten eis och gefrot mat der Fotovoltaik, zum engen, firwat mer se brauchen, zum anere begréisse mer, dass et virgesi gëtt, mee firwat mer se dann net direkt installéiert hätten... mee ëmmerhin ass mol alles virgesinn, dat ass jo scho mol eng ganz gutt Saach. Jo, ech hat de Reseausplang net ganz verstanen, well d'Waasser feelt dorobber, mee dat ass awer net schlëmm. A wann ech richteg verstanen hunn, si jo do och elo keng Toilettë virgesinn, et ass just e klenge Lavabo virgesinn, wann ech dat elo richteg erkennen, dat heescht doweinst da Waasser- a Kanalisatiounsuschloss, mee ech mengen, d'Toiletten, dat ass jo och elo dann net wäit fir d'Kanner. Voilà, ech hat dat just mat dem Reseau net sou ganz verstanen, mee fir de Rescht begréisse mer awer, ausdrécklech. Et ass e ganz, ganz flotte Projet.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci och fir dës Zoustëmmung.

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. An och vun eiser Säit villmools Merci, fir déi gutt an, detailléiert Presentatioun. D'ADR begréisst natierlech och dëse flotte Projet Blockhaus, fir d'Aktivitéiten an der Naturpädagogik a mir stëmmen dësen Devis dann och gäre mat. Villmools Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Spagnuolo.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Merci villmools fir d'Wuert. Ech hu just eng kleng Fro: Gouf och ugeduecht, dat Blockhaus zur Dispositioun vun all de Veräiner ze stellen, zum Beispill de Scouten, dass si och mol eng Kéier kéinte fir e Rallye oder sou do laanscht kucken oder do Aktivitéite maachen? Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci fir d'Wuert. Och vu menger Säit aus Merci fir d'Presentatioun nach eng Kéier. Jo, de Projet Widnispedagogik ass eng Success story. Effektiv ass et e bësse méi kleng ugaangen, mee ganz schnell ass awer dunn opgerüst gi mam Personal. Fir d'éischt hate mer een Educateur an dunn hate mer scho Léierpersonal dobäi, déi eng kleng Decharge haten an dono dann e bësse méi eng grouss. Och en zweeten Educateur ass bäikomm fir eng Partie Stonnen.

Jo, effektiv, wéi d'Josiane déi Bartolomeo-Ries am Ufank gesot hat, de Rush ass grouss gewiescht vun Ufank un op d'Ausschreiwungen, déi ëmmer direkt schonn den éischten Dag ausgebucht waren. Mëttlerweil konnt d'Pallett natierlech duerch d'Personalopstockung opgerüst ginn op fofzeg Klassen, déi do mëttlerweil passéieren an - wéi d'Josiane déi Bartolomeo-Ries gesot hat - dat si siwenhonnertfofzeg Kanner. Dat ass net grad näischt. Et sinn och néngasechzeg Erwuessener, wann een déi dobäi zielt, d'Begleetpersonal. Och fir déi ass et interessant, och fir déi ass et flott.

Bon, wéi gesot, elo hu mer nach dann déi zwou Léierinnen, déi mat siechzéng Stonnen dechargéiert sinn, wou een och nach ëmmer muss da mat groussem Respekt de Presidente Merci soen, déi nach siwe Stonne vun hirem Appui ofginn, fir dass dee Projet esou ausgebaut konnt ginn. Da ginn et natierlech och Gruppe vun der Maison Relais, déi profitéiere kënnen dënschdes an donneschdes mëttes wärend der Schoulzäit, awer och an de Vakanzen. Ech mengen, wéi schonn ugefall ass, dass och d'Aktivitéiten, déi an de Schoulvakanze gemeet ginn, dass déi alleguer vun deem neie Blockhaus profitéiere kënnen.

D'Wildnispedagogik berout op Aktivitéiten, déi dobaussen an der Natur stattfannen. Et si ganz flott Aktivitéiten, dovunner konnte mer eis am September 2022 - well do war jo eng Invitatioun, och un de Gemengerot, an do konnte mer eis deemools zu dräi vum Gemengerot selwer iwwerzeegen. En plus war et en dréchenen Dag. Deemools war nach de Rassemblement ënnen, e bësse méi erof also vun do wou d'Blockhaus soll kommen, méi erof, do war da vum Fierschter schonn eng kleng Plaz amenagéiert ginn, wou mer ronderëm d'Feier souzen Aktivitéite gemeet hunn an de ganzen Dag dobausse verbruet hunn. Esou ass et jo och geduet mat der  Wildnispedagogik.

Mee ech mengen, wann een elo deen Hierscht a Wanter hanneru sech huet, déi mer dëst Joer haten, wou et awer wierklech quasi all Dag gereent huet an net nëmmen e bëssen, ech mengen, dat war e klengen Declic gi fir d'Ekipp vun de Wildnispedagogen, fir dann op eng Kéier awer och drun ze denken, fir och kënne Momenter – dat wees jiddwereen, dass dat onméiglech ass fir de ganzen Dag ënnert dem fräien Himmel do ze verbréngen, ouni Iwwerdaach. Uewe sinn nach zwee Klassesäll, an deem enge gëtt awer d'Iesse virbereet, also schonn eng Preparatioun fir d'Kichen, et gëtt jo och do gekacht, do gëtt och elo nach geschwat vu Marshmallows, ech muss Iech awer enttäuschen, dass mer deen Dag, wou mer do waren, dat war samschdes, dass mer do alles anescht giess hu wéi Marshmallows, mee lauter Saachen, déi effektiv méi naturno bezu sinn an dofir braucht Dir Iech also net bei der Invitatioun op déi dote Saach ze freeën.

Ech ginn net an den Detail, mee ech mengen, dat mécht jo dann d'Ouverture e bësse méi spaasseg a méi spannend. Nee, effektiv, Spaass op d'Säit, an där „Kichen" hunn och misse Kontrolle gemeet ginn, net nëmme aleng, wéi mer elo gewuer gi sinn, dass och d'Norme musse vun der Securitéit erfëllt gi vum Service national de la sécurité dans la fonction publique, mee och hei ass SIGNA komm, déi effektiv Oploe gemeet hunn, wéi esou eng Preparatiouns-„Kichen" – dat ass elo net do wou gekacht gëtt - wéi déi dann effektiv muss ausgesinn. Voilà, also an dann och an engem Sall herno, an engem Schoulsall zwou Klassen ze hunn, dat mécht och kee Spaass. Ech mengen, do kritt een d'Notioun vu Wildnispedagogik net richteg eriwwer. Mee hei, den heite Kader dann, e Blockhaus, dobaussen, wat nach e bëssen ureg wierkt, dat ass awer schonn Eppes ganz aneschters.

An ech mengen, do lauschteren d'Kanner schonn e bësse méi no, et ass awer och méi suppel, du brauchs net op alles opzepassen. Et ass elo kee gefleegte Buedem, wéi gesot, et ass e Béton taloché, wann ech mech kann erënneren, also, et ass net lo, dass dat elo ass „Pass op, dass näischt op de Buedem fält" an hei an do, dat ass schonn eng ganz aner Approche. Voilà, dofir fannen ech dat doten natierlech, déi ganz Iddi vum Blockhaus super, och dass dann och nach eise Fieschter mat senger Ekipp do ass an do denken ech direkt un de puer Leit, déi ganz, ganz besonnesch, gewannt sinn an der Konstruktioun mam Holz. Dat ass wierklech super. Dass mer och effektiv mat eisem Holz aus eise Bëscher schaffen, dat ass jo wierklech dat, wat och gewënscht ass. Also wierklech, dee Projet do ass einfach super an natierlech stëmme mir deen Devis hei mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Zuang. Sinn nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da géing ech vläicht d'Wuert zeréckginn, fir déi méi technesch Froen an och technesch Äntwerten ze ginn an dann zeréck un de Schäfferot.

JEAN-PAUL CARVALHO (CARVALHO ARCHITECTES): Merci. Also, déi Veluxen, déi hunn e Sonneschutz, an ech huelen elo nach eng Kéier d'Hand. Also denNorden ass hei, wou d'Hand sech beweegt, d'Sonn geet, plus minus hei op am Summer, do am Wanter, jee no Wénkel vun der Sonn, am Summer, am Wanter, a gëschter hate mer de Solstice du printemps, deen ass tëschent dräiandrësseg a sechsasechzeg Grad. Dat heescht, wann d'Sonn dann hei opgeet, déi dréint esou ronderëm. An do, wou se am Maximum am Süden ass, do hu mer déi besteeënd Beem, déi och Schiet provozéieren. Mee als Sécherheet, d'Veluxen hunn och hir Riddo, als Sécherheet géint Iwwerhëtzung. Jo, wann dobaussen elo fënnefandrësseg Grad wieren, bannendran ass et

manner, well och Duerchzuch ass, also Loftduerchzuch. Wéi vill manner, dat wësse mer haut net, mee fënnefandrësseg Grad, dat ass eng Ausnam, wann dobausse 35 Grad sinn, heibanne spiere mer trotzdeem aachtanzwanzeg Grad. An der Basis sollen d'Kanner, also de Mënsch soll esou vill wéi méiglech spieren, un der Haut an um Kierper. Wann et kal ass, spiert en d'Keelt, wann et waarm ass, spiert en d'Wiermt. Dat heescht, hei mat Respekt profitéiere mer vun der Natur fir de Sonneschutz. Ass dat ok? Also, mir hunn dru geduet.

Zu der Fro iwwer d'Miwwelen: Also, Miwwelen, ech huelen do e franséischen Term, an der Etymologie, le meuble vient du mobilier, vum Latäin mobile, also beweegbar. Déi Objeten, déi Miwwelen, déi dohinner kommen, déi si beweegbar. Och déi „fix Elementer" wéi Schief, déi sinn net direkt widder der Mauer, mee déi sti fënnef sechs Zentimeter no baussen, fir dass d'Loftzirkulatioun funktionéiert.Also, d'Gebai ass da gebaut gi mat Stämm an déi sinn och ronn, dat ass net flaach. Dann ass dann do och Loftzirkulatioun tëschent där doter Holzwand, an de Miwwelen. D'Miwwelen, déi solle vun der Gemeng Diddeleng gebaut ginn, mat engem resistenten Holz op Fiichtegkeet. Dat ass, wat am Planning steet a wat geschwat ginn ass an de leschte Besprie-chungen. Ass dat kloer?

Deen nächste Punkt war Waasser a Lavabo. Jo, mir hunn ee Lavabo, also, et ass ee klenge punktuelle Lavabo, kleng a praktesch, a mir hunn och zwou Plazen dobaussen, zwee Krinn, fir och ronderëm ze botzen, dat hu mer och, well wann am Wanter Bulli ass vun dobaussen, da gitt Dir net direkt eran. Do ass dann hei eng Zon, wou ee ka seng Schong dobaussen, also virum Auvent, e bësse botzen an do ass dann och e Krunn, deen engem derbäi hëlleft, seng Schong ze botzen, an dat geet dann direkt an d'Natur, vun Natur op Natur, de Bulli vun der Natur geet dann direkt zeréck. Et ass hei eng Zon an do ënnert dem Iwwerdaach ass och eng Suen, voilà, plus de Krunn bannendran oder de Lavabo bannendran. D'Schmotzwaasser ass och un de Kanal raccordéiert, well de Kanal leeft just do laanscht, also dat ass op ee Meter, dat ass ganz praktesch. Do hu mer och opgepasst, fir d'Technik ze maximiséieren an déi gutt Richtung.

Fir d'Marshmallows. Bon, an de Scouten, et war eppes, ech hat dat supergär. Mir haten eng Rull Aluminiumpabeier geholl an en Apel dra gesat mat Zëmmt an dat an de Kuele gebroden an et war super. Also, et war kee Marshmallows, en Apel, ech bréngen den Zëmmt mat, wann Dir wëllt, wann Dir keen hutt, ech bréngen es mat, dat géif och goe fir mech, voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, gëtt et nach weider Punkten? Wat net de Fall ass, dofir géif ech d'Wuert zeréck ginn un d'Josiane déi Bartolomeo-Ries.

JOSIANE DÉI BARTOLOMEO-RIES (LSAP SCHÄFFIN): Villmools Merci. Ech mengen, et ass alles gesot. Et ass e ganz flotte wonnerbare Projet. Ech wëll just soen - Jo, Bëschspillschoul, jo, effektiv, effektiv, op déi Iddi ware mir och scho komm, dat géif sech natierlech ubidden. Ech mengen, do si mer mëttlerweil enger Meenung. Dann awer vläicht zum Här Meyer, dee seet, et gëtt ze waarm, et gëtt ze waarm, also, de Projet, an dat roden ech Iech wierklech eng Kéier, gitt eng Kéier dohinner a maacht dee Projet mat. Et ass net geduecht, datt déi Hütt elo gebaut gëtt an datt mer dann erëm an enger Hütt sëtzen an net de Projet ëmsetzen, sou wéi e virgesinn ass, an zwar, mir sinn am Bësch, ne. Also et soll awer ëmmer nëmmen temporär kënne genotzt ginn, wann et mol méi kal ass et net fir do elo de ganzen Dag sech an eng Blockhütt ze setzen. Dann, jo, dat war am Fong dat. D'Madamm Semiray Ahmedova huet gesot „aalt Gebai", ëmbauen, notzen, bon, dat sinn Zukunftsvisiounen, do si mer nach net esou wäit, dat kucke mer duerno.

Da wëll ech awer éischtens nach eng Kéier dem Fierschter, awer och den Architekten an eise Servicer, dem Joël Freitas e grousse Merci soen an och dem Marc Hoffmann. Ech mengen, Dir gesitt, wat hie baut, Dir braucht nëmme bei de Buerfousswee ze goen, da gesitt Dir och dat oder eis Spillplaz an der Lenkeschléi, och déi ass vum Marc gemaach ginn. Iech e grousse Merci fir d'Mataarbecht. An eppes Leschtes, an dat fannen ech awer ganz wichteg, ech hat dat net gesot, mir hu mëttlerweil och Stagiären, déi mer kréien, dat heescht, Miersch schéckt eis Stagiairen, déi do kënnen dann hire Stage maachen. Ech mengen, och dat ass e grousse Message. En plus, wéi gesot, mir haten Inclusioun, dat hate mer virdrun, och hei hu mer dorunner geduecht, also mir schwätzen net nëmme, mee mir maachen och an déi Richtung. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci och dem Josiane déi Bartolomeo-Ries fir déi doten Erklärungen. An da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass hei mam Devis, esou wéi e presentéiert gouf, averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech Iech villmools Merci an da soen ech awer och eisen Invitéë Merci fir hir Presenz an och fir déi néideg Erklärungen, déi se konnte gi par rapport zu dësem flotte Projet. Merci.

**2.10. Approbatioun vum Prinzip vum Ophuele vun engem Prêt an Héicht vun 20.000.000 Euro.**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da géif ech proposéieren, dass mer op den nächste Punkt iwwerginn. Dat ass de Prinzip, wou mer de Gemengerot froen, fir eis gréng Luucht ze ginn, fir en Emprunt ze zéie vun zwanzeg Milliounen Euro. Dir wësst, dass mer am Kader vum Opstelle vum Budget en Emprunt dragesat hunn, viraussiichtlech vun dräiavéierzeg Milliounen Euro. Ob mer dee ganz mussen zéien, dat hänkt nach dovun of puncto Kont vum Joer 2023, deen dann net virläit, mee awer geschwë wäert virleien. Hei ass elo mol d'Propos, en éischten Emprunt ze zéien, wou mer och d'Diskussioun hate mam Inneministère, fir effektiv dann och déi Projeten, déi de Moment an der Maach sinn, sief dat Stroossebauprojeten, Stroosseninfrastrukturs-projeten, Rue des Ecoles, Rue de l'Indépendance, Reamenagement, Kanalisatioun awer och an der Rue des Champs, dann d'Gaffelt, quitt, dass dee Projet bal fäerdeg ass, mee awer och d'Brillerschoul, wou d'Mise en conformité gemeet gëtt, dann awer och d'Containere beim Brill, d'Extensioun vum Déierenasyl

an och, wéi gesot, d'Gemengenatelieren an de Projet um Strutzbierg, respektiv awer och d'Aarbechten an der Rue Nic Bodry.

Ech mengen, dat hei ass dann elo mol zwanzeg Millionen Euro, déi mer hei wëllen zéien. D'Durée vum Emprunt, viraussiichtlech sinn dat zwanzeg Joer. An den Taux d'intérêts variable wäert dräi oder sechs Méint Euribor sinn. Dräi Méint ass bei dräi Komma zweeannonzeg, sechs Méint bei dräi Komma nonzeg, an den Taux fixe läit bei zwee Komma véierasechzeg, dat ass déi aktuell Situatioun, déi hat mer nogefrot, mir fäerten dann och bei deene fënnef Banken, déi mer hei zu Diddeleng hunn, a fir déi natierlech och de Gemengerot hei säi Feu vert ginn huet, eng Offer ufroen an dann, bis mer wäert dat dann eran hunn, wäert dat virun der Summervakanz sinn, bis si natierlech och bei sech kucken, wat se eis vun Offer deementspriechend wëllen eraginn.

An och wa mer se bei deene fënnef ufroen, heescht dat jo och net, dass déi fënnef all eng Offer ginn. Mir hunn d'Erfarung scho mol gemeet déi lescht Joren, dass vun deene fënnef da vläicht just déi eng oder déi aner eng Offer ofginn huet, da steet dann am Fong de Banke fräi, dat ze maachen, mee mir hu jo de Prinzip, wéi gesot, dass mer dat dann och ufroen. Voilà, dat ass am Fong d'Ausféierung, déi ech wollt ginn, wat hei deen Emprunt ugeet, dee mer zéie wëllen. Wann nach Froe sinn an d'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci nach emol fir d'Wuert. Bon, mäi Sproch ass „die fetten Jahre sind vorbei", ech soen deen elo schonn dräi Joer hannereneen, mee et ass awer effektiv esou, a wa mer d'Budgeten nach emol analyséiere vun deene leschten zwee Joer, och wann eng liicht Hausse vun der Dotatioun vum Staat festgestallt ka ginn, hu mer awer eng Stagnatioun vun eisem Impôt commercial a virun allem hu mer eng substanziell Hausse vun eisen Depensen.

Am Budget ordinaire hate mer 2023 am Verglach Recettes ordinaires - Dépenses ordinaires nach e Resultat vun néng Komma véier Komme fënnef Milliounen Euro, dat heescht néng Komma véier Milliounen Euro, déi mer mat eriwwer konnten huelen, fir eis Dépenses extraordinaires e bësse probéieren ze equilibréieren, mee 2024 ass et awer eriwwer a bei de Recettes ordinaires komme mer op honnertsechsandrësseg Milliounen Euro a bei den Dépenses ordinaires op honnertfënnefandrësseg Milliounen Euro. Da bleift nach just eng kleng Milliounchen iwwreg an dat geet natierlech net duer fir d'Dépenses extraordinaires ze bezuelen. Do si 64,5 Milliounen Euro ageschriwwen an dat geet absolut net duer fir iergend en Equiliber nach ze kréien. Mir hate mol nach fréier en Apel fir den Duuscht, deen ass scho laang giess, a mir mussen och dëst Joer, wéi déi nächst Joren, op en Emprunt zeréckgräifen.

Dat mécht mer awer Suergen, dat mécht eis Suergen, an déi grouss Fro, déi sech da stellt, ass: Wéi koum et zu esou enger Schiflag? Jo, mir si keng Insel, Krich an der Ukrain, Energiekris, Logementskris, Zënshausse, esou wéi de Privatmann et spiert, spiere mir et als Gemeng natierlech och, mee de Privatmann, deen trëppelt méi lues, deen dréit all Su zweemol ëm, rechent genau no, wat bleift mer nach, wann ech meng Deierecht vun Elektresch, Waasser, Zënsen op mengem Prêt bezuelen? Wat kann ech mer nach leeschten? Mir mussen deen Exercice och méi konsequent maachen. Mir sinn d'Gestionnairë vum Portmonni vun den Diddelenger Leit. Ech hunn et scho bei der Budgetsdiskussioun an och bei den Diskussiounen zum Plan pluriannuel gesot, dës Prête bezuelen net mir zeréck, mee eis Kanner an eis Enkelkanner. Dëse Prêt, dee leeft bis 2044, ech hu véieranachtzeg Joer dann, meng Kanner sinn iwwer fofzeg Joer al, meng Enkelin ass der zweeanzwanzeg.

Net nëmmen dat, mee och déi Annuitéiten, déi mer op dës Prête bezuelen, déi mer d'lescht Joer scho gehollhunn an och dëst Joer an déi och an deenen nächste Jore mer mussen huelen, fir iergendwéi nach aus deem Misär erauszekommen. Dëst Joer bezuele mer sechs Komma sechs Milliounen Euro Annuitéiten, wa mer de ganzen ugeduechte Prêt vun dësem Joer huelen. Sechs Komma sechs Milliounen Euro, déi mer net hunn, fir ze investéieren an esou flott Projete wéi e Blockhaus oder eng Renovatioun vun enger Schoul. An, ech sot et, d'Dépenses ordinaires, déi ginn enorm an d'Luucht. Jo, do ass deen déckste Posten d'Frais du personnel, ech soen et ëmmer erëm, dat sinn dräiasiwwenzeg Komma néng Milliounen Euro, déi mer bezuelen. Dat och nach eng Kéier als Denkustouss.

All eenzele Posten, dee mer schafen, dee kascht eis véierzeg Joer laang eng Pai, Frais-sociauxen, Indextranchen, Biennalen, dat musse mer eis awer och vläit mol méi bewosst ginn, wa mer Poste kreéieren. Mer fänken elo net d'Diskussioun un, dass mer wäertvollt Personal brauchen, dass déi eng gutt Aarbecht maachen, dat ass hei net de Punkt, et geet einfach drëm, dass een heiansdo eng Reflexioun mécht, wa mer e Poste schafen, firwat maache mer dat, brauche mer dee wierklech? Mee deen zweeten Haaptpunkt vun der Deierecht, dat sinn eis Projets-déjà-votéen. All Projet, deem mer stëmmen, gëtt hei diametral ëmmer iwwertrueden, all Projet gëtt méi deier. Ech soe just d'Beispill vun den Ateliers-communauxen. D'Phas eent, mir hate fënnefanzwanzeg Milliounen Euro votéiert, elo stinn am Plan pluiriannuel steet, dass déi Phase eent vun den Ateliers-communauxen eis aachtanzwanzeg Milliounen Euro kascht. Mir krute keng detailléiert Explikatiounen, firwat et zu esou enger Deierecht koum, an dat ass eppes, wat mer ëmmer erëm monéieren a wat mer wierklech guer net méi gutt fannen an och elo d'Flemm domadder hunn.

Firwat ginn net entweeder an der Finanzkommissioun oder an enger extraordinärer Gemengerotssëtzung d'Kaarten op den Dësch geluecht, firwat vill vun eise Projete wäit iwwer déi zéng bis zwanzeg Prozent „normal" Hausse par rapport zum Devis initial hunn, mee dass eis Devise diametral iwwerschratt ginn. Firwat ass dat esou? Jo, d'Architekten an d'Ingenieure kommen an der Lescht an de Gemengerot a wa mer mussen nostëmme fir d'Finanzéierung vu verschiddene Projeten, déi mer scho votéiert hunn. Si maachen dann e Mea culpa, si ginn dann och Explikatiounen, déi méi oder wéineger novollzéibar sinn, an dann, jo, bon, da maache mir gute Miene zum bösen Spiel an da stëmme mer

dann eppes no. Mir géifen et awer besser fannen a mir hunn et schonn esou oft gesot, wa mer oft am Virfeld géifen informéiert ginn, firwat d'Präisser explodéieren. War de Bordereau net explizitt genuch? War de Contrôle vum Devis initial net genuch gemaach ginn? Ech soen et ëmmer erëm, Dir héiert et zwar net gär, Dir léif Dammen an Hären aus dem Schäfferot, et muss mat méi Rigueur d'Kontroll gemaach ginn, eng Rigueur beim exakten Ausschreiwe vun engem Bordereau, Rigueur bei der Kontroll vun den Devisen. An ech soen och nach eng Kéier, wann de Projet subventionéiert gëtt an d'Subvention ass gedeckelt, ma da kommt, da probéiere mer eis der Decken no ze strecken.

Mir solle flott funktionell Gebaier plangen, mir brauche keng Prachbauten an huelt och roueg d'Firmae mat an d'Boot, well d'Firmaen, déi si frou fir all Optrag, deen se kréien, an ech weess, dass och den Ordre des architectes et ingénieurs amgaangen ass, Projeten ze entwerfen, ze entwéckelen, wou se eebe méi bëlleg, méi nohalteg kënne bauen, wou och effektiv hir Offeren dann och méi no un deem sinn, wat zum Beispill subventionéiert gëtt. Dat ass en Exercice, deen den Ordre des architectes et ingénieurs momentan mécht, well se och gesinn, dass einfach och vill Gemengen einfach dat net méi zesummekréien a wéi gesot, et ass keng Schan, fir ze soen, hei kommt, maacht eis eng aner Offer, déi e bësse méi bëlleg ass, well mir packen et einfach net.

An der Schäfferotserklärung steet: „L'endettement sera limité au projets d'envergure." An eisen Aen ass dat Logement, Schoul, Infrastrukturen, Stroossebau, Crèchen, Maison Relaisen. Dat sinn eis Käraufgaben. An et ass och keng Schan, fir mol eng Kéier ze soen, e Projet, dee verréckele mer mol no hannen, wann et eis erëm eng Kéier besser geet, wa mer finanziell besser opgestallt sinn. Ech soen elo keng Beispiller, well soss heescht et erëm, Dir sidd géint dat eent oder géint dat anert. Et geet net dorëmmer, mee kommt mir strecken d'Käpp zesummen a soen, hei, dat doten, momentan ass dat net de Moment fir esou e grousse Projet unzegoen. Mir liewen op Puff, mir musse spueren, mir mussen intelligent a responsabel investéieren, a mir als CSV, mir verlaangen Éierlechkeet, Transparenz vis-à-vis vun eis, awer och vis-à-vis vun den Diddelenger Leit, wat d'Deierecht vun eise Projeten ubelaangt, wat de Planning ubelaangt.

Huelt eis och mat an d'Boot als Gemengerot. Mir mussen zesumme kucken, fir den Diddelenger hir Sue responsabel auszeginn, am Respekt vun den nächste Generatiounen. Jo, fir déi maache mir den Invest awer mir huelen se och schonn elo an d'Flicht a ginn hinne Scholde mat op de Wee, op de Bockel, si mussen eise Prêt zeréckbezuelen an dat däerfe mer net op déi liicht Schëller huelen. Mir haten d'lescht Joer déi Emprunte matgestëmmt, well mer ëmmer déi eenzel Projete matgestëmmt hunn. Mee dës Kéier wollte mer eis enthalen an zwar well mer net méi averstane sinn, dass mer déi Depassementer vu votéierten Devisen net am Virfeld duerchgeholl kréien, dass dat einfach e Fait accompli ass, dass mir einfach zum Beispill gesinn, datt d'Structures provisoires pour élèves, déi mer am Fong mat véier Komma zweeanzwanzeg Milliounen Euro votéiert hunn 2023, elo mat sechs Komma fënnef Milliounen Euro am Plan pluriannuel stinn.

Dass mer zum Beispill d'Ateliers-communauxen, déi mer mat fënnefanzwanzeg Milliounen Euro votéiert hunn, elo einfach mat aachtanzwanzeg Milliounen Euro am Plan pluriannuel hunn. An ech kéint dat esou weiderféieren. Mir hu sécher bal bis op ee Projet, deen hei am Enoncé ernimmt ass, dat ass d'Déirenasyl, deen hate mer net matgestëmmt, déi aner hu mer Mee mir sinn einfach net méi averstanen, dass mer Depassementer vu votéierten Devisen net am Virfeld duergeluecht kréien an hei einfach duerch d'Approbatioun vun deem Prêt dem Schäfferot och vermëttelen, mir sinn total averstane mat der Gestioun vun de Suen aus dem Budget. Neen, mir sinn net domat averstanen. An dofir enthale mer eis bei dësem Vott. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser. Nach weider Stellungnamen?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Keng Angscht, ech wäert net nees eng Budgetsried halen, déi kënnt Dir nolauschteren, déi ass um Site Dudelange.lu nozelauschteren. Dir wësst, mir hunn och net all déi Projeten, déi hei opgezielt sinn an der Deliberatioun, matgestëmmt, well der verschiddener an eisen Aen ze deier sinn a well bei verschiddenen eng Präishausse war, déi och net ganz nozevollzéie war, dat hu mer schonn e puermol kritiséiert. Nichtsdestotrotz hate mer och an eiser Budgetsried gesot, dass mer et awer wichteg fannen, dass grad elo d'Invester héich gehale ginn. An enger finanzieller Lag wéi déi, déi mer elo eeben de Moment hunn, komme mer eeben net laanscht déi Emprunten an dowéinst wäerte mir dat dann och matdroen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma. Nach weider Stellungnamen?

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Da schéngt et ëmmer méi kuerz ze ginn elo mat den Interventiounen, well mir effektiv och déi dote Saach wäerte matstëmmen, deen Emprunt. Am Kär gi mer och der Madamm Kayser Recht bei deem, wat se seet, mir mussen akribesch genau kucken, dass d'Saachen net exorbitant deier ginn. Mir hunn awer elo hei an deene Projeten, fir déi den Emprunt geholl gëtt, elo keng onnëtz Saachen dra fonnt, wou mer gesot hunn, OK, dat géing eis d'Rechtfäerdegung ginn, eis ze enthalen oder dat do net matzestëmmen. Mir mussen eeben effektiv bei deenen eenzele Projeten da genau kucken, wat da méi deier gëtt, ob dat gerechtfäerdegt ass an dat bei deenen eenzele Projeten éischter ënner d'Lupp huelen. Voilà, dat wier et vun eis. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Nach weider Stellungnamen? OK, Merci, ech géif dann och Iech allen dräi Merci soe fir Är Stellungnam, ech begréissen d'Stellungnam, déi war och kuerz, vum Här Steffen a vun der Madamm Thoma, an effektiv ass dat heiten net eng Budgetsried bis oder ter, wéi se virdru vun der Madamm Kayser gehale gouf, well dat heite schreift sech jo an an d'Logik a vum Vott vum Budget, deen am Dezember gemaach gouf. D'Diskussioun, déi mer hei féieren, fir en Emprunt ze zéien, ass jo - con-

trairement zu deem wat d'Madamm Kayser hei ugefouert huet - jo keen neien Moment. Et ass d'Suite logique vun der Exekutioun vum Budget. An Empunten déi hält ee jo op – Dir hutt virdu grouss ausgeholl, Madamm Kayser - fir d'extraordinär Projete kënnen ze finanzéieren, well wann ee en Emprunt ophält, deen hält ee jo net fir den Ordinaire - wéi Dir dat virgefouert hutt- ze finanzéieren, mee fir den Extraordinaire kënnen ze finanzéieren.

Dir wësst jo och, dass mer nach néng Millioune Euro Reserven hunn an effektiv, deementspriechend, och déi net ugetaascht hunn. Ech verstinn absolut guer net déi Aschätzung, dass mer hei an enger Schiflag wieren, mee sécherlech an enger Situatioun, wou een d'Gemengefinanze muss am A behalen hei zu Diddeleng, mee net nëmmen hei zu Diddeleng, an ech mengen, dass dat en Exercice ass, deen d'Gemengen insgesamt hei am Land maachen. Ech kann mech erënneren, dat wëll ech hei nach eng Kéier ganz betounen, am Kader vum Budget an och am Kader vum PPF hat d'Madamm Kayser gesot, et soll een déi zukünfteg Generatiounen net hypothekéieren iwwert Emprunten, an ech soen nach eng Kéier hei der Madamm Kayser, solle mer dann effektiv déi zukünfteg Renovatiounen hypothekéieren, andeems mer net an Infrastrukturen investéieren, engersäits Infrastrukturen investéieren, well se musse renovéiert a moderniséiert ginn, dat ass de Bestand, dee mer hunn, respektiv an nei Infrastrukturen investéieren, well Diddeleng sech weiderentwéckelt.

An, meng konkret Fro, déi ech deemools gestallt hunn am Budget an och am PPF, an dat ass jo am Verbatim nozeliesen – d'CSV monéiert zwar hei déi ganzen Zäit eng ganz Rei Saachen – wou ech d'CSV awer gefrot hunn, wou se da géif de roude Stëft usetze bei den Infrastrukturen, bei deene bestoenden, fir se ze moderniséieren, respektiv bei deenen neien, déi musse gebaut ginn, fir déi zukünfteg Generatioun, fir grad se net ze hypothekéieren, sou wéi Dir dat hei virgefouert hutt. Do war Funkstille, do wousst d'CSV näischt méi ze soen.

An Dir sidd esouguer an Ären Ausféierunge kontradiktoresch. Dir sot, d'Käraufgabe vun der Gemeng sinn d'Schoul, Crèchen, Maison Relais, Sport, abee d'Argumentatioun hei an dat ass schwaarz op wäiss, an der Deliberatioun fir deen Emprunt opzehuelen, do liesen ech – an Dir hutt och vu Stroossebauinfrastrukture geschwat – do gesinn ech hei Stroossebau-infrastrukturen, Rue des écoles, Rue de l'Indépendance, École Brill, École Gaffelt, provisoresch Struktur fir Kanner, Logement-sociauxen, Strutzbierg C, Piscine a Gymnase, dat si grad déi Infrastrukturen, déi zu de Käraufgabe vun der Gemeng gehéieren, wou mer hei jo en Emprunt ophuelen, fir soss näischt aneschters. Mir hunn och méi wéi eng Kéier hei am Gemengerot gesot als LSAP, dass mer terre-à-terre sinn an hei an Diddeleng ni Infrastrukture gebaut goufen, déi iergendwellech Prunkbaute wären, nice to have. Ech ka mech nach hei u Gespréicher erënneren, wou d'CSV gesot huet, effektiv, dat ass de Fall, an hei sot Dir elo just virun e puer Minutten, mir brauche keng Prunkbauten. Dir insinuéiert also, mir hätten hei zu Diddeleng Prunkbauten. Jo, wat dann elo?

Ass d'CSV der Meenung, dass mer hei zu Diddeleng Prunkbauten hunn, wéi Dir dat haut hei gesot hutt, oder sidd Dir der Meenung, dass mer keng hunn, esou wéi Dir et an de viregte Gemengeréit och gesot hutt, wann Dir der LSAP dat virgefouert hutt. Also, Dir loosst een zimmlech dubitatif engersäits. Op där anerer Säit, wa mer froen, wou een de Routstëft da soll usetze par rapport zu den Infrastrukturprojeten, déi zu de Käraufgabe vun der Gemeng gehéieren, da kënnt keng Ausso. Ech mengen, mir sinn eis eens, par rapport zu der Finanzsituatioun, dass een déi am A muss behalen, a mir sinn do amgaangen, eng ganz Rei Projeten ze analyséieren, wat och Depassementer ugeet, vu wou dass déi hierkommen, mir maachen dat zesumme mat den Architekten an och mat de Bureau-d'études, ech mengen, do sinn ech och ganz bei Iech a wa mer do méi Opschloss hunn, wat déi verschidde Variatiounen ugeet, da wäerte mer och an de Gemengerot kommen, fir dat och dann hei kënnen transparent virzeleeën.

Diddeleng, ech hu dat scho méi wéi eng Kéier gesot, Diddeleng ass an enger Situatioun, an domat wäert ech meng Interventioun ofschléissen, wou mer historesch iwwer Joerzéngten oder méi al Gebailechkeeten an Infrastrukturen, déi musse mer renovéieren, déi musse mer moderniséieren, fir gewësse Standarden ze halen a mat der Weiderentwécklung vun der Stad Diddeleng muss och en Invest getätegt ginn an nei Infrastrukturen, fir och eebe grad den Awunnerinnen an Awunner an och deene jonke Generatiounen déi néideg Perspektive kënnen ze bidden an dofir mengen ech, musse mer och deen Emprunt hei tätegen, en éischten Emprunt mol vun 20 Millioune Euro. Dëst, gesot, géif ech proposéieren. dass mer zum Vott iwwerginn. Ah, Dir wollt nach eppes soen, Madamm Kayser.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci, Här Buergermeeschter, Dir hat awer och elo net richteg nogelauschtert, well ech hat awer e Saz gesot, deen awer ganz wichteg ass. Mir mussen zesumme kucken, fir den Diddelenger hir Sue responsabel auszeginn am Respekt vun den nächste Generatiounen, fir déi mer – an elo kënnt - den Invest zwar maachen, mee déi mer awer och elo schonn an d'Flicht huelen, fir eis Prête vun haut herno erëmzebezuelen. Dat mat dem Invest, däers si mer eis natierlech bewosst, dass mer mussen an eis nei Generatiounen an d'Schoulen an esou weider investéieren an ech hunn explizitt keng Projete gesot, wou een net kann, net muss maachen.

Ech kann et awer soen, ech géif - mir hunn dat jo scho gesot gehat bei de Budgetsdiskussiounen, dass mer et gutt fannen, dass mer elo de Projet vun der Danzschoul mol e bëssen op Äis geluecht hunn an, eis Meenung zum Déierenasyl, deen och extreem deier ginn ass a wou mer eis och geduecht hunn, do hätt een och vläicht eng Kéier kënne soen, muss dat och elo sinn, mee ech wollt et net soen, soss heescht et erëm, mir wiere géint d'Déieren, mir wiere géint d'Dänzer. Mee mir kënnen eis awer eng Kéier an engem Huis clos ganz gären zesummesetzen a kucken, wou mer kënne spueren, fir dass mer awer vläit net alleguerten déi Prêten, déi och nach déi nächst Joren ustinn, musse maachen, fir mol déi Saachen ze bezuelen, déi mer elo scho votéiert hunn. Voilà. Merci nach emol.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): D'accord, villmools Merci. Voilà, si soss nach iergendwellech Stellungnamen? Dat ass net de Fall, da géif ech soen, dass mer zum Vott iwwerginn. ***Wien ass mat deem Emprunt vun 20 Milliounen Euro hei averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun der LSAP, déi Lénk, ADR an DP. Wien ass dogéint? Dat ass keen. Wien enthält sech? Dat ass dann d'CSV.*** Villmools Merci.

**2.11. Approbatioun vun der Verdeelung vun ausseruerdentleche Subsiden**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Domat gi mir op den nächste Punkt iwwer. Dat sinn d'Subsiden. Engersäits e Subsid vu 500 Euro un d'Amicale des Enrôlés e force. Dir wësst, dass mer dee Musée jo frësch gemeet hunn an dass och d'Amicale do zwou Persounen huet, déi och wärend den Ëffnungszäiten d'Ouverture assuréieren. Ech mengen, et ass dat, wat mer mat hinne festgehalen hunn, elo huet d'Amical eis awer matgedeelt, dass si effektiv finanziell gesinn déi Persounen, déi do d'Ouverture assuréieren, net méi kënne finanziell eppes Klenges ginn, an hu gefrot, ob mer hinnen da finanziell do géifen hëllefen, wat mer natierlech gäre maachen, well et jo hei eng Kollaboratioun ass tëschent der Stad Diddeleng an der Amicale des Enrôlés de force, soudass mer hei da géifen  e Subsid gi vu 5.000 Euro, fir dass déi zwou Persounen d'Ouverture kënnen, wéi gesot, assuréieren an dat ass allkéiers dënschdeg, sonndes a freides vun zwou bis fënnef Auer. An d'Entrée an de Musée ass jo gratis.

Dat ass dat eent. An deen anere Subsid, dat si 500 Euro. Et ass esou, dass mer hei e Courrier kritt hu vum Sportslycée, wou eng Diddelenger Awunnerin, déi am Sportslycée ass, 2024 beim World School Championship matmécht. Mir hate jo och schonn a viregte Gemengeréit mol esou änlech Situatiounen. Do sinn natierlech eng Rei Fraisen, déi ufalen, déi de Lycée en charge hëlt, déi awer och d'Persoun en charge muss huelen an ech mengen, si vertrëtt dann och do d'Diddelenger Faarwen um internationale Plang an do géife mer dann hei e Subsid proposéiere vu 500 Euro. Huet een eng Fro dozou?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, just zum Musée des Enrôlés de force, do hu mer eis gefrot, bon, mir hu jo keng Anung, wat déi Indemnitéit ass. Mir ginn dann dovunner aus, dass déi 5.000 Euro, dass dee Montant dann iergendwéi ofgeschwat ass, dass dat dann och funktionéiert, a mir hunn eis einfach gefrot, vu dass elo hei just steet, dass si Difficultés financières hätten, ob dat elo bei engem eemolege Subside extraordinaire bleift, well dat kléngt éischter esou wéi wann dat dauerhaft Schwieregkeete wieren. Do ass einfach d'Fro, wéi geet et weider mat deem Musée?

An da profitéieren ech natierlech och, der Sportlerin bonne chance ze wënschen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci villmools, si soss nach Froen? Dat ass net de Fall. D'Gemeng ass jo Proprietär vum Musée. Mir hunn dem Musée jo och et frëscht Konzept ginn. Do hate mer jo och viru méi wéi engem Joer eng Aweiung dovunner. Bon, dat heiten ass elo mol e Subsid fir dëst Joer. Et muss ee wëssen, d'Amicale des Enrôlés de force, déi sinn natierlech och an hire Moyene limitéiert. Si hunn eis elo hei mol eemoleg fir dëst Joer gefrot. Mir hu jo zimmlech reegelméisseg Kontakt mat hinnen, fir ze kucken ob mer all Joer an déi heite Richtung ginn an och deen heite Subsid vläicht fest an de Budget schreiwen, well si jo och hir Contrepartie mat hei erabréngen, nieft der Contrepartie, déi d'Gemeng gemeet huet als Invest an de Musée, fir och en neit Konzept, eng Opbereedung bréngen si sech mat eran andeems si d'Ëffnungszäiten assuréieren, dat hei wier elo mol fir d'Joer 2024, mir kucke mat hinne weider fir déi nächst Joren, wéi gesot.

D'Amicale en tant que telle, wann ee weess e bëssen den Hannergrond, wien do Member ass, wann ee weess, dass d'Unzuel vun den Enrôléen ofhëlt, wann ee weess, wat och d'Unzuel vläit ass vun de Memberen, déi se hunn, dat hält sech a Grenzen, dofir ass och ze verstoen, dass fir déi Aufgab, déi si sech ginn hunn, fir awer d'Ouverture vum Musée kënnen ze assuréieren, dass se do un hir finanziell Limitte kommen, an ech mengen, dass dat heiten eng klenge Contrepartie ka sinn, och wa mer et géifen reegelméisseg all Joer géingen assuréieren, fir déi Ouverture do kënnen oprechtzeerhalen an och d'Engagement vun der Associatioun.

Kënne mer zum Vott iwwergoen? Ass de Gemengerot heimadder averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech lech villmools Merci.

# 3. STADPLANUNG

### 3.1. Approbatioun vun engem Lotissements-/Morcellementsprojet vu Kadasterparzellen op Lenkeschléi

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Den éischte Projet ass e Projet de lotissement-morcellement op Lenkeschléi, do ass d'Société active-invest Promotion immobilière, déi d'Acquisitioun gemaach huet vun zwee Terrainen an déi dräi Maison-bifamiliallen en bande wëll do maachen. Mir hunn déi Demande am Dezember vun hinne kritt. Eis Servicer hunn déi och analyséiert. Mir hunn och do en Avis publizéiert, dass do eng Demande erakomm ass. Doropshi sinn och am Januar Reklamatioune komm vu verschidden Awunner, also vu verschidde Riverainen, dat ware fënnef Stéit aus der Rue Op Lenkeschléi, par rapport zu deem dote Projet. Ech wëll soen, dass ab inizio jo de Projet och konform war par rapport zu de Preskriptioune vum PAG, respektiv, dass mer do jo an engem PAP-Quartier existant sinn an enger Hub 1, B2.

Mir haten och den 31. Januar eng Bautekommissioun, wou mer de Projet virgestallt hunn an och diskutéiert hunn, an och do der Meenung waren, dass de Projet en tant que tel awer par rapport zum Bestand zwar d'Preskriptioune vum PAG respektéiert, mee dass effektiv d'Héichten eng Kéier sollten nogekuckt ginn an do war och e Courrier erausgaange vun der Bautekommissioun un de Promoteur hei, un d'Société active-invest Promotion immobilière, fir effektiv déi erofzesetzen an do krute mer och dann e positive Feedback, dass hei dann d'Héichten ëm zwee Komma sechs Meter wäerten erofgesat ginn an dass dann dräi Maisons bifamiliales en bande wäerten hei kënne gebaut ginn.

Dir hutt och den Avis virleie vum 5. Mäerz vun eisem Service Architecture et Domaines et Domaines vun eiser Architektin, der Madamm Mambourg. Ech hat vergiess, och eise Service Architecture et Domaines et Domaines, den Tom Bernard hei ze begréissen, deen och nach kann Ausféierunge ginn, wann et hannenno Froe ginn an ech mengen, et ass och probéiert ginn, par rapport zu deenen Doleancen, déi erakomm si vun de Riverainen, deenen deelweis Rechnung ze droen, well mer hei eis am Kader befanne vum PAG respektiv, vun enger Rei Preskriptiounen, déi respektéiert ginn an awer hu mer, wat den Niveau vun den Terrainen ugeet an och vun den Aarbechten ugeet, hei jo dann och d'Ouverture gehat vum Promoteur, dann och do d'Héichten effektiv no ënnen ze revidéieren, sou wéi mer dat an deem Courrier och gemeet hu vum Februar 2024.
Dat e bëssen zu den Ausféierungen zu deem dote Projet an d'Diskussioun do ronderëm ass elo op.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Also, ech maachen eng allgemeng Stellungnam, dat elo net spezifesch op deene Projeten, och wann ech mat zwee Sätz déi Projeten uschwätzen. Also, et muss ee soen, et ass wierklech e grousse Spagat hei gemaach ginn, zwëschent Besoine vun de Leit, déi an de Quartiere wunnen an natierlech eise Reglementer, déi en vigueur sinn. Et muss een och soen, mir haten och immens vill Prozeduren, fir deen neie PAG zum Beispill ofstëmmen ze loossen, wou och d'Bierger ageluede waren, fir matzeschaffen, mee et ass awer trotzdeem ëmmer esou, datt d'Leit näischt mat engem PAG, oder ganz oft näischt mat engem PAG kënnen ufänken. Natierlech sinn déi dann iwwerrascht, wann e Projet kënnt direkt niewent hinnen, dann op eemol oh mei oh mei, dat ass elo awer esou virgesinn a vill Leit sinn sech däers net bewosst, wat iwwerhaapt nei gestëmmt gëtt am PAG oder an neie PAPen. An dat ass wierklech eng Saach vun der Kommunikatioun. Ech wëll awer net soen, datt d'Gemeng do net genuch kommunizéiert huet, dat wëll ech net soen. Ech soe just, datt net jiddereen Expert ass am Urbanismus oder an der Architektur.



Noverdichten ass wichteg, dat droe mer natierlech mat, mee ech soen ëmmer erëm an ech widderhuelen dat ganz gären an eisem Numm, datt ee muss intelligent noverdichten, dat heescht noverdichten, zentral noverdichten, do wou mer den ëffentlechen Transport hunn, noverdichten no Typologie, noverdichten, do wou mer déi néideg Infrastrukturen hunn, Schoulen, Maison-Relaisen, etcetera. Dofir sinn am Fong hei déi zwee Projeten aneschters ze betruechten, och wa mer an deenen zwee an der selwechter Zon Hub 1 sinn, ass et eng Kéier e Projet, dee méi zentral ass an eng Kéier e Projet, dee wierklech an der Peripherie läit. Ech mengen och allgemeng, dat hunn ech an de Bautekommissioune gesot, d'Leit allgemeng hu kee Problem domat, datt op déi eidel Terraine gebaut gëtt, déi meescht hunn awer e Problem, datt elo esou dicht gebaut gëtt an dofir musse mir eeben déi richteg Kommunikatioun mat de Leit opbauen.

Et ass natierlech, säitdeem déi Quartieren do gebaut goufen, ech mengen, den Hub 1 war e PAP vu viru fënnefanzwanzeg Joer, dat anert och ëm deen dréi, an zënterhier hu mir nei Reglementer, wou natierlech AAA-Konstruktioune verlaangt ginn, dat heescht Passivhaiser, an domadder huet sech natierlech och d'Bautereglement verännert, wat eng Konsequenz dovunner ass. Natierlech muss ee méi Isolatioun op d'Fassad, méi Isolatioun op den Daach maachen an do ginn natierlech och d'Héichten ugepasst. Dat heescht, do wou fréier eng Cornichehéicht vu sechs Meter war, si mer elo mëttlerweil bei siwe Komma fënnef Meter, wat awer an der Logik, dans l'air du temps, ass. Mee wéi gesot, ech verstinn awer och d'Leit, déi iwwerrascht ginn, wann esou e massive Block niewent hinne gebaut gëtt.

Wat ech och an de Bautekommissioune gesot hunn, an do kann eis Gemeng näischt direkt maachen, mee hei zu Lëtzebuerg sinn d'Präisser vum Logement immens héich, mee mir bauen awer och immens grouss. Mir sinn

d'Nummer eent a ganz Europa, wat d'Quadratmetere pro Persoun ugeet. Wann ech elo um leschte Stand sinn, si mir bei ronn honnertzwanzeg Quadratmeter pro Persoun. A wann een Däitschland oder Frankräich kuckt, si mer meeschtens bei fënnefavéierzeg, fënnefafofzeg Quadratmeter pro Persoun. Dat heescht, dat muss ee sech och eng Kéier esou iwwerleeën a bildlech virstellen.

Ech wëll hei betounen, net falsch verstoen, mir mussen natierlech bauen, mee zum Beispill, wann ee véierhonnert Quadratmeter baut, ass et interessant, véier Eenheeten doraus ze maachen an net véierhonnert Quadratmeter fir eng Maison unifamiliale ze bauen. Do ass awer och eng Diskrepanz, do ass wierklech meng perséinlech Meenung, dass zum Beispill an der Butschebuerger Strooss virdru pro Parzell ee konnt véier Appartementer bauen, an elo si mer an enger Haaptstrooss op zwee Appartementer erofgaangen an an enger Wunncité si mer och op zwee Appartementer erofgaangen. Dat heescht, et soll een net wierklech ëmmer pauschal kucken. An do huelen ech och erëm e Beispill aus der Belsch. D'Belsch hunn net esou e Bautereglement sou wéi mir et hunn, wat natierlech och immens gutt ass, fir de Kader ze setzen, mee an der Belsch gëtt pro Quartier gekuckt, wat ee wou soll bauen, fir datt dat Ganzt awer trotzdeem méi homogen ka gebaut ginn a renovéiert ginn an nei Bauten sech besser integréieren.

D'Transitioun zu deem konkreete Beispill elo, wann ech Lenkeschléi kucken, wat mer op där Bauplaz maachen, mir hu ganzer fënnef Stäck. Mir hu fënnef Stäck fir zwee Appartementer, wouvunner ee Stack ganz am Buedem ass, dat heescht de Minus zwee, an dann ee Stack ass de Minus eent, hallef am Buedem an hallef ausserhalb, plus nach dräi Stäck drop, wéi gesot, fir zwee Appartementer. Dat muss een och bedenken. Jo, eist Bautereglement erlaabt dat, mee heiansdo muss een och e bësse méi ëmweltméisseg iwwerleeën a kucken a mir soen ëmmer erëm, muss ee wierklech sou vill ausbuddelen an de ganze Buedem iwwer d'ganzt Land transportéieren, fir an Däitschland eraus, fir just kënnen dann zwee oder dräi Autoen an de Buedem ze setzen. An dofir sot ech, et ass wichteg, intelligent nozeverdichten, fir datt een och gutt un den ëffentlechen Transport gekoppelt ass.

Eng aner Klamer, de Baulandvertrag. De Baulandvertrag war immens wichteg. Leider ass en net an der leschter Legislatur komm. Ech hoffen, datt en awer elo endlech wäert kommen an der neier Legislatur. Firwat ass dat wichteg? Et ass vläit e Fachbegrëff, mee wann een en neie Quartier plangt, soll ee gehale ginn, bannent fënnef Joer op d'mannst mat deem Projet unzefänken an net Baulücke vu muer kreéieren. Dat ass nämlech de Problem, dee mer hei an deenen zwee Projeten hunn, wou d'Leit einfach net verstinn, firwat hunn ech mat enger Cornichehéicht vu véier Meter gebaut an den Noper niewendrun däerf elo op siwe Komma fënnef Meter an ech hu keng Sonn méi. Dofir de Baulandvertrag, datt ee sech eng gewëss Zäit gëtt fir de ganze Quartier ze verbauen, ass immens wichteg, fir och géint d'Spekulatioun virzegoen.

Mee dat Ganzt ass natierlech en Däiwelskrees, well hautdesdaags, wann een e Bauterrain verkeeft, verkeeft een net nëmme e Bauterrain, och déi Leit, déi verkafen, verkafen e Potential, dat heescht, et gëtt gekuckt am Bautereglement, op wéi vill kann ech de Bauterrain morceléieren, wéi vill Bifamillialen, wéi vill Unifamillialen, wéi vill Trifamilliale kann ech drop maachen, an do gëtt de Potential verkaaft an net de Meterkaree vum Bauterrain selwer. Mee wéi gesot, dat ass en Däiwelskrees an dat reegele mer hei an där Reunioun sécherlech net. Voilà. Mee ech wollt dat awer gesot hunn, well dat si Saachen, déi leie mir wierklech um Häerz an ech lauschteren ëmmer rëm Diskussiounen an et kënnt een einfach net do eraus. Vläit kuerz zum Angeldall nach eng Kéier, dat war eis frësch...

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ech hunn den Angeldall nach net virgestallt. Ech kann och elo déi zwee da virstellen, wann Dir wëllt, mee ech hunn elo d'Lotissement Op Lenkeschléi virgestallt, ech wollt jiddwerengem d'Geleeënheet ginn, Stellungnam dozou ze huelen. Wann Dir gäre wëllt och schonn iwwert den Angeldall schwätzen, mee da muss ech och den Angeldall virstellen, fir datt jiddwereen hei um selwechten Informatiounsstand ass an duerno och kann eng Interventioun maachen. Ech mengen, datt een dat awer soll strukturéiert ugoen. Mir ass et egal. Ech kann och elo den Angeldall virhuelen oder hei de Conseilleren d'Méiglechkeet ginn... Bleiwe mer Op Lenkeschléi, Da kënnt der jo déi aner Kartuschen hale fir dono.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Nee, nee, dat ass keng Kartusch, wierklech. Dat sinn zwee Sätz. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Ahmedova.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Ech hunn elo leider net déi professionell Basis vum Architekt wéi d'Madamm Ahmedova an dofir ass meng Iwwerleeung vläit e bësse méi niichter. Mir hunn hei zwee grouss Problemer. Dat si Leit, déi sinn an enger Cité, an ech mengen, et si méi wéi fënnefanzwanzeg Joer, wann ech mech erënneren, ass de Lenkeschléi viru véierzeg Joer scho gemaach gouf, an déi hunn do d'Chance gehat, an enger flotter Cité mat flotte Villaen ze wunnen. Leit aus där Strooss haten et och scho viru Jore fäerdeg bruet, fir ze verhënneren, dass d'Rue Lenkeschléi soll virugefouert ginn an de Quartier Lenkeschléi, mat Argumenter, déi ee vläit kann novollzéien, vläit och net. Ech mengen, ech verstinn de Leit hiert Uleies. D'Leit haten et bis elo gutt a si gesinn sech elo iergendwéi do, soe mer mol, beschnidden an hirer Liewensqualitéit. Dat ass eng Saach, mee se sollen awer vläit, dat kléngt elo vläit ganz krass a ganz arrogant, mee se solle mol frou sinn iwwer déi Situatioun, déi se véierzeg Joer laang haten an elo mol awer kucken, a wat fir enger Zäit mer elo sinn.

Mir hunn eis e PAG ginn. Et muss een sech e PAG ginn. Et huet een deen och missen nei maachen. Mir hu vill doru geschafft. Ech hat e ganz gutt Gefill, dass e géif gestëmmt ginn. Bon, net vu jiddwerengem, mee ... soe mer, ech hu mäint gemaacht. An ech mengen, wa mer en Haaptargument vun deem PAG kucken, wat effektiv

richteg ass, datt, wann d'Madamm Semiray Ahmedova: seet, d'Leit kënne mat engem PAG näischt ufänken. En ass zwar um Internetsite vun der Stad Diddeleng, en ass accessibel, et kann ee sech dat och erkläre loosse vu Leit, déi impliéiert sinn, mee mir hunn dee PAG gemaach mat enger Grondviraussetzung, an dat ass, mir wëllen net de Perimeter opmaachen.

Mir hunn e just opgemaach op zwou Plazen, wou et ëm eng Fleegestatioun an eng Zuuchtstatioun geet, a mir hu gesot, mir wëlle bannen an de Citéë verdichten. Mir wëlle méi Leit hei zu Diddeleng hunn, dat ass kloer, mir wëlle ville Leit eng Chance ginn, fir en Heem ze kréien. An de Wunnengsbauproblem ass net ee vun elo grad d'lescht Joer, mee dee gëtt et och scho véierzeg, fofzeg Joer an en ass just elo méi akut ginn. Ëmmer nach siche Leit no engem Heem an ëmmer nach si Leit frou, wann se sou eent fannen. A wa mer elo hei deen heiten Terrain kucken an der Lenkeschléi, dee läit elo véierzeg Joer brooch. Do ass véierzeg Joer näischt geschitt. Do huet och keen eng Villa wëllen drop bauen, dee läit einfach brooch. An dat fannen ech, dat ass irresponsabel, esou en Terrain nach leien ze loossen. Da si mer eis eens, mir musse bauen, wa mer eis wëllen an eiser Linn vun eisem PAG weider beweegen.

Bon, elo kënnt natierlech dann de Promoteur. De Promoteur huet warscheinlech net onberechtegt dat Bild no baussen, e wëllt just e Maximum vu Sue verdéngen op engem Terrain. Mee anersäits, de Promoteur hëlt awer eng Initiativ, dass mol endlech eppes op deem Terrain geschitt an dass mol endlech Leit kënne bauen. A wat ech an deem heite Projet an och an deem aneren dem Promoteur awer wëll mol eng Kéier urechnen, dat ass, en ass net mordikus op seng Ufanksiddi fixéiert, mee e léisst awer mat sech schwätzen. An deem aner Projet war et eng Affär vun d'Zuel vun de Wunnengen erofzesetzen an an deem heiten ass et eng vun d'Héicht erofzesetzen. A wann der elo d'Lenkeschléi erofgitt, dat sinn eng zwanzeg Meter méi déif, dann hutt der do an der Rue de la Paix och esou Gebaier stoen, ech mengen, op Nummer eelef ass eent, dat huet dräi Boîtte virun der Dier, also do wunnen och Leit, dat ass och esou eng Këscht wéi déi do, wou Dir kënnt soen, dat passt net an eise gudden ale Wolkeschdall eran, mee et gëtt awer schlussendlech Leit d'Méiglechkeet, fir ze wunnen.

An do vis-à-vis, do ass och eent, ech weess net, ob et mëttlerweil fäerdeg ass, dat ass änlech. Mir hu grad esou Projeten, wéi se elo hei sollen implantéiert ginn, schonn zwanzeg Meter méi wäit stoen, also mir maachen elo hei näischt onheemlech avantgardistesches, mee mir verfollege just nëmmen eis Grondiddi: Gitt de Leit Wunnengen, kuckt, dass d'Leit kënne wunnen, a respektéiert eise PAG, dee mer mat vill Aarbecht ausgeschafft hunn, an do gehéiert zum Beispill derzou, dass d'Bauplaze besat ginn. An deen neie Modus, wéi se besat ginn, dat sinn eeben esou Haiser wéi dat do a wa mer do eng Plaz hunn, ass et net méi zäitgeméiss, nach wëllen do ze fuerderen, dass just eng Villa hikënnt, well wann dat nach gaange wier, dann hätt scho laang een se gemaach, mee mer mussen elo e bësse méi wäit denken an e bësse méi eis un d'Froe vun der Zäit eruntaaschten a soen, dat heiten ass wéi haut gebaut gëtt, dat heite gëtt de Leit eng Chance, fir eng Wunneng ze kréien an, och wann et eis da leed deet fir déi Leit ronderëm, an ech wäert do bestëmmt vun deene geschleeft ginn, et si schlussendlech nëmme fënnef Leit ronderëm, mengen ech, dann ass dat esou, mee ech fannen awer, mir mussen einfach ëmdenken a mer kënnen eis net méi erlaben nach an där aler Villen-Iddi do nach virun ze evoluéieren, mir musse virukommen, an do fannen ech deen heite Projet awer, wann ee bedenkt, wéi en awer och evoluéiert ass, fir de Leit e bëssen entgéintzekommen, da fannen ech deen awer korrekt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Gangler.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci, elo wou ech dem Här Gangler nogelauschtert hunn, do hunn ech awer nach eng Kéier missten d'Pläng opmaachen, well wou ech héieren hunn, oh, déi Leit, déi haten elo e schéint Liewen, dat huet geklongen, wéi wann dat schéint Liewen elo eriwwer wier. Also, ech hu mol nach eng Kéier déi Pläng ugekuckt, esou schlëmm ass et awer net. Also, ech verstinn, ech hunn och natierlech Verständnis fir déi Leit, déi haten effektiv do just Maison-unifamiliallen, relativ, ech wëll elo kengem ze no trieden, mee am Verglach mat anere Quartieren, eng luxuriéis Situatioun an deem Verglach. Ech hunn dann och mat Interessi der Madamm Ahmedova nogelauschtert, dass jiddereen an der Moyenne hei zu Lëtzebuerg honnertzwanzeg Meterkaree op de Kapp huet. Ech mengen dann, dass ech mat mengen aachtafofzeg Meterkaree hei däerf e bësse matdiskutéieren.

Also, wéi gesot, de Projet, deen ass konform zum PAG, zum PAP. Ech verstinn effektiv och - do ginn ech der Madamm Ahmedova Recht - dass fir d'Leit eng PAG-Diskussioun ëmmer wäit ewech ass an ech mengen, dass mir als Gemeng alleguerten immens vill probéiert hunn, fir d'Leit an d'Diskussioune mat anzebannen, mee dat ass effektiv eppes, wat ganz wäit ewech ass vun de Leit hirer Realitéit an da verstinn ech och, dass een e bëssen iwwerrascht ka sinn am éischte Moment, wann een dann op eemol gewuer gëtt, wat dat elo konkreet heescht. Ech, verstinn och, et si grouss Terrassementer, dat mécht eis och elo net immens glécklech, effektiv, aleng aus Nohaltegkeetsgrënn, mee nichtsdestotrotz, dat wat hei gebaut gëtt, dat ass awer och elo net iwwerdriwwen. Dat sinn dräi Maisons bifamiliales en bande, dat ass an eisen Ae wierklech elo net esou, dass dat net méi ze toleréiere wier fir déi Noperen, déi niewendru sinn.

Natierlech huet all Awunner d'Recht, fir ze reklaméieren, mee dann ass et un eis als Gemeng, respektiv um Buergermeeschter, deen d'Baugeneemegung herno wäert ofginn, mee dat ass nach méi spéit, ofzeschätzen, ass dat doten elo tolerabel, ass dat doten am Interêt vun der Gemeng, vun den Awunner, an ech mengen, dass an dësem Fall dat awer de Fall ass. Virun allem, mir hunn den Avis vum Service Architecture et Domaines gelies, dass déi Densitéit, déi de Moment an deem Quartier ass, extreem niddreg ass, wierklech, ënner zéng ... wat war et elo? Elo hunn ech mech verluer. Voilà, an ech mengen, dass mer wierklech an där Logementskris, an där mir haut sinn, an Dir wësst et,

ech soen et och ëmmer rëm, mir hunn e Manque de logement a mir mussen e bësse méi dense bauen, an dowéinst wäerte mir dat heiten op alle Fall matdroen.

Ech wollt lo awer just nach eng Kéier kuerz op den Avis vun der Bautekommissioun agoen. Also dovun ofgesinn, dass eis Bautekommissioun e bëssen e komescht Konzept huet, wann een et mat anere Bautekommissiounen an anere Gemenge vergläicht. Mir diskutéieren nämlech net iwwer urbanistesch Froen, mir diskutéieren net iwwer zukünfteg Bauten- Logementspolitik, mee mir diskutéieren am Fong just iwwer e bësse méi krokeleg Baugeneemegungen, wat eigentlech net de Rôle vun enger Kommissioun ass, well d'Baugeneemegung am Fong aleng am Pouvoir vum Buergermeeschter läit.

Eng Kommissioun huet jo am Fong e konsultativen Avis par rapport zum Schäfferot, dowéinst hu mir dat och e bësse komesch fonnt: Ech mengen, dat ass déi eenzeg Kommissioun, wou en Avis vun enger konsultativer Kommissioun, wou iwwregens och kee Vott gemaach gëtt, dann eraus un de Public geschéckt gëtt, déi Prozedur eis e bësse komesch virkomm. An den Avis ass awer och e bësse komesch, well do steet iergendwéi, jo, Äre Projet ass konform, mee, „certains membres" wieren awer der Meenung, dass et besser wier, Maison-unifamiliallen hei ze bauen.

Ech fannen, dat wierkt zimmlech Wischiwaschi fir en offizielle Bréif, en Avis vun enger Bautekommissioun, OK, mee doriwwer gouf net ofgestëmmt. Ech weess, et ass dann och net virgesinn, dass et en Avis majoritaire-minoritaire gëtt, mee wat heescht „certains membres sont d'avis", dat kléngt e bëssen esou „et ass jo OK, mee wann der ganz fei wiert, da kéint Dir jo vläicht nach d'Unzuel vun de Logemente reduzéieren."
Dat ganzt Virgoe vun der Kommissioun an deem dote Kontext ass e bësse speziell, mee mir stëmme jo hei elo just iwwert d'Lotissement of an dat droe mir da mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma.

ROBY GOERGEN (LSAP): Bon, ech ka mech kuerz faassen, ech hat mer hei e ganze Koup opgeschriwwen, mee meng Virriedner, virun allem den Här Gangler, ech leien do e bëssen op där selwechter Wellelängt, ech mengen, ech sinn och do, der Meenung, dat wat den Här Gangler gesot huet, et huet kee Wäert, dass ech elo alles hei erëm widderhuelen. Ech wëll just kuerz eng Kéier nach agoen op dee besteeënde Quartier zwanzeg Meter méi erof, an deem ganze Quartiere sinn esou Bauten. Dat heescht, Rue de la Paix, Rue Lentz, Rue Boitebierg, also an deem ganze Quartier sinn esou Bauten an déi fale mol weider guer net sou op, muss ech soen. Ech fueren all Dag do laanscht, ech wunnen do, an dat fält weider guer net op.

Ech wollt och kuerz eng Kéier drop agoen d'Bausubstanz, wat d'Madamm Semiray Ahmedova (Déi Gréng): gesot huet, mat de Parkplazen. Ech mengen, et ass och scho wichteg, dass mer an de Gebaier esou Parkplazen hunn - ech mengen, mir kennen de Problem alleguerten an Diddeleng mat de Parkplaze bausse ronderëm, dat géing eis jo erëm zu anere Problemer féieren, wa mer do d'Parkplazen dee Moment géife kierzen.

Also, wéi gesot, ech sinn och där Meenung, d'Bautekommissioun, dass do e gudden Avis fonnt ginn ass, mir waren eis do, ech si selwer och an der Bautekommissioun, ech mengen, do hu mer iwwert déi Projeten diskutéiert an ech respektéieren et och, dass esou e Promoteur awer dann higeet a probéiert, op den Avis vun enger Bautekommissioun, wéi elo d'Modalitéite vun der Kommissioun sinn do drop wëll ech elo net drop agoen, mee ech fannen, dass dat awer och mol eng Kéier ze ernimmen ass, dass de Promoteur drop ageet, well ech wëll hei soen, och déi Projeten, déi hie virdrunner eragereecht huet, déi ware PAG-konform. Hien hätt roueg kënne sech op deene Saache behaapten an dann hätt hien déi och misse kënnen ëmsetzen.

Also, wéi gesot, ech sinn och där Meenung, dass an der Bautekommissioun e gudden Avis fonnt ginn ass. Ech si selwer och an der Bautekommissioun, ech mengen, do hu mer iwwert déi Projeten diskutéiert an ech respektéieren et och, dass e Promoteur awer dann higeet a probéiert, op den Avis vun enger Bautekommissioun ageet. Wéi elo d'Modalitéite vun der Kommissioun sinn, wëll ech elo net drop agoen, mee ech fannen, dass dat awer och mol eng Kéier ze ernimmen ass, dass de Promoteur drop ageet, well ech hei ervirhiewen. Och déi Projeten, déi hie virdrunner eragereecht huet, déi ware PAG-konform. Hien hätt roueg kënne sech op deene Saachen behaapten an dann hätt hien déi och misse kënnen ëmsetzen. Voilà, ech ginn och dofir en Avis favorabel zu deem dote Projet.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci och Här Goergen. Sinn nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da soen ech lech virop mol villmools Merci fir Är verschidde Point-de-vuen. Mir hunn eis en neie PAG ginn. An de Prealabel fir eis en neie PAG ze ginn, ass - ech huelen e bësse méi wäit aus- fir dann hannendru bei de Morcellement, respektiv zum Lotissement ze kommen, an da kann och nach den Här Bernard op verschidde Punkten agoen. Op alle Fall, mir hunn eis en neie PAG ginn a fir eis en neie PAg ze ginn, hu mer en Aarbechtsgrupp agesat, dee parteiiwwergräifend besat ass. An do konnt jiddereen sech mat abréngen, wat mer wou wëlle bauen, respektiv wéi mer wou wëllen an Diddeleng méi verdichten, dat heescht wéi d'Inneverdichtung soll ausgesinn.

Dofir sinn ech iwwerrascht iwwer déi verschidde Proposën, déi d'Madamm Semiray Ahmedova hei gehalen huet, well si Member vun deem Aarbechtsgrupp war. Wéi herno de Vott am Gemengerot ausgaangen ass, war en aneren, mee mir waren eis awer eens, wat d'Inneverdichtung vun der Stad Diddeleng ugeet, parteiiwwergräifend, dass mer an déi dote Richtung géife goen. Herno sinn aner Diskussioune am Gemengerot komm, wou verschidde Parteien de PAG net matgedroen hunn oder respektiv sech enthalen hunn, mee vum Prinzip vun der Inneverdichtung an Diddeleng ware mer eis parteiiwwergräifend eens. Dofir, déi Proposën, déi Dir hei haalt, déi iwwerrasche mech. Dann hätt Dir se zu deem Zäitpunkt missen erabréngen, wat Dir net gemeet hutt. Oder Dir hätt missen deementspriechend,

well dat war jo och dann de Punkt, fir och de PAG esou auszeleeën, dass mer effektiv eis wëlle banne verdichten.

De Baulandvertrag, Dir hutt hei de Baulandvertrag virgefouert, de Baulandvertrag, dat huet jo näischt mat der Innenverdichtung. De Baulandvertrag ass wat ausserhalb vum PAG ass, do kënnt deen zum Droen. Mir sinn hei am PAG selwer, et sinn zwou verschidde Saachen, also ausserhalb vum Bauperimeter, dat ass eppes ganz aneschters. OK, dass dat jo Gesetz ass, mee ech wëll just awer hei preziséieren, dass d'Gesetz iwwert dem Baulandvertrag ass fir Saachen ausserhalb vum Bauperimeter eranzehuelen, fir dass et entwéckelt gëtt. Dat heite befënnt sech jo am Bauperimeter selwer. Mir sinn eis alleguerten heibannen eens, sech en neie PAG ze ginn, wou effektiv och d'Bierger mat implizéiert ginn, ass keen einfache Prozess. Ech muss awer soen, mir hu jo awer hei ganz, ganz vill Initiative geholl fir dat public ze maachen, wann ech och kucken, wéi vill Reklamatiounen erakomm sinn an de Gemengerot, deen ass jo vun de Reklamatioune saiséiert ginn an enger éischter Phas.

An enger zweeter Phas, do - mengen ech - hate mer eng ganz Rei Biergerinnen a Bierger, déi sech manifestéiert hunn. Natierlech kréien déi eng d'Prozedur mat an déi aner hunn d'Prozedur leider net matkritt, et ass wéi bei all Informatioun, déi e mécht, déi eng kréien d'Informatioune mat an déi aner – och aus verschiddene Grënn - net an dofir mengen ech ass et och wichteg, dofir huet ee jo en anert Instrument, wann de PAG bis en vigueur ass a wann esou Projeten, wéi déi heiten, mee wéi och all anere Projet, si mir jo och als Gemeng gehalen. D'Gesetz iwwer d'Procédure administrative non contentieuse - vun där huet nach keen hei geschwat - déi ausschlaggebend ass och bei dësem Projet wéi och bei deem anere Projet, iwwert dee mer elo wäerte schwätzen, wou Biergerinnen a Bierger sech gemellt hunn, well wann een do en Interêt direct och huet oder och indirect, da kann ee jo effektiv e Schreiwes maachen, wou ee seng Remarken eragëtt vis-à-vis vum Projet, da gëtt jo dann ausgehaang. Soubal d'Demande erakënnt, hänke mer dat aus. Also hei hu jo och d'Bierger d'Méiglechkeet, fir Doleancen eranzeginn.

An den Exercice, dee mer haut maachen, weist jo och, dass mer och op verschidden Aart a Weis, ob déi Doleancen agaange sinn, vun de Bierger, wat och, mengen ech, ganz, ganz positiv ass. Vläicht net integral, wéi se wollten, mee ech mengen, mer hunn awer probéiert hei en Equiliber ze fannen, par rapport zur initialer Demande, par rapport zu Reklamatiounen am Respekt zum PAG an och zum PAP-Quartier existant an och eeben dann och den Nouveau Quartier. Dat e bësse par rapport zu de generellen Ausféierungen.

Par rapport och zu der konsultativer Kommissioun, et gi Gemengen, déi hu keng Bautekommissioun, dat ass richteg. Eng Baugeneemegung stellt de Buergermeeschter aus, entweder si ass positiv oder negativ, si ass och net konditionell, si ass am Respekt par rapport zu de Parametere vum PAG, zu deene Preskriptiounen. Et si jo hei Saachen och ugefouert ginn, d'Ästheetik ass och net ze consideréieren, wat deen ee jo gutt fënnt oder flott fënnt, fënnt deen aneren net flott an och ëmgedréit. Mir mussen hei reng kucke par Rapport zu de Preskriptioune vum PAG. Dofir ass et - fannen ech - awer ganz interessant, wann een e bësse méi e schwierege Projet wéi deen heiten an och deen nächsten an enger Bautekommissioun, eebe wa se eng gewësse Komplexitéit hunn, dréie léisst, wou jo och verschidde Vuen afléissen. Do si mol Vuen, wou mer alleguerten an déi eng Richtung ginn, awer och mol verschidde Vuë sinn. Ech mengen, dass dat eng Beräicherung awer ass an där doter Diskussioun, déi een huet, mol berechtegt, mol manner berechtegt, ech mengen, do bréngt awer jidderee seng Appreciatioun mat eran, an natierlech nach ëmmer am Kader vun de Preskriptioune ronderëm de PAG.

An och wann dëse Projet, och deen nächsten, de PAG respektéiert hunn, mir hunn nach ëmmer déi Fakultéit - an ech fannen dat jo och awer eng interessant Approche, dass ee ka Saachen dem Promoteur suggeréieren an dee kann drop agoen oder och net drop agoen. Hei ass hien drop agaangen, ech mengen, dass hei jidderee awer op eng gewëssen Aart a Weis eng gewësse Consideratioun awer och kritt huet. An ech mengen, et ass och dat, wat schlussendlech ausschlaggebend ass.

Ech sinn och ganz där Meenung, wéi hei och dat getätegt gouf. Mir wëllen eng Inneverdichtung maachen, an déi maache mer och hei, well effektiv de Bauterrain, dee brooch läit säit Joren, a wann och e Projet virläit fir dass e soll bebaut ginn, solle mer dat och maachen. An ech mengen, dass dat heiten awer nach fir d'Strooss vun der Ausriichtung hier, wat do gebaut gëtt mat deenen dräi Maison-Bifamiliellen en bande, nach ganz verträglech ass an och do direkt d'Liewensqualitéit en tant que telle erhale bleift an ech mengen, och dat ass e wichtegen Aspekt, dee mer hei virun Aen ze erhalen hunn.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci, Här Buergermeeschter, ech wollt just eppes vläit méi kloer erklären. De Baulandvertrag ass effektiv, fir wann een de Bauperimeter opmécht, mee och fir all neie Quartier, dee gebaut gëtt. Firwat ech dat hei stipuléiert hunn, dat ass fir ze soen, hätte mir dat deemools vläicht scho gehat, dann hätte mer keng Baulücke gehat a mir hätten och net kënnen elo mat den Terraine spekuléieren, well, mir sinn elo nach net beim Angeldall, mee do läit den hallwe Quartier eidel, dat si brooch Terrainen, déi leien, an dat ass net gutt an dofir de Baulandvertrag, fir eeben eng Konditioun ze setzen, datt alles soll verbaut ginn, dat war déi Iddi do hannendrun an et huet elo net direkt mat Quartier-existant oder mat Nouveau-quartier ze dinn. Ech fanne just, wann, da soll et direkt an net fir Spekulatioun gehale ginn. Dat war déi Iwwerleeung derbäi.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ok. Merci. Ech mengen, mir kéinten hei d'Diskussioun ofschléissen, wat dëse Projet ugeet. An ech géif froen, dass mer zum Vott, iwwerginn. Wien ass mat dësem Projet de lottissement et morcellement Op Lenkeschléi averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech lech villmools Merci.

**3.2. Approbatioun vun engem Lotissements-/Morcellementsprojet vun enger Kadasterparzell an der Rue Dr Orphée Bernard.**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt iwwer, dat ass am Angeldall an do hu mer och e Projet de lottissement virleien, och vun der Sociétéit Active-invest Lëtzebuerg, wéi gesot, dee selwechte wéi och op Lenkeschléi. Do si mer och laut dem neie PAG-PaP Quartier existant, Hub 1, B 2. Wann een och do den Historique kuckt, do hate mer am Juli schonn eng Demande kritt fir dat Ganzt ze lotisséieren. Do waren et véier Maison- bifamilliallen, also aacht Unitéiten. Do ass och den Avis au public gemeet ginn am September. Do hu mer och vu Leit aus dem Angeldall - dat ass an der Rue Docteur Orphée Bernard, fir et nach eng Kéier kloer ze situéieren - eng Rei Reklamatioune kritt, eeben am Kader vum PANC-Gesetz, vun der Procédure administrative non contentieuse. Dat waren zwanzeg Stéit.

Ech mengen, dass Dir och integral jo an dat Dokument vum Gemengerot kënnt Abléck kréien, wat effektiv dann och d'Riveraine vun Argumenter haten, dass et dann och ze dicht gebaut ass, respektiv en Impakt kann hunn op déi besteeënd Infrastrukturen an d'Kanalisatioun. Do hate mer natierlech och de 25. Oktober eng Bautekommissioun, wou och iwwer deen dote Projet geschwat gouf a wou mer och e Courrier gemeet hunn den 31. Oktober un de Promoteur, dass hien d'Unzuel vu véier Maisons bifamiliales effektiv no ënne soll kucken, fir dass dat Ganzt sech méi soll an de Quartier integréieren, obwuel och deen dote Projet, wéi och dee viregte, d'Preskriptioune vum PAG absolut respektéiert huet. An och hei ass de Promoteur dann op déi verschidden Iwwerleeungen, déi an der Bautekommissioun getätegt goufen, agaangen an huet säi Projet zeréckgezunn an en neie Projet eragereecht vu véier Maison-unifamiliallen. Och déi Demande gouf konform zum Gesetz vun der Procédure administrative non contentieuse ausgehaangen an do goufen et och erëm Reklamatiounen aus deem Quartier, dës Kéier net méi vun zwanzeg Haushalter, mee vun dräizéng Haushalter.

Et gouf an der Bautekommissioun och nach eng Kéier iwwer de Projet diskutéiert, wou insgesamt awer méi eng positiv Approche war an Dir hutt och hei den Avis virleie vum Service Architecture et Domaines et Domaines, deen effektiv engersäits seet, dass den initiale Projet jo ganz kloer d'Preskriptioune respektéiert huet vun der Inneverdichtung vun deem dote Quartier, wou och deelweis, wéi gesot, Maison-unifamilialle sinn, e Quartier, deen an den Nonzeger Joren entstanen ass, och mam Beispill, dass schonn eng Inneverdichtung gemeet gouf an der Rue des Romains, wéi dee Projet komm ass vun der Société nationale des habitations à bon marché, an dass mer hei awer och op eng weider Inneverdichtung och ginn.

An, wéi gesot, haut si mer dann hei am Gemengerot, fir iwwer deen dote Projet ze befannen an änlech wéi dee viregten ass hei och eng Situatioun virzefannen, wou jiddereen natierlech probéiert huet an där doter, Diskussioun, ech géif mol soen, Waasser a säi Wäin ze schëdden, ech géif dat elo mol esou ausdrécken.

Dat dozou, an elo ass einfach d'Diskussioun op, do kënnt Dir och dozou Stellungnam huelen, wéi dat bei deem viregte Projet och de Fall war. Här Gangler, dann d'Madamm Thoma an d'Madamm Ahmedova.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter. Also d'Situatioun ass hei net grad déi selwecht, well mir haten an der Bautekommissioun een Aspekt ugeschnidde kritt, an dat war dee vum Ofwaasser, wou gesot ginn ass, wann de ganzen Angeldall elo géif esou verbaut ginn op déi do Manéier, dann hätte mer e Problem fir d'Ofwaasser lasszeginn, well mir hunn do nach keng Trennung tëscht Schmotzwaasser a Reewaasser. Mir hunn déi just vun deem neien Deel, dee vun der SNHBM, bis erof bei d'Butschebuerger Strooss, awer am Rescht hu mer en nach net, an an der Butschebuerger Strooss hu mer et och nach net, dat soll eng Kéier realiséiert ginn, an dat war een Argument, wat eis dunn awer e bëssen iwwerleeën an e bëssen diskutéiere gelooss huet, bis eis awer d'Techniker déi Saach virgerechent hunn a gesot hunn, dat ass am Fong keen Argument, well mir kréien déi Saach an de Grëff. Dat huet eis du berouegt.

Anersäits, wann een elo kuckt, dat Argument: Wann eng Kéier de ganzen Angeldall esou bebaut gëtt wéi dat do. Ech si bal sécher, ech erliewen dat net méi a bei menge Kanner, stellen ech mer nach Froen, den Angeldall ass esou spezifesch an deem Sënn, a wéi d'Madamm Ahmedova seet, läit bal zu fofzeg Prozent nach brooch. Dat ass richteg. E gehéiert e puer grousse Baueren hei zu Butschebuerg, an déi hu keen Interêt drun, fir ze verkafen, ganz einfach, an duerfir ass et dann, ech géif soen, an onabseebarer Zäit nach guer net denkbar, dass deen sech sou géif expandéieren, dass dat géif richteg en zweeten Zentrum vun Diddeleng ginn. An dat waren och alles Argumenter, déi d'Leit och ugefouert hunn, an déi een awer och esou ka contrecarréieren.

An, wéi gesot, mir hunn och do schonn en neie Quartier mat neien Haiser, mat Reienhaiser, dee vum SNHBM. Déi Leit sinn all frou, dass s'eng Wunneng kritt hunn, an d'Situatioun ass e bëssen anescht, mee ech mengen, d'Gronddiskussioun ass déi selwecht. An alt erëm eng Kéier ass deem Promoteur héich unzerechnen, dass en net aleng op de Profit aus ass, mee dass en och mat sech diskutéiere léisst. An ech mengen, wa mer do eng Kompromëssléisung géife fanne wéi an deenen heiten zwee Fäll, dann dierft et ni zu gréisseren Onstëmmegkeete kommen.

Ech hätt nach eng Iwwerleeung gehat, eng perséinlech, mee ech weess net, ob déi elo net deplacéiert ass, mee et muss een sech mol virstellen, wann do déi Leit elo anzéien an et ass esou vill diskutéiert ginn an et ass esou vill ënnerschriwwe ginn, dass déi Leit net sollen dohinner kommen, mol krass gesot, ech weess net, ob dat schonn eng gutt Basis ass fir eng gutt Noperschaft. Dat ass elo just vläit méi eng, bon, eng philosophesch Iwwerleeung, déi passt vläit net heihinner, mee déi ass awer an deem Sënn komm. Kommt mer huelen déi Leit mat groussen Äerm op a mer ginn hinnen net elo schonn den Androck, dass si do onerwënscht sinn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Här Gangler.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, villmools Merci, ech si elo vläicht e bëssen aleng hei, mee eis als Lénk schmaacht dee wässrege Wäin, an deen dann d'Waasser geschott gëtt, leider net immens gutt. Ech gi kuerz eng Kéier op den Historique an. Den Här Buergermeeschter hat dat zwar scho gemaach, just ganz kuerz. Hei hu mer e Promoteur, dee reecht e Projet a mat véier Maisons bifamiliales . D'Noperen, déi direkt Noperen, déi sinn net immens frou iwwer dee Projet, si reechen eng Petitioun an. Dat ass och hiert gutt Recht. D'Bautekommissioun kënnt zesummen, si diskutéiert doriwwer, allerdéngs scho mol ouni alleguerten déi technesch Informatiounen, well den Avis vum Service de l'Architecture, dee koum jo eréischt dono, an deem ënner anerem steet, dass bis elo eréischt zwee Drëttel vun deem gebaut ass, wat ursprünglech virgesi war, wann een natierlech de Quartier kennt, da kann een dat wëssen.

An deem Avis steet och, dass d'Densitéit nach ëmmer minimal ass an dass déi hautdesdaags net méi justifiabel wier par rapport zu där Logementskris, wou mer dra sinn, an an deem Avis steet dran, dass d'Kanalisatioun nach bei Wäitem net saturéiert wier. Deen Avis, dee louch net vir an der Bautekommissioun, vläicht hätt dat en Afloss gehat op d'Diskussioun an der Bautekommissioun. Op alle Fall, do gouf zwar kee Vott gemaach, mee d'Majoritéit, huet awer deemools decidéiert, dass da géing de Promoteur kontaktéiert ginn, fir hien ze froen, ob hie säi Projet nach wéilt iwwerschaffen. Et ass kee Vott gemaach ginn, ech wëll awer och soen, dat war awer och net unanime, well eise Vertrieder war net immens frou mat där Decisioun.

Op alle Fall, da geet den Avis eraus un de Promoteur an ech schmäissen do mol firwech, Dir kennt mech, ech sinn elo net déi grouss Vertriederin vun de Promoteuren an ech verteidegen déi ganz sielen. Et steet och näischt Falsches an deem Avis dran. Et steet awer, bon, wéi gesot, et steet dran, les membres de la commission, dat ass och richteg, well et war eng Majoritéit, ouni Vott, et geet awer zum Beispill net kloer aus deem Avis eraus, dass de Projet eigentlech konform ass zum PAG, well et steet just dran, dass „suivant l'article 1 du PAG, cette zone d'habitation englobe les terrains réservés à titre principal aux habitations de type maison unifamiliale", dat ass richteg. Ech mengen awer, dass een eigentlech hätt missen draschreiwen, dass de Projet konform ass zum PAG aktuell an zum PAP Quartier existant. Dat steet net dran.

Da steet eeben och dran, dass de Projet, dat fannen ech elo direkt „aura des répercussions non négligables sur le réseau existant de la canalisation publique", also eng falsch Informatioun, well, wéi mer wëssen, d'Kanalisatioun nach iwwerhaapt net saturéiert ass. Bon, den Avis geet eraus, de Promoteur iwwerschafft dann tatsächlech säi Projet an, wat geschitt, e mécht hallef esou vill Wunnengen, wat och eng Demande war dann anscheinend vun der Bautekommissioun. Et ginn hallef esou vill Wunnenge gemaach an d'Gebaier ginn, sage und schreibe, sechsasechzeg Zentimeter manner héich. De Projet ass esou, wéi e scho virdru konform zu alle Preskriptioune war, en ass elo natierlech nach ëmmer konform zu alle Preskriptiounen, dat heescht, et gëtt eigentlech iwwerhaapt keen Argument fir en net ze akzeptéieren.

Wat sinn elo d'Konsequenzen? D'Nopere sinn nach ëmmer net zefridden, well, wat si natierlech virun allem intresséiert huet, dat ass déi Massivitéit vun deem Block, deen elo sechsasechzeg Zentimeter manner héich ass, dat hëlleft den Noperen also extreem wéineg. Si sinn net zefridden an do ralliéieren ech mech awer un déi philosophesch Fro vum Här Gangler, ob mer dann domadder elo immens vill gewonnen hunn?

De Service Architecture et Domaines muss - dat ass och eng Konsequenz - en Avis schreiwen, andeems e géint den éischten Avis vun der Bautekommissioun argumentéiert, well natierlech d'Awunner mat hirer Petitioun den Avis vun der Kommissioun zitéieren, do muss dann de Service Architecture et Domaines dogéint argumentéieren um Punkt vun der Kanalisatioun an och um Punkt, wat d'Kommissioun geschriwwen huet, dass et do nach keng Maisons en bande géinge ginn an deem Quartier, wou dann de Service d'Architecture seet, dach an der Parallelstrooss gëtt et dat säit fofzéng Joer, an da gëtt gesot, mir mussen dem Promoteur Merci soen, dass hie fräiwëlleg säi Projet ugepasst huet an dass hien elo op Profit verzicht. Also, dat huet hien néierens ënnerschriwwen, ne. Also, mir kennen awer alleguerten d'Promoteuren. Ech ka mer net virstellen, dass de Promoteur wäert op säi Profit verzichten.

Dat eenzegt, wat mer erreecht hunn, ass, dass déi Käschte fir deen Terrain a fir déi Baukonstruktioun elo op hallef esou vill Wunnengen opgedeelt ginn. Dat heescht, mir hunn et fäerdeg bruet, als Gemeng, dass de Präis vun de Wunnenge verduebelt ginn ass. Dat ass dat wat mer elo als Konsequenz hunn. Mir hunn eng Logementskris, mir hunn e Mangel u Wunnraum. Dës Gemeng, déi geet schonn net ambitionéiert géint d'Spekulatioun un. Dat gesi mer jo dann och, wéi elo gesot ginn ass, virun allem an dësem Quartier, wou nach d'Hallschent vun den Terraine brooch läit, an elo verréngert se och nach ouni Grondlag d'Unzuel vu Wunnengen, well d'Noperschaft ass nach ëmmer net zefridden. Mir als Déi Lénk, mir hate schonn de PAG net matgestëmmt, well mer eiser Meenung no, d'Densitéit, déi virgesi war, net grouss genuch war. Mir musse méi dicht bauen, dat ass elo haut schonns e puermol gesot ginn, mir musse Wunnraum schafen.

Mir mussen och Wunnraum schafen, et gëtt ëmmer gesot, eis Geschäftswelt, wa méi Leit hei wunnen, da geet et och eiser Geschäftswelt besser, mee et ass och eng Fro vun Naturschutz, well wa mer net méi dicht bauen, da wäerte mer iergendwann awer méi gréng Fläche mussen impaktéieren. Mee dëse PAG, deen eiser Meenung no schonn net dense genuch ass, elo gëtt mol nach net dee respektéiert, elo gëtt mol nach net dat gebaut, wat an deem PAG iwwerhaapt virgesinn ass. An eisen Ae feelt et awer elo dann, wa mer mol net an déi dote Richtung ginn, e bëssen un enger urbanistescher Visioun. D'Awunner hunn natier-

lech d'Recht ze reklaméieren, et soll een och zu engem Deel, wann et méiglech ass, dorobber agoen, et soll een hinnen nolauschteren, et soll ee kucken, wann et méiglech ass, e Kompromëss ze fannen. Et muss een awer och iergendwann eng Kéier de Courage hunn, dann eng Decisioun ze huelen an, wéi gesot, wann elo einfach just d'Konsequenz ass, dass hallef sou vill Wunnenge gebaut ginn an doduerjer d'Präisser verduebelt ginn, dann hu mer näischt gewonn, da gi just nach duerch eis Politik d'Präisser um Logementsmarché kënschtlech an d'Luucht gedréckt an an eisem Fall ass dat heite wierklech awer, an dësem konkreete Fall, eng verfeelte Bautepolitik.

A voilà, vu dass ech virdrun op d'Bautekommissioun geschwat hat, ech géing mech wierklech freeën, wa mer och emol eng Kéier géingen an enger Bautekommissioun iwwert déi urbanistesch Projeten, iwwert eng urbanistesch Visioun vun der Gemeng kënnen diskutéieren, well ech mengen, do gëtt et Diskussiounsbedarf. An, obwuel mer hei eigentlech just iwwert d'Lotissement vun der Parzell ofstëmmen, wat mer natierlech ënnerstëtzen, mee well mer wierklech net d'accord sinn, wéi mer hei mat dësem Projet virgaange sinn, wäerte mir eis enthalen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, ech hale mech wierklech immens kuerz, well et ass schonn immens Villes gesot ginn an immens interessant a richteg Saache sinn och scho viru mer gesot. Dofir, ech wëll awer just ganz kuerz, eng Kéier drun erënneren, Angeldall, dat ass eis Fréschloftschneis. An dat däerf net vergiessen, datt u sech guer kee Quartier do soll entstoen. Dat heescht, déi, déi do wunnen, mussen sech wierklech glécklech schätzen, datt se iwwerhaapt deemools och scho konnten do bauen. Ech wëll awer och ausféierlech hei déi Demarche, déi d'Gemeng gemaach huet, och zesumme mat der Bautekommissioun, begréissen, well mir, Dir sidd an deen Dialog eragaange mat engem Promoteur. Ech sinn do, wat d'Promoteuren ugeet, ganz op der Linn vun der Madamm Thoma, mee et muss een awer fairerweis soen, datt de Promoteur do awer mat sech schwätze gelooss huet an och - op där anerer Säit - déi Bedenken an déi Ängschten, déi d'Leit an der Cité hunn, mat betruecht hunn. Dat heescht, effektiv si mir vun sou vill Eenheeten Appartementer op Unifamilialen erofgaangen an do muss ee wierklech awer och dem Promoteur an deem Sënn, Merci soen, awer och der Gemeng.

An dofir hunn ech virdru vun engem Spagat geschwat zwëschent deem, wat d'Leit aus deem Quartier wëllen an deem, wat am Bautereglement virgesinn ass. Dat heescht, et war legitim, fir dorauser vill méi kënnen ze bauen, wéi dat wat am Moment wäert gebaut ginn. Ech muss awer och soen, an der Bautekommissioun hu mer dat natierlech och matgedroen, well et war esou: Entweeder hätte mir e Projet gehat mat esou vill Appartementer an de Promoteur wier op d'Geriicht gaangen an natierlech hätt hien och gewonn, well e wier konform gewiescht. An nach eng Kéier, hien ass awer de Kompromëss agaangen, fir erofzegoen an net direkt, wierklech, mat der Gemeng op d'Geriicht ze goen. Dat ass immens, immens wichteg awer, datt et gesot gëtt.

Wou ech och elo net ganz d'accord war mat der Ausso vun der Madamm Thoma, ma ech paken dat mat Pincetten un, well mir sinn op der selwechter Linn fir zimmlech alles, wat d'Logementspolitik ugeet. Hei ginn d'Käschten awer erofgesat, well éischtens mol gëtt kee Minus zwee gebaut, dat heescht virdrun, wou mer Appartementshaiser haten, hätte mer och hei e ganze Minus zwee am Buedem gehat, dee fält elo ewech an de ganze Volummen, also vum Gabarit, gëtt och e bësse méi, méi kleng, dat heescht d'Käschte si wierklech elo net eent zu eent esou ze iwwerhuelen. Dat wollt ech just, ënner Klameren, gesot hunn. Dat anert mat den Terrainen, déi brooch leien, do ass effektiv elo de Moment, fir wierklech iwwer de konsequenten Impôt foncier nozedenken, fir kënnen och de Rescht vun den Terrainen ze mobiliséieren an net nach zwanzeg Joer ze waarden, dass sech rëm Bautereglementer änneren a vläit nach aner Saachen dobäi kommen, wou d'Leit erëm net zefridde sinn, dat do gebaut gëtt.

Voilà, als Conclusioun wierklech e Bravo fir den Dialog zesumme mam Promoteur. Ech hätt awer just eng technesch Fro. Wann een de Projet kuckt, wann een d'Fassad kuckt, hei ass Cornichehéicht op d'Achs vun deene véier geholl ginn. Wann een d'Fassad gesäit, do gesitt der di, déi rout Linn an der Mëtt vun der Fassad, dat ass Cornichehéicht. Dat heescht, reng theoreetesch misst ee pro Eenheet d'Achs huelen, fir d'Cornichehéicht ze maachen. Mir sinn elo an enger Phas, mir votéieren de Parcellement, mee ech wollt dat awer trotzdeem gesot hunn, well, pardon, dat ass meng Déformation professionnelle, mee dat ass falsch esou. Voilà, ech wollt dat just gesot hunn. Merci villmools fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova, mee effektiv, hei ass d'Morcellement, respektiv d'Lotissement guttzeheeschen, mee Merci awer fir Är Remarken. Wëll nach een eppes zur Diskussioun bäifügen? Dat ass anscheinend net de Fall, da géif ech vläicht dem Tom Bernard d'Wuert gi fir e puer Punkten, an da géif ech och nach e puer Wierder soen.

TOM BERNARD (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Wat vläicht wichteg ass, mol nach eng Kéier ze widderhuelen, ass, dass, laut Gesetz ass et weeder de Buergermeeschter nach eng Bautekommissioun, mee de Gemengerot, deen d'Decisioun hëlt, ob een en Terrain ka lotisséieren. Dat heescht, mir huelen dat wuel mat an eng Bautekommissioun fir dem Gemengerot schonns alt emol en Avis ze ginn, zousätzlech zum Avis vum SAD, vu dass onsen Avis kann en anere si wéi dee vun enger Bautekommissioun. Ech mengen, verschidde Punkte gesi mir aneschters, wat dat Urbanistescht ugeet. Dozou muss ee soen, firwat hu mer esou vill Lotissementer an der Lescht, fréier net, well fréier hätt een dat doten och kéinte maachen, dat geet säit 2001, do dierfe mer e Lotissement am Angeldall maachen, op Lenkeschléi oder wéi och ëmmer, iwwerall an deene Zonen, déi fréier eng faible densité waren, huet ee och schonn dierfe Bifamiliale bauen. Ech denken einfach, dat

huet näischt mat onsem PAG ze dinn, mee dat huet einfach mat enger finanzieller Situatioun ze dinn, dass keen sech dat méi ka leeschten. Hei schwätze mer vun engem Bauterrain, deen huet bal drësseg Meter Front. Wie kann sech esou en Terrain leeschten, fir en Eefamilljenhaus drop ze bauen? Ech kennen der net esou vill, déi dat nach kéinte maachen.

An dofir, och wat ë déi Aussoen ugeet mam Reewaasser, bei der Bifamiliale, do hätte mer e vill méi grousse Volume gehat, dee versigelt gi wier, da wier dat Waasser iwwer den Drainage an de Kanal gepompelt ginn, wat erëm eng Repercussioun gehat hätt op de Kanal, deen haut eeben e Mëschwaasserkanal ass, deen do läit, an dee muss nach nei gebaut ginn a wat mer och amgaang sinn nozekucken - bon, do misst ee mam Här Krumlovsky eng Kéier kucken, mee, wéi gesot, dat ass och an der Maach esou, dass, falls déi Bauplazen do all eng Kéier verbaut wäerte ginn, wäert de Kanal och deementspriechend Dimensiounen hunn an och net saturéiert sinn.

Fir de Rescht, jo, eng Héichtenupassung, dat ass dat wat mir als SAD ëmmer soen, de Volummen, deen herno den Noper do stoen huet, ob et eng Unifamiliale ass oder eng Bifamiliale, wäert genau deen nämmlechte sinn. Dat wat am Buedem ass, wat den Noper net gesäit, dat ass him och egal, dem Noper, gell? Vun dohier ass do den Avis, deen den SAD da schreift, heiansdo net dat nämmlecht, wéi eng Bautekommissioun proposéiert oder suggeréiert. wéi gesot. Fir de Rescht ass net vill ze soen.

Natierlech, de Promoteur hei, dee kennt Diddeleng jo inan auswenneg, dat ass net säin éischte Projet, deen hie mécht, deen huet och an de Reunioune mat ons gesot: „Soll ech elo op de Wee goen a wann de Gemengerot elo d'Decisioun hëlt, fir de Lotissement ze refuséiere fir d'Bifamilialen, op d'Geriicht goen oder net?" schlussendlech ass hien awer du bei ons komm an huet gesot, hei, ech mengen, bis elo hu mir gutt mat der Gemeng geschafft, ons Projete sinn ëmmer flott virugaangen an déi Zesummenaarbecht, déi mir mat der Gemeng hunn, wëlle mer och weider kënne sou weiderféieren an da passe mir onse Projet un un d'Ufro, éischtens e bëssen, vun der Bautekommissioun an natierlech och, vun de Leit, well de Promoteur huet jo och mat den Nopere geschwat an, wéi gesot, esou dass mer där Meenung sinn, dass dat doten awer elo, wat de PAG op alle Fall ugeet, gëtt et kee Grond, fir et esou ze refuséieren, wéi gesot. Jo, dat war et elo fir mech. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci dem Här Tom Bernard. Ech géif vläicht och nach op e puer Punkten agoen. Ech deelen net der Madamm Thoma hir Ausriichtung, dass se seet, dass hei einfach d'Bautepolitik feelt an ech wäert mech och erklären. Ech gräifen awer dat op, wat Dir gesot hutt par Rapport zu sech d'Méiglechkeet ginn, fir d'urbanistesch Entwécklung vun Diddeleng an enger Bautekommissioun ze maachen. Ech mengen, mir hu jo en Outil, dat ass eise Groupe de travail PAG respektiv, ronderëm de PAL. Ech mengen, dass dat sécherlech Méiglechkeete sinn, wou een dat ganz gären nach ka weider diskutéieren. Do si jo och d'Parteien effektiv allegeuerten dra vertrueden. Ech mengen, dass dat e flotte Kader ka sinn. An den Tom Bernard sëtzt jo och hei an ass jo och Member vun eisem Aarbechtsgrupp Plan d'action logement, respektiv ronderëm de PAG, dass dat sécherlech do nach kann e Bestanddeel si vun deene villen Diskussiounen, déi mer an deem Groupe de travail deementspriechend féieren.

Par rapport zu dësem Projet wéi och deem viregten, et ginn am Fong wat d'Morcellement ugeet, an do gëtt och Jurisprudenz, wat d'Morcellement ugeet vu Lotissementer, an do ginn et Arrête vun der Cour administrative. D'Jurisprudenz hei am Land huet jo awer nach e gewëssene Stellewäert vun de Justizautoritéiten. Déi hunn déi lescht Kéier virun zwee Joer an engem Arrêt vun der Cour administrative e bëssen duergeluet an dat ass och e bëssen déi Diskussioun, déi mer haut hei féieren, déi ass och e bësse symptomatesch dofir.

Et ginn zwou Schoulen. Entweder ass et d'Application stricte, très stricte, à la lettre vum PAG oder vum PAP-Quartier existant / Nouveau quartier, oder awer du kucks, en Equiliber ze probéieren ze fannen. An ech mengen, et ass dat heiten och beim viregte Projet ganz kloer probéiert ginn ass, ze maachen, wou och d'Jurisprudenz dorobber effektiv och ausgeluecht ass. Fir déi eng geet et ze wäit, fir déi aner net wäit genuch. Ech mengen, dass mer hei e Modus fonnt hunn an deem Etat d'esprit och vun der Jurisprudenz, wat jo och an der Bautekommissioun hei ugeschwat gouf, zweemol bei deenen zwee Projeten, fir effektiv och da hei mat där Ausriichtung ze ginn, wéi se och deementspriechend hei och kritt huet, an dass mer och hei awer och mat deem Projet, dee mer hei virleien hunn, a wou mer och solle guttheeschen, jidderee mécht dann elo de Vott, wéi en et mengt, fir dass mer awer och der Inneverdichtung ganz kloer Rechnung droen an engem besteeënde Quartier. Voilà.

Da géing ech froen, dass mer elo zum Vott géifen iwwergoen. ***Wien ass mat dësem Projet averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun der LSAP, CSV, ADR, DP. Wien enthält sech, dat sinn déi Lénk.*** OK, villmools Merci fir d'Diskussioun.



# 4. MOTIOUNEN VUN DÉI GRÉNG

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da komme mer zu de Motiounen, déi déi Gréng erabruecht hunn. Do géif ech lech vläicht awer dann direkt d'Wuert ginn, well Dir se Ufank vun der Reunioun erabruecht huet. Wie géif se exposéieren? Madamm Ahmedova?

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, gären, Merci. Also, ech wëll elo net nach eng Kéier de ganze globale Kader vun der Logementskris erklären, mee mir sinn awer an enger Logementskris, wa mer allgemeng eng Penurie hunn, wat abordabel Wunnengen ugeet. An, déi allermannst kënne sech effektiv nach haut einfach sou mol eppes vum private Marché leeschten, well d'Präisser si méi séier geklomm wéi d'Inflatioun oder och d'Salairen allgemeng. Den Accès gëtt ëmmer méi schwiereg an dat virun allem fir déi Jong, fir Familien, Monoparentallen, mee déi, déi och sécherlech manner verdéngen, mee awer och fir déi méi al. Dat heescht, et ass wierklech e Problem, deen net méi cibléiert ass, mee wierklech intergenerationell an et trëfft och mëttlerweil net nëmmen déi ënnescht an déi mëttel Schicht, mee et geet bis siwwenzeg Prozent an eiser Gesellschaft.

De Problem, also déi Situatioun ass komplex a Multifacetten hunn dozou bäigedroen, datt mir an där Situatioun sinn an Diddeleng gëtt net epargnéiert. Mir hunn eng gewëss Unzuel vu Logementer, wat och scho ganz gutt ass. Fënnefafofzeg Logementer hu mer, déi fir d'Location abordable virgesi sinn an och ronn aachtasechzeg Logementer, déi duerch eng Gestion locative sociale betreit ginn, wat, wéi gesot, eng ganz, ganz gutt Basis wier. Mee, et wier awer interessant, wa mer natierlech géifen nach méi draus maachen, an hei kéint d'Gemeng och hire Rôle u sech spillen, fir Acteur social ze sinn. Dofir, déi éischt Motioun ass iwwer d'Préemptioun am Fong.

Et geet drëms, datt eng Gemeng am Fong hiert Virkafsrecht méi oft spille léisst. Also, ganz oft ass et sou, datt wann e Bauterrain verkaf gëtt, fir d'éischt geet et jo duerch d'Gemeng a wann d'Gemeng deen net wëll, dann eréischt geet en op de private Marché, wou dann e private Promoteur oder wien och ëmmer et ass, de ka kafen. An hei wier et interessant, an do kommen ech op den neie Punkt, souzesoen, wat bis elo nach net esou gemaach ginn ass, wann d'Gemeng méi oft dëst Préemptiounsrecht géif huelen an dovunner profitéieren, kéint se jo Bauterraine kafen an da vläit zesumme mat de Leit aus dem Quartier do Projeten entwéckelen, dann hätte mer vläit och net esou Diskussiounen, déi mer elo hate mat den Awunner aus dem Quartier, wann d'Projete géife mat hinnen entwéckelt ginn.

Ech komme vläit kuerz nach eng Kéier zum Angeldall, dat ass effektiv e Potential gewiescht vu Bifamiliallen. Mir sinn op Unifamiliallen, mee vläit, wann een dat mat de Leit ausgeschafft hätt a vläit och Unitéite méi kleng gemaach hat, wéi ech virdru gesot hunn, amplaz wierklech ëmmer de Maximum vum theoreetesche Bauperimeter ze notzen, hätt et vläit och geklappt. An dofir ass dat interessant, wann d'Gemeng do vläit e bësse méi géif proaktiv sinn an och, ech soen elo mol d'Wuert, och wann et net ëmmer sou gär gehéiert gëtt, mee och Promoteur spillen.

Ech huelen hei och d'konkreet Beispill vun der Gemeng Munneref. Si hunn d'Bauterraine kaf a selwer gebaut a selwer verlount. Dat heescht, si hu wierklech eng Gestioun vu wat gebaut gëtt an en plus haten si e Virkafsrecht fir déi Awunner vun der Munneréffer Gemeng gemaach, wat och interessant wier, fir datt och eis Diddelenger kënnen hei zu Diddeleng bleiwen, wann se dat natierlech wëllen. Soll ech direkt op déi zweet Motioun och agoen? Jo, merci. Dat wier dann déi éischt. Dat heescht, éischter Bauterraine kafen.

An déi zweet, d'Basis ass genau déi selwecht, mee et wier interessant, natierlech och selwer proaktiv méi Logementer, méi ëffentlech Logementer ze developpéieren. Dat ass och näischt Neies, mee hei hu mer dat an enger Motioun eebe festgehalen. Et wier vläicht och eng interessant Iddi fir an Zukunft all déi Projeten, well mir gesinn dat ëmmer méi, datt esou Bauterraine kaf ginn a gesplitt ginn, datt do och d'Gemeng vläit vun engem private Promoteur baue léisst, well dem Bausecteur geet et jo och net ganz gutt. Dat heescht, et ass wichteg, datt déi ëffentlech Hand awer vläit och de Private baue léisst, fir eis Ekonomie ze ënnerstëtzen, an dann awer eng Eenheet - zum Beispill ëmmer déi bëllegst - eng Eenheet opkeeft an déi dann dee Moment zu engem abordabele Präis weiderverlount oder ënner Emphytéose vläit weiderverkeeft.

Sou hätte mer méi eng grouss Resilienz vis-à-vis vun der Fluktuatioun, wat eis Ekonomie ugeet, a mir géifen an deem Sënn och méi Stabilitéit an Zukunftsprevisibilitéit fir d'Leit ubidden. An natierlech, vun enger ëffentlecher Hand kommend ass dat besser wéi um private Marché, wou mol ganz oft Iwwerraschunge kommen, datt de Loyer ganz séier an d'Luucht gesat gëtt. Voilà. Also, déi Approche ass essentiel, fir - wéi gesot - d'Sécherheet an d'Wuelbefanne vun eise Bierger a Biergerinnen ze garantéieren, a gläichzäiteg natierlech eng sozial Kohäsioun a Vitalitéit vun eiser Gemeng ze stäerken. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Ahmedova, fir Är Erklärungen zu deenen zwou Motiounen. Déi aner Parteien am Gemengerot kënnen natierlech och Stellung dozou huelen. Dir hutt léiwer, de Buergermeeschter schwätzt fir d'éischt, Madamm Kayser?... Här Meyer, wollt Dir eppes soen, Dir hutt ausgestreckt? ... Si waarden alleguerten, wat de Buergermeeschter seet. Gutt. Also, déi zwou Mo-

tioune si ganz sympathesch, an och wat d'Ausriichtung ugeet, leie mer net wäit auserneen. Op där anerer Säit muss een awer och soen, dass een se sou en tant que telles net droe kann an ech erkläre mech firwat. Dofir hunn ech och déi Remark virdru gemeet. Bon, mir hunn se de Muere kritt, dat heescht, d'Reaktioun ass och a Funktioun vun der Instantanétéit vun der Motioun, déi mer de Mueren ausgedeelt kritt hunn.

Wann ech e bësse reagéieren op déi éischt Motioun: „exercer plus fréquemment son droit de préemption dans le but d'acquérir des terrains constructibles". Ech mengen, Dir wësst, dass mer jo hei, wa mer dat maachen, och an de Gemengerot kommen an och hei de Gemengerot ëm den Aval froe ronderëm d'Virkafsrecht, mee „plus fréquemment", do muss ech soen, mir kucke jo och, wa mer den Dossier kréien, wat och de Präis ass an de „plus fréquemment", do sinn ech strictement dogéint, dass mir als ëffentlechen Acteur, als Gemeng, zu enger Präisspiral bäidroen, dass mer à tout prix d'Virkafsrecht zéien, well doduerch setze mer jo och e Präis fest, de Präis vum Terrain, a wann deen zimmlech héich ass a mir kafen als ëffentlechen Acteur deieren Terrain, dann droe mer jo och zu enger Präisspiral bäi, an ech mengen, dat wëlle mer absolut als Gemeng net maachen. Ech mengen, dass dat net favorabel wär, eeben an där Logementsdiskussioun, déi mer hunn, an dann hänkt et jo och dovunner of, wou och den Terrain sech befënnt, fir d'Virkafsrecht spillen ze loossen. Dofir drécken ech do meng Reserve ganz staark aus, par rapport zu deem „plus fréquemment".
Ech mengen, wann et Terraine sinn, wou OK sinn, vum Präis hier, da komme mer och hei an de Gemengerot.

Dann den zweeten Tiret, dass mer „en étroite collaboration avec les résidents de différents quartiers", bon, ech mengen, déi zwee Beispiller hei hu jo gewisen, wéi mer virdrun diskutéiert hunn. Bon, mer mussen awer och d'Prozedure respektéieren, an deene mer sinn. Mer hunn, wa sou Projete kommen, awer eise PAG, een, deen e Projet wëll realiséieren, kann natierlech säi Projet erareechen an do si mer am Kader vun der Procédure administrative non contentieuse, do kënnen d'Leit hir Doleancen eraschécken, an da probéiere mer och, op d'Biergerinnen an d'Bierger anzegoen, do wou mer et jo probéiert hunn, ze maachen als Gemeng selwer, an et ass jo e ganze Biergerbedeelegungsprozess ronderëm d'Schoul Balzeng, wou jo och e PAP sollt entstoen, mee do hu mir jo och selwer d'Initiativ geholl, fir dat systematesch ze maachen.

Also, ech mengen, mir si gäre breet, a mir hu jo d'Erfarung gemaach a puncto Biergerbedeelegung insgesamt, mee bon, bei esou Projeten ass awer nach ëmmer de Kader uewendriwwer, de PAG, an ze kucken, ob e PAP-Nouveau Quartier oder Quartier existant sinn, dofir gesinn ech dat doten immens schwéier, wat awer net heescht, dass een, effektiv, wa Reklamatiounen och kommen an deem dote Kader, dass een sech och do mat de Bierger effektiv och d'Doleancen ukuckt, sou wéi mer dat och bei deene viregte Projete gemaach hunn. Dofir sot ech, engersäits leie mer nobäi, wat prinzipiell d'Ausriichtung ugeet, awer sou wéi Dir et hei formuléiert hutt, hunn ech meng staark Reserven a kann dat effektiv an deem doten Ausmooss net matdroen an, bon, ech menge souwisou, wa mir natierlech och am Wunnengsbau aktiv ginn, bon, dann ass de Prinzip, d'Gemeng bleift Proprietär vum Terrain an d'Gemeng bleift och Proprietär vun de Logementer a verlount et am Kader vun Dispositiounen, déi d'Gesetz och virgesäit.

Ech mengen, dass et wichteg ass, wa mer dann och déi Subventioune vum Staat kréien, dass mer deementspriechend engersäits och Proprietär bleiwen, dofir hu mer engersäits eise Service Logement oder, ech mengen, déi aner Situatioun, wou eisen Office social, dee jo konventionéiert ass mam Logementsministère, wou dann effektiv d'Gestion locative sociale spillt, well ech mengen, dat si jo déi zwee Modeller, déi bekannt sinn an dass och an deem Sënn kann zesummegeschafft ginn.
An ech wëll och hei virwarnen, grad eeben an den Diskussiounen, déi mer hei virdrun haten, dass mer sécherlech net kënnen och am Kader vun enger Biergerbedeelegung net ëmmer op alleguerten d'Doleancë vun de Biergerinnen a Bierger agoen. Dat huet ee jo bei deenen zwee Projete gesinn, well wann een dat integral respektéiert hätt, wat se gewollt hätten, da wier déi Inneverdichtung nach e gudde Krack erofgesat ginn, par rapport zur Ausriichtung zum PAG an zum PAP-Nouveau quartier oder PAP-Quartiere existant.

Dann, par rapport zu där zweeter, Motioun: „Investir dans le développement du logement public", bon, net virum Dezember, bon, Dir hutt de Budget zwar net matgedroen, mee do hate mer jo e Projet dran, wou mer investéieren am Kader vum Logement public, also investéiere mer an den Developpement vum Logement public. Mir wäerten och nach déi Zommen, mer dra gesat hunn an de Budget 2024, do wäerte mer och nach am Laf vun dësem Joer och nach an de Gemengerot kommen, fir do deen anere Projet a mir sinn och gutt ënnerwee fir och, wat Dir ugeschwat hutt, mat de private Promoteuren, wou mer och e bësse gekuckt hunn hei an Diddeleng, zwar net an deem selwechten Ausmooss wéi aner Gemengen, déi eis et virféieren, déi keng Schold hunn an eng Millioun Euro Reserven hunn, wou mer awer probéiert hunn, de VEWA-Projet opzekafen an och do flott Unitéiten ze schafen, déi effektiv dann an de Logement public ginn, also dat dote maache mer, fir déi eng vläicht net genuch, fir déi aner net ze wäit, mee dat ass jo kee Fakt, dass mer dat net géife maachen.

Also kann ech och deem doten Tiret net zoustëmmen an deem Sënn. An dann eeben „acquérir une unité d'habitation, la moins chère par exemple, dans une nouvelle construction presentée au conseil communal". Bon, ech mengen, Dir wësst, d'Gesetz gesäit vir, wa mer hei e PAP stëmmen, deemno wéi eng Ausriichtung deen huet, hu mer eis ëmmer verflicht, an der Convention d'exécution, Logementer ze kafen. Ech mengen, Dir wësst dat, sief dat am PAP A Bëlleg oder an aner Projeten, do maache mer dat jo dôffice wéi d'Gesetz et virgesäit an do investéiere mer och. Mir hunn d'lescht Kéier eng Ouverture hei gemaach an dofir hei „acquérir une unité d'habitation, la moins chère par exemple, dans une nouvelle construction présentée au conseil communal". Mir hu jo och mol PAPen, wou d'Gemeng sech net musse verflichten, well keng legal Obligatioun

besteet. Elo hu mer hei als Gemeng eng Ouverture gemaach, dass mer mol a Kontakt triede mat de Promoteuren, fir mol eng Diskussioun ze féieren.

Dir sot hei „la moins chère, par exemple", mee „ "la moins chère" muss och net ëmmer déi bëllegst sinn an déi interessantste si fir eng Gemeng, Madamm Ahmedova, well et muss ee jo och kucken, an deen Terrain hunn ech hei zum Beispill net fonnt, mee ech mengen, et ass awer grad wann Dir vun de Gemengefinanze schwätzt, an ob Dir Projete matdrot oder net oder de Budget matdrot oder net. An där doter Demarche, wa mer elo an engem PAP, wou et obligatoresch ass, wou mer iwwer d'Convention d'exécution eis verflichten, Logementer ze kafen, do maache mer jo och eng Demarche vis-à-vis och vum Logementsministère, fir dass et abordabele Wunnraum gëtt, dass mer och Subside kréien. Dat muss awer net ëmmer de Fall si bei de PAPen, wou dat net obligatoresch ass an do musse mer och awer no de Gemengefinanze kucken, an déi Projete sinn net ëmmer ausgeriicht fir abordabele Wunnraum. Do gi jo eng ganz Rei Konditiounen an do gëtt et jo och e Cahier de charges vum Logementsministère fir iwwerhaapt subventionabel ze sinn, an ech wëll mech awer och do, och am Interêt vun der Gemeng an och am Interêt vun de Gemengefinanzen, net festleeën, dass mer vläit „la moins chère" kréien, déi vläit awer net interessant ass an déi net subsidiable ass, wou d'Gemeng misst honnert Prozent droen, well se net d'Kritären erfëllt vum Logementsministère par rapport zu der Konventioun, déi mer eventuell géife kréien.

Also, ech mengen, dat Spill solle mer net maachen. Mir solle sécherlech, wa mer esou PAPen hunn, an Diskussioun triede mat de Promoteuren, ob et méiglech ass an dann och d'Opportunitéit préiwen, wéi vill kascht et, ob d'Ausriichtung vun der Wunneng stëmmt par rapport, zu de Preskriptiounen, respektiv zum Cahier de charges vum Logementsministère, dass et subventionabel gëtt. Ech mengen, déi Latitüd soll een sech ginn, déi Demarche maache mer och, zu där verpflichte mer eis och, mee dat hei d'office ze maachen, ech mengen, aus deene Grënn, déi ech Iech elo hei gesot hunn, dat mengen ech, sollt een net maachen, well eeben awer déi Parametere vun der Abordabilitéit och spille sollen. An ech mengen, do mussen nach eng ganz Rei Kritären erfëllt ginn a mir wäerte sécherlech Projeten hunn, wou dat net wäert erfëllt ginn. Dat, zu den Ausféierungen zu den Invitten un de Schäfferot.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci, Här Buergermeeschter, et ass wéi Dir sot, et ass ganz sympathesch, wat hei steet, mee ech sinn awer a ganz ville Punkten averstane mam Här Buergermeeschter. Éischtens, ech fänken hannen emol un, muss een op d'Finanze kucken. Ech mengen, ech hu virdru meng Tirad hei gehal an da maachen ech och nach eng Kéier en Ausrufezeichen hannendrun, du kanns net ëmmer alles kafen, wat eeben um Marché ass, well et da vläicht sympathesch ass, mee ech denken och, an dat hutt Dir och nach eng Kéier gesot, dat ass jo och dat, wat ech a menger Ried gesot hunn, wann eppes subventionéiert gëtt, da kucke mer och, dass mer dat kréien, wat mer subventionéiert kréien. Mir strecken eis der Decken no an ech denken, mir hu jo dann déi Gesetzer, déi soen, dass mer mussen esou vill Prozent ... oder soe mer mol sou, déi virginn, dass esou vill Prozent vun engem PAP sollen a Gemengenhand bleiwen.

Mir hunn eis jo dorunner gehalen, am Quartier A Bëlleg ass et geplangt, op Lenkeschléi, ech gesinn déi fënnef Haiser, déi mer do gebaut hunn, déi sech ganz gutt och integréieren, wou mer och eng Mixitéit vun der Populatioun an deem Quartier och mat promouvéieren. Ech mengen, dat hu mer do scho gemaach. An zu deem anere Punkt wollt ech just soen, dat mat de Residenten, an ech denken, ech weess elo just, wéi et zu Hesper gelaf ass, do waren einfach Leit, déi intresséiert waren, futur Proprietairen ze ginn an déi hunn sech zesummegedoen. An, ech mengen an der Stad ass en änleche Projet um Belair, déi sech zesummegedoen hunn, fir eng Parzell ze bebauen, wou d'Gemeng gesot huet, jo, da maache mer dat am Aklang zesummen, do fannen ech, do muss d'Dynamik vun de Bierger ausgoen an ech mengen, sou wéi ech eis Gemeng gesinn, eeben den Dialog, dee leeft ganz gutt, d'Schoul Balzeng ass dat beschte Beispill, Balzenger Quartier kann ee scho bal soen.

Ech denken, wann do Leit sech zesummen doen a mat enger flotter Propos kommen, da sinn, géif ech mengen, eise Schäfferot oder eis Service-techniken déi allerlescht, déi géife soen, bon, Neen, dat do ass Quatsch, loosse mer dat sinn. Mee ech denken, den Incentive muss och net ëmmer vun der Gemeng kommen. Ech denken, do ass en Appell, vläicht kann een do eng Kéier en Appell maachen, kuckt hei, Dir wunnt all do oder setzt Iech zesummen, maacht eng flott Propos a mir hëllefen Iech, mir dat, mat op dee Wee ze bréngen an dann, wat een duerno dovunner keeft, bon, ech denken, dat muss ee kucken. Mee wéi gesot, ech fannen och, en vue vun de Finanze muss een dat alles e bësselche méi poséiert kucken. Et ass ëmmer gutt, wann ee seet, mir maachen a bauen nach méi a mir kafen nach méi, mee bon, woher nehmen, gellt.

Merci awer fir déi flott Iddien, datt ee mol nees eng Kéier nei Reflexioune kritt. Ech mengen, dofir sinn och esou Motioune ganz interessant. An, voilà, mir deelen awer soss éischter dem Här Buergermeeschter seng Approche. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser. Soss nach weider Stellungnamen? Madamm Ahmedova, Dir wëllt bestëmmt drop reagéieren.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Jo, just eng kuerz Reaktioun. Also, ech mengen, mir sinn effektiv op der selwechter Linn, et ass net dat. Mee hei ass et, grad méi wäit goen. Et ass effektiv richteg, zimmlech alles, wat Dir sot. Mir kënnen och gär „plus fréquemment" aus der Motioun eraushuelen an dann einfach soen „systematesch den Droit de préemption spille loossen".

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Dat ass jo nach méi staark wéi „plus fréquemment".

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Mee dofir hu mer

eis erlaabt „plus fréquemment" ze soen. Ech verstinn lech, an ech verstinn lech awer net, wann Dir sot „zu der Präisspiral bäidroen", well justement d'Iddi ass, datt Dir vum fräie Marché eng Wunneng erofhuelt an Dir se als abordabel virugitt. Ech verstinn all déi Argumenter, natierlech mussen d'Finanzen och matspillen, natierlech muss et och finanziell drobar sinn, natierlech musse verschidde Krittären erfëllt ginn, well ganz oft d'Gemenge méi streng kontrolléiert ginn - soen ech elo mol - wéi e Privaten, deen eppes verlount, däers si mer eis sécherlech bewosst, mee ëmmer erëm „Präisspiral"...wou wëllt Dir da soss eppes kafen, wann et net um private Marché ass? Et ass ëmmer eng Präisspiral do an, justement, d'Iddi ass eeben, abordabel ëffentlech ze verlounen.

Jo, an dat mat „partizipativ", ech hunn einfach probéiert, eng Léisung ze fannen, well ech mierken, datt d'Leit aus dem Quartier net zefridde sinn a fir datt mer awer kënnen - soe mer esou - awer Wunnengen entwéckelen am Aklang oder an der Harmonie mat den Awunner aus deem Quartier, well dat wat Dir sot, d'Bautereglement, ass richteg, mee et steet ëmmer maximale Gabarit do. Dat heescht, et kéint ee méi kleng bauen an awer méi Eenheeten. Ech soen elo mol, ech huelen erëm den Angeldall, wann de Gabarit méi niddreg gewiescht wier, wéi déi meescht Haiser awer, déi do gebaut sinn, hätt een awer kéinten Appartementer draus maachen, déi vläit, wéi d'Madamm Thoma sot virdrun, eng Moyenne vu sechzeg Quadratmeter hunn amplaz vun zweehonnert. Dat ass déi Iwwerleeung einfach dobäi, et ass elo näischt wat onméiglech wier.

Just nach, wat ech nach geschriwwen hunn, Madamm Kayser, Dir sot dat Beispill, wou d'Leit sech kënnen zesummen doen, dat ass, also wann ech richteg verstinn, och e bëssen en anere Volet. Mir schwätzen do vu partizipativ Wunnengen, wou d'Leit eeben e Grondstee hunn, da kucken se, wat d'Besoine sinn an dat ass och eppes ganz Flottes. Mir kënnen och eng Motioun dozou maachen. An, jo, fir eis ass et effektiv och esou, dat wat den Här Buergermeeschter sot, am Nouveau quartier huet een eng Obligatioun iwwer de Pacte logement an et kritt een déi Saache subventionéiert, mee hei war justement déi Iddi fir net ënner der Obligatioun, dat heescht, an engem Quartier existant, wou eeben esou Promoteuren ëmmer erëm bauen, datt ee kann déi Demarche maachen an do mol kucken, ob eppes Interessantes dobäi wier. Voilà. An natierlech ass et och ëmmer wichteg, datt een awer eng gewësse Mixité sociale an engem Quartier mathëlt, fir datt d'Vitalitéit vun deem Quartier och erhale gëtt. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, Merci. Wéi Dir lech virstelle kënnt, si mer déi Motiounen och immens sympathesch, mee et ass e bësse schwiereg, well an all Motioun si sympathesch Saachen dobäi an et si Saachen dobäi, wou mer elo och e bëssen eis Schwieregkeeten hunn. Dat mam Droit de préemption, do verstinn ech och e bëssen, wat den Här Buergermeeschter seet mat der Präisspiral, do menge mer awer schonn, also, do kéinte mer den éischten Tiret matdroen, well mer soen, OK, „plus fréquemment", dass ee wierklech sech e bëssen als Linn gëtt, hei, et gëtt systematesch gekuckt, ob ee kann den Droit de préemption spille loossen, ouni e musse systematesch spillen ze loossen, wann ee gesäit, OK, dat heiten ergëtt elo kee Sënn, mee ech menge schonn, dass een awer do muss op de Wee goen, wann ee wëll de Parc locatif vun der Gemeng e bëssen erhéijen, da muss een och sech d'Moyene ginn, fir eeben och Terrainen ze acquéréieren.

Beim zweete Punkt gesi mer zwee Probleemer. Zum enge si mer do awer och ganz beim Buergermeeschter, dass mer soen, wann d'Gemeng Logementer schaaft, da sollen se och an der Hand vun der Gemeng bleiwen. Dowéinst si mer och net dofir, dass déi sollen, och wann et sous emphytéose ass, mee dass se verkaaft ginn, do si mer schonn der Meenung, dass déi da sollen an ëffentlecher Hand bleiwen a verlount ginn.

An dann, Jo, et kann een ëmmer an „étroite collaboration avec les résidents" sech dat ukucken, mee mir gesi jo awer, wourobber dat erausleeft. Dat Wuert gouf haut nach net gesot, ech geheien einfach elo mol den Nimby-Effekt awer an d'Diskussioun eran. Et ass jo keen do, deen dann awer fräiwëlleg seet, ech hätt elo gären eppes riseg Grousses hei wunnen an da muss een awer kënnen ofweien, et soll ee jo och ofweien, mee mir mussen awer méi dicht bauen an et wäert elo, mengen ech, awer kee soen, jo, baut méi dicht an datt in my backyard. Also, dowéinst, dat, ech weess elo net genau, awéifern dat eis elo weiderbréngt an der ganzer Diskussioun.

Déi zweet Motioun, déi ass eis natierlech och ganz sympathesch. Mir soe jo reegelméisseg, et gëtt investéiert an de Wunnengsbau, mee och an eisen Aen awer nach net genuch. Dowéinst hätte mir vläicht beim éischten Tiret gesot „à investir davantage dans le développement" an ech mengen, dat ka kee falsch maachen. Mee den zweeten Tiret, mir hätten deen e bëssen anescht formuléiert, dass ee seet, dass een an all Fall, zumindest „à étudier la possibilité d'acquisition", ech probéieren dat elo hei spontan ze maachen. Mäi Franséisch ass net gutt genuch, fir dat hei spontan ze maachen, mee domadder hätte mer kënne liewen. Mir verstinn och, dass ee elo net ka soen, OK, zu honnert Prozent systematesch mir kafen ëmmer eng Unité d'habitation, well da wësse mer och schonn, wann dat och bei de Promoteuren d'Ronn mécht, da wëlle mer net wëssen, wat do ëmmer déi bëllegst, da kréie mer ëmmer d'Garage vum Portier, wou eng Fënster agebaut gouf, dann ass dat ëmmer déi bëllegst Wunneng, mee dass ee vläicht kuckt, allkéiers d'Méiglechkeet fir wierklech méi ze acquisitionéieren, ënnersicht a wann et Sënn ergëtt, dass een dat da wierklech méi systematesch mécht. Dowéinst, ech weess nach net, wéi mer wäerten ofstëmmen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma, och fir dës intressant Ausféierungen.

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech wëll mech dann och eng Kéier kuerz dozou äusseren. Also, mir sëtzen an dëser Constellatioun

mol nach kee Joer zesummen an ech muss awer soen, dass d'Gemeng an där Zäit Wunnengen zoukaf huet an och schonn d'Virkafsrecht méi wéi eng Kéier ausgeüübt huet. An der éischter Motioun geet hei rieds vu Bauterrainen, fir ze kafen. Bon, et muss een ëmmer wëssen, wann een en Terrain huet, e plakegen Terrain, bis do herno eppes dropsteet, wou och Leit kënnen dovu profitéieren, dat geschitt net vun haut op muer, dat dauert Joren an d'Wunnengskris ass nun emol elo do.
Da fannen ech dee Wee awer gutt, dee mir als Gemeng schonn éfters gaange sinn, nämlech Wunnengen um Marché ze kafen, déi stabil gebaut sinn, wou am Virfeld scho gekuckt ginn ass, wat een dorauser maache kann. Wéi déi eng Wunneng, déi mir kaf hunn, wou Appartementer doraus gebaut ginn, fir dass d'Leit direkt och kënnen dovunner profitéieren.

A wa mer dann och nach de „plus fréquemment" ewechloossen, wéi d'Madamm Ahmedova gesot huet, da si mer eigentlech jo bei deem, wat mer jo souwisou am Moment scho maachen. An dann nach ee Punkt: "allkéiers Wunnenge kafen", dat ass jo hei scho gesot ginn, dat géif direkt d'Ronn maache bei de Promoteuren an domat géife mer dann dee Moment och d'Präisser eropdreiwen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Meyer.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Ech géing mech elo versichen hei als externe Beobachter vun der Diskussioun, wuel gréng gefierften externe Beobachter, mee ech mengen, et ass kloer, dass, d'Madamm Ahmedova bei eis Expertin a puncto Logement an Urbanismus ass, ech ginn hir elo net draschwätzen. Ech hunn elo e bëssen d'Diskussioun hei verfollegt an der Madamm Thoma hir Interventioun, déi huet mer am Fong gutt gefall, well et esou eng war, déi iwwert den - mir sinn eis eens, dass et eigentlech eng gutt léif gemengten Iddi ass, mee, voilà, déi ass driwwer erausgaangen, déi huet och schonn e bësse Léisunge gesicht, wéi een dat da kéint ëmformuléieren, well ech mengen, wann et déi perfekt Léisung géing ginn a wann et déi perfekt Motioun scho gi wier, da wier méi Logement an eiser Hand an dann hätte mer verschidde Logementsproblemer vläit och net gehat, sief et elo a staatlecher Hand oder an der Gemengenhand.

Meng Fro wier einfach, wéi kéint een dann hei eng Léisung fannen, e Konsens fannen, mengetweege muss dat jo och elo net vläit an dësem Gemengerot sinn, wann ech elo d'Auerzäit kucken, mee, ech mengen, d'Madamm Kayser hat virdru gesot gehat, et wier flott, eng Kéier driwwer och diskutéiert gehat ze hunn. Vläit kéint een dat jo dann an d'Perspektiv setzen, dass mer eis als Gemengerot einfach d'Hausaufgab ginn, fir déi nächst Kéier eise Pisten an déi dote Richtung ze iwwerleeën, wéi mer dat dote wéilte maachen, fir dee méi systematesch oder fir deen, jo, deen Däiwelskrees do, dat liicht, ech denken, eis allen zwee och an, wéi een dat dann erauskritt, dass een einfach seet, OK, vläit hu mer, vläit gi mer haut e bësse méi schlau eraus, just als Fro.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, ech mengen, déi Motioun hei steet zum Vott an si ass awer agereecht ginn haut de Mueren, keng Zäit gehat se ëmzeänneren. Ech mengen, mir sinn eis eens, par rapport zu enger Rei Ausriichtungen, wou mer, mengen ech, an déi selwecht Richtung wëllen zéien, mee mat enger Rei Invitten, mengen ech, kënne mir als Majoritéit esou net droen.

Mir mussen awer bal zum Vott kommen, wat net verhënnert, dass een sech Geleeënheete gëtt, fir an eisem Groupe de travail ronderëm de PAG, respektiv ronderëm de PAL, dass een dat heiten nach eng Kéier vun der Ausriichtung hier ouni Problem ganz gären diskutéiert, well mer eis a verschidde Punkte jo eens sinn, mee déi Formulatiounen, sou wéi se hei stinn - wéi gesot, sympathesch Ausriichtung, ech mengen, mir zéien an déi selwecht Richtung - mee sou déi Form, déi Invitten hei, sou wéi se haut hei presentéiert ginn, dat kënne mer net matdroen.
Ausser, Dir géift se zeréckzéien, jo, gutt, mee dat ass e Choix vun den Auteuren oder mir stëmmen se of. Et ass un Iech dat ze decidéieren. Dir concertéiert Iech nach.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): OK, also zéng Sekonnen d'Concertatioun. Mir géifen se dann zeréckzéien an dann ëmformuléieren an Iech se d'nächst Kéier méi mat Zäiten erareechen, da kënne mer méi ausféierlech driwwer diskutéieren. Ass dat e Komproмëss?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ganz gär.

SEMIRAY AHMEDOVA (DÉI GRÉNG): Super.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci och fir déi doten Ouverture. Gutt, ech soen dem Tom Bernard Merci fir seng Presenz.

# 5. PERSONALFROEN

### 5.1. Attributioun vun enger Indemnitéit fir Employéen, déi mat der Virbereedung an Duerchféierung vun den Europawalen den 9. Juni 2024 befaasst sinn

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ënner dem Punkt Personalfroen hu mer eng Rei Punkten, éischtens emol d'Allocatioun vun enger Indemnitéit fir d'Fonctionnairen, fir effektiv hei d'Europawalen den 9. Juni. Dat ass jo am Fong en Zousaz vun Aarbecht fir eis Beamten, an do ass et esou, dass mer jo dräi Beamten hunn hei aus dem Biergeramt, déi eng Indemnité compensatoire kréie vun 180 Euro, Index 100, fir déi Aarbechten an, nom selwechte Prinzip, dee mer och bei de Gemengewalen haten, och bei den Nationalwalen, an et ass vum Beamten aus dem Gemengensekretariat, deen 170 Euro, Index 100, kritt eebe fir déi Aarbechten um Niveau vum Vote par correspondance. Voilà, an déi aner zwou si fir alleguerten d'Operatiounen an de Vote par correspondance. Ass de Gemengerot domadder averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech lech villmools Merci.

### 5.2. Kreatioun vun engem Poste fir e Vollzäitemployé, Carrière A3ter, Chef vum Atelier (Botze vun de Gebaier)

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Dann, den nächste Punkt, dat ass d'Kreatioun vun engem Salarié à tâche complète, Carrière A3Ter, als Chef d'Atelier. Jo, dat heiten ergëtt sech aus och dem neie Südaarbechter-Kollektivvertrag, dee mer eis ginn hunn, dee mer jo och am Gemengerot hei och gestëmmt hunn. Do ass et och esou, dass do d'Ufuerderungen un natierlech eise Chef d'Atelier fir de Service Nettoyage hei an der Gemeng, dass een déi Karriär kann och kréieren. Ech wëll och soen, dass mer eng Madamm hunn, déi op deem Posten ass, mee jo awer och d'Konditiounen erfëllt, fir an déi dote Karriär ze kommen, a si ass am Fong dann och responsabel fir d'Gestion und Organisatioun vun honnert Mataarbechterinnen - virun allem sinn et Mataarbechterinnen - an deem dote Service. Si mécht dat schonns säit Joren an si mécht dat och ganz, ganz gutt. De Südaarbechter-Kollektivvertrag gëtt eis déi Méiglechkeet, eeben och eng Revalorisatioun vun hirer Karriär ze maachen a vu dass se eis voll Satisfaktioun gëtt, misse mer u sech op de Wee goen, fir de Posten ze schafen, éier en dann dono ausgeschriwwe gëtt, intern, a si sech drop melle kann, dat ass déi gängeg Prozedur. Ass de Gemengerot domadder averstanen? ***Dat ass unanime***, Merci.

### 5.3. Kreatioun vun zwee Vollzäitposten, Carrière A4, Portier (Sport)

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Beim nächste Punkt geet et dann ëm eng Kreation vun zwee Posten. Mir waarden alleguerten drop, dass de Strutzbierg opgeet an, fir dass dat dann och anscheinend funktionéiert, brauche mer do zwee zousätzlech, Conciergen an hei géife mer da proposéieren an der Carrière vun der A4,



déi Posten ze kreéieren. Merci. Eng Fro?

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci, ech hunn do eng Fro: Éischtens emol hate mer jo schonn e Sportkomplex Sport, Sportkomplex Strutzbierg, wou mer jo da warscheinlech och e Portier haten, oder zwee, wou sinn déi hin? Déi Posten, si jo nach ëmmer do. An, 'ech hunn ëmmer geduecht, et wär jo och esou, ech hat déi Fro scho gestallt, wéi mer och bei eisem Hall Polyvalent, do hu mer och ënnerem e Portiersposte kreéiert an et huet ëmmer geheescht, mir hunn eng Équipe volante an ech fuere wierklech oft laanscht deen Hall Polyvalent an do ass och net de ganzen Dag ëmmer eppes lass an dofir ass meng Fro, ob dat wierklech ëmmer berechtegt ass, dass mer fir all neit Gebai, wou mer, dass mer do ëmmer rëm direkt ee bis zwee Porte-tienastellen. Also dat ass mer e bësse friem virun allem hei. Wéi gesot, mir hate jo schonn e Sportkomplex Strutzbierg virdrun, éier ëmgebaut ginn ass. A wat hu mer mat deene gemaach? Déi Posten hu mer definitiv net ofgestallt oder an de Suspens gesat.

Dofir géife mer eis, mengen ech, bei däser Kéier mol eng Kéier enthalen, eeben och well ech ëmmer soen, mir mussen e bësse méi iwwerleeën, wéi néideg mer wierklech och déi Créations de poste ëmmer maachen, well dat awer och en Impakt huet op eis Finanzen. Net elo, dass ech deene Leit wéilt soen, se géifen hir Aarbecht net gutt maachen, mee wéi gesot, deemools hate mer scho Portieren, wéi mer den Hall polyva-lent gemaach hunn, mir hunn awer och nach e Portier, deen zum Beispill och affektéiert war vum Hild an do huet et geheescht, ma dee gëtt an déi Equipe volante mat integréiert an hei sinn dat elo direkt zwou Affektatiounen nëmme fir ee Site, kit, dass ech weess, dass do warscheinlech méi Aarbecht ass, dass do musse wierklech Leit zur place sinn, mee wéi gesot, dat hate mer jo scho virdrun. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Kayser. Nach weider Stellungnamen?

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): effektiv waren do natierlech virdrun och schonn Aktivitéiten, déi stattfonnt hunn, déi Leit, déi elo wärend där Bauphas - si si jo och an dee Pool vun der Ekipp integréiert ginn an déi sinn och bis elo beschäftegt an et heescht schonn, dass mer do Leit brauchen, well et ass wéi Dir sot, am Fong geholl gëtt jo déi ganz Conciergerie affektéiert un de Services des sports an deen decidéiert dann, wou se gebraucht ginn a wou se dann dee Moment och sol-le schaffe kommen. Dat heescht, dat kënnt an dee grousse Pool. Mir hunn awer elo festgestallt, dass mer der

do nach zwee brauchen, well och de Strutzbierg, wann dee jo nei fonctionéiert, do si jo méi Stonnen, déi ufalen.

Ech mengen ënner anerem, dass dee Schwammbaseng e bësse méi grouss ass, dat bréngt schonn alleng Aarbecht mat sech, well d'Piscine och méi laang de ganzen Dag iwwer genotzt gëtt, och bis owes spéit, méi laang wéi dat virdrun de an eeben ass och d'Maison Relais nach weider Plaze kritt oder méi grouss ginn ass. Dat heescht, dat Ganzt ass awer evoluéiert par rapport zu deem Zoustand, wou mer virun de Bauaarbechten haten an dofir war elo hei consideréiert ginn, dass mer an deem Pool, wou mer am Service des sports hunn, hei zwou Plazen néideg wären um Strutzbierg, déi dann do affektéiert ginn.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ma ech wollt da just nofroen, wéi grouss ass dann dee Pool vun de Portiere vum Service Sports?

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, déi misst ech elo genau nokucken. Et ass awer sou, dass mer do am Fong geholl ëmmer déi ganz Evolutioun, och an deenen nächste Joren, e bëssen um Radar hunn. Dir hutt hei elo gemierkt, hei sinn et Conciergen ouni Pre-acquisen, wat elo Diplomer ubelaangt oder en Hand-wierk, dat heescht mir kucke schonn do ëmmer, wéi vill Portiere sinn an eiser Ekipp, wat geschitt déi nächst Wochen a Méint a Joren engersäits vun Infrastrukturen hier an awer och, wie geet wéini an d'Pensioun, dat heescht, do ass schonn ëmmer sou e ganzt Konzept hannendrun. An déi genau exakt Zuele kënne mer Iech natierlech dann noreechen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): ***Merci, da géife mer zum Vott iwwergoen. Wien ass mat der Kreatioun vun dëse Posten averstanen? Dat si Stëmme vun LSAP, Gréng, DP, ADR an déi Lénk. Wien enthält sech? Dat ass dann d'CSV.*** Merci.

**5.4. Konversioun vun engem fräie Vollzäitposten, Carrière H1, Hëllefshandwierker, an e fräie Vollzäitpos-ten, Carrière H3 (DAP/CATP), Handwierker (Schräinerei)**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer op den nächste Punkt iwwer, dat ass d'Konversioun vun engem Posten, dat ass am Fong an eiser Schräinerei, do ass et esou, dass mer e Mataarbechter haten, deen ass an d'Pensioun gaangen. Bon, dat war en Hëllefshandwierker. Also, dat heescht, dass dee Posten am Fong besteet, mir wollten deen awer ëmwandelen an en Handwierksposten, also an en H3, also laut dem Kollektivvertrag, DAP oder fréier CTP, einfach well och d'Ufuerderungen un eis Schräiner-ei ëmmer méi grouss ginn, sou wéi se och evoluéiert huet. An ech mengen, méi Sënn mécht elo do, en ausgebilten Handwierker ze hunn, wéi en Hëllefshandwierker. Dofir maache mer eng Conversion de poste. De Posten ass fräi, dofir wandele mer dee besteeënde Posten ëm an eng méi héich Qualifikatioun. Dat sinn d'Erklärungen, ass de Gemengerot domat averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech villmools Merci.

**5.5. Kreatioun vun engem Vollzäitposte fir e Gemengenemployé, Salärsgrupp C1, Verwaltung a Sträiche vun engem Vollzäitposte fir e Gemengenemployé, Salärsgrupp C1, Service Education et Accueil (Digitaliséierungsservice)**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da komme mer un de Service éducatif et psychosocial.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, dat ass eng Création de poste an dat ass relativ einfach. Et ass eng Persoun, déi war bis elo am SEA, also net bis elo, déi war aleng an déi ass do am Fong agestallt ginn a mir missten elo, well se am Scan-Service ass, well se déi Aarbecht och net méi ka maachen, misste mer engCréation de poste maache fir do am Scan-Service an deen aneren dann ofschaffen. Dat ass fir alles, Dokumenter, alles wat eräkënnt, de Courrier, alles wat iwwerhaapt d'Archiver vun der Gemeng sinn.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Dat ass de Service Digitalisatioun vun der Stad Diddeleng. Voilà. Ass de Gemengerot domadder averstanen? ***Dat ass unanime***, villmools Merci.

**5.6. Kreatioun vun zwee Vollzäitposte fir Gemengenemployéen, Salärsgrupp C1, Service Educatioun et Accueil**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da bleiwe mer beim Service éducation et accueil.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Jo, voilà, do wär d'Kreatioun, vun zwee Posten am C1. Ech erkläre firwat maache mer eng Kreatioun? Ech mengen, mir kucke jo ëmmer ufanks des Joers, wéi ass d'Entwéckelung, wéi vill Kanner hu mer a wéi vill Personal? Hei wier eng Kéier véierzeg Stonne fir d'Lenkeschléi, well mer do an d'Luucht gaang sinn, do geet et net méi duer, an deen aneren C1, dat wär fir den Ribeschpont, ech mengen och do, Dir wësst et alleguermir sinn do um ukomm, mir hunn dee voll besat a mir brauchen elo do awer eng weider Persoun.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot och mat där doter Kreatioun averstanen? ***Dat ass unanime***, villmools Merci.

**5.7. Kreatioun vu véier Vollzäitposte fir Gemengenemployéen, Salärsgrupp B1, Service Education et Accueil**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Beim véierte Punkt geet et och ëm eng Création de poste.

JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Do géife mer eng Kreatioun vu véier Poste maa-chen. Och dat ass, wéi gesot, festgehale ginn, fir ze kucken, wou si mer drun. An déi véier Poste sinn am Fong Diploméen an dat wär eng Kéier fir d'Gaffelt, eng Kéier fir de Ribeschpont, ee fir de Strutzbierg an ee fir d'Lenkeschléi. Dir wësst jo, datt mer déi Posten ëmmer och vum Ministère sou vill Prozent maachen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot och domadder averstanen? ***Dat ass unanime***, da soen ech lech villmools Merci.

**5.8. Kreatioun vun engem Poste fir e Vollzäit-Gemengenemployé, Salärsgrupp A2, Verwaltung a Sträiche vun engem Vollzäit-Gemengenemployésposten, Salärsgrupp B1, Verwaltung (Kommunikation a Pressaarbecht)**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da komme mer an eise Service Communication et Relations presse. Do geet et drëms, e Posten ze kreiéieren an der Groupe d'indemnité A2 an awer och dann de Posten, wou elo déi Persoun drop ass, ze suppriméieren. Et muss ee soen, dass mer dat heite maachen, well mer eng Mataarbechterin am Service hunn, déi effektiv an der Richtung vun der Grafikerin ass, och déi néideg Qualifikatiounen huet, déi dräizéng Joer laang eeben am B1-Poste war, bon, déi no dräizéng Joer och hir néideg Erfarunge bruecht huet, sou dass een do kéint op dee Wee goen, si huet, wéi gesot, e Bachelor an där doter Qualifikatioun sou dass mer och dat kënnen ëmwandelen. Wann een dräizéng Joer an där Karriär war, wou se awer aner Qualifikatiounen huet, ech mengen, si huet hir Preuven gemeet an och intern Aarbecht geleescht, sou dass een op deen dote Wee ka goen, dat heescht, hei de Poste kréieren. Dee géif natierlech intern ausgeschriwwe ginn an an engem nächste Gemengerot muss da gestëmmt ginn dofir. Mee et ass keen zousätzleche Posten, et ass keng zousätzlech Persoun, déi hei agestallt gëtt, et ass am Fong eng Revalorisatioun vun der Aarbecht, déi déi Persoun mécht, déi säit dräizéng Joer hei schafft.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci fir d'Wuert. Also, wann ech dat richteg verstan hunn, huet déi Persoun sech mat enger Iwwerqualifikatioun op de B-Poste gemellt, also an eng Kategorie B, an elo schafe mir e Posten A, fir dass se deem Diplom, deen se virun dräizéng Joer kritt huet, entspriechend appropriéiert bezuelt gëtt, soe mer mol sou. Elo ass meng Fro: Ass dat virgeschriwwe vum Staat oder maache mir dat nëmmen, well mer fäi sinn? An ech soen ëmmer d'Beispill, wann ee weess, dass een en héijen Diplom huet an et geet een op e Posten, deen eeben eng manner héich Karriär fuerdert, da weess een dat jo och. An ech fannen dat elo e bësselche komesch oder e bëssen ongléckech, ech kucken dat elo aus dem private Secteur eraus wann s de, wat weess ech, als Dokter dech bei, wat weess ech, Médecins sans frontières géifs mellen an et wier just en Infirmièresposten do, mee aus Idealismus gees de op en Infirmièresposten, da kanns de och net soen, ma hei lauschtert ech hätt awer elo gär, dass de dat an en Dokteschposten ëmschreifs. Mir hunn do ëmmer e bësse Problemer, dass dat e bësselchen esou Poste sur mesure ginn. Absolut näischt géint déi Madamm. Ech weess iwwerhaapt net, vu wiem mer schwätzen hei, mee ech froe mech, ass dat virgesi vum Gesetz oder ass dat just, well mir fäi sinn?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Soss nach weider Froen? Nee. Gutt, ech mengen, wéi dee Posten deemools ausgeschriwwe ginn ass, virun dann dräizéng Joer, dat war dann e B1-Posten, also Primaner, an do gouf et eng Rei Kandidaturen an déi Madamm do ass zeréckbehale ginn, fir deen dote Posten. Well se och déi néideg Qualifikatiounen hat an d'Prérequise mat erabruecht huet. Ech mengen, et ass net déi éischte Kéier, wou mer hei am Gemengerot net direkt nodeems d'Persoun agestallt gouf, mee nodeems se largement iwwert d'Joren hir Preuvë gemeet huet - a beim Staat ass et deelweis net anescht - wou eng Revalorisatioun vun der Karriär gemeet gëtt, a Funktioun och vum Diplom, dass een dat och deementspriechend ka maachen. An dofir droe mir dat och hei deementspriechend mat. Wa mer déi heiten Demande kritt hätten een oder zwee Joer no deem Persoun agestallt gouf, hätte mer sécherlech net en Avis favorable ginn, mee ech mengen, no dräizéng Joer a wann een och seng Aarbecht en bonne et due forme gemeet huet, kann een och dat an deem Sënn maachen. Da géif ech zum Vott iwwergoen. Ass de Gemengerot heimadder averstanen? ***Dat ass unanime.*** Villmools Merci.

**5.9. Kreatioun vun engem Poste fir e Vollzäit-Gemengenemployé, Salärsgrupp A1, Verwaltung mit vorübergehendem Überhang (Regional ëffentlech Bibliothéik)**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Da gi mer eriwwer bei d'Bibliothéik, de Loris Spina huet d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, voilà, da si mer bei der Bibliothéik an hei geet et drëms fir déi Responsabel, déi mer elo hunn, do brauche mer eng nei Persoun, si ass nach do. Do maache eng Création de poste fir eng nei responsabel Persoun ze sichen, well de Posten ass nach besat, quitt dass d'Persoun phy-sesch net do ass. An do sinn eeben eng ganz Rei vu Qualifikatiounen néideg. Dir wësst et, d'Bibliothéikewelt zu Lëtzebuerg ass méi komplex ginn. Mir si jo do an deem nationale BIP-Kader mat dran an do sinn eng ganz Rei vun Ufuerderungen, ugefaang beim Encodage, deee ganz komplex ass an awer och iwwer Personalféierung, soudass mer dat doten elo an deem heite Fall esou als A1 géifen och erëm ausschreiwen. Also eng Création de poste mol fir d'éischt maachen. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo. Merci, dat heiten droe mer mat, wat eis vi-run allem och berouegt, dat ass, dass effektiv och deen Alinea dra steet, dee virdrun och bei der SEA-Cré-ation de poste stoung, dass explizitt drasteet, „de supprimer le poste actuellement, au moment de son départ definitif à la retraite", dat heescht, et gëtt am Fong keen neie Poste kréiert, et gëtt ee parallell, fir dee Manque ze combléieren an dass mer dat am Hannerkapp hunn, dass herno awer deen anere Posten ofgeschaf gëtt. Dat fanne mer ganz gutt. Merci.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, dat ass jo e bëssen eppes, wat mer eis hei d'Wuert ginn hunn, dass wa mer dat dann esou virgesinn, dass een eng Zäit muss iwwerbrécken, a wann déi Zäit dann zu Enn komm ass, da géife mer de Posten effektiv wéi och hei suppriméieren. Merci, da gi mer zum Vott iwwer. Ass de Gemengerot domat averstanen? ***Och dat ass unanime***, villmools Merci.

**5.10. Kreatioun vun engem Poste fir e Vollzäit-Gemengenemployé, Salärsgrupp D1 (Sport)**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ënner dësem Punkt geet et ëm d'Kreatioun vun engem Posten am Service Sports an de Loris Spina huet d'Wuert.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Jo, voilà, mir haten effektiv nach hei eng Plaz. Mir sinn erëm beim Strutzbierg an et ass erëm eng Création de poste am Service Sports, Salärsgrupp D1 eebe fir an der Schwämm en zousätzleche Schwammmeeschter anzestellen. Firwat? Majo, och hei ass et änlech wéi virdrun. Dee Komplex ass méi grouss ginn, de Besoin hëlt zou par rapport zu deem, wéi et virdru war. Et wäerten och méi Coursen a méi Schoulschwammstonnen do stattfannen, also änlech wéi dee ganze Komplex am Allgemengen, wou mer d'Diskussioun mat der Conciergerie haten, dat heescht dee ganze Komplex gëtt méi laang gen-otzt an dofir brauche mer och en zousätzleche Schwammmeeschter nach.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Sorry, mee firwat steet et do net dran, dass et de Schwammeeschter ass? Do steet just e bësse vag gehalen „pour les besoins du département administratif, Service des sports". Just dran „pour assurer une surveillance adéquate des bassins et des piscines de la ville de Dudelange", dat ass awer, mengen ech, awer elo net d'Jobdescription vun engem Schwammeeschter.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Dat kann ech lech effektiv elo net soen, ob dat an deenen Deliberatioune virdrun anescht ausgedréckt war, also et ass de Groupe de traitement D1 , ech mengen, et ass dat wat maassgeebend ass an do kann natierlech deen sech dann herno drop mellen, deen déi néideg Qualifikatiounen huet, déi mer dann och do um Terrain oder bei der Schwämm brauchen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, mee dann ass d'Fro, wa mer et esou vag halen, da kréie mer kee Schwammeeschter, deen sech mellt?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): An der Ausschreiwung gëtt et beschriwwen als Instructeur de natation.

LORIS SPINA (LSAP – SCHÄFFEN): Genau, dat heiten ass d'Création de poste. Herno d'Ausschreiwung, déi gëtt natierlech méi prezis.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Majo, dat war meng Fro. Ok, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ass de Gemengerot averstan mat där Kreatioun? ***Dat ass unanime***, Merci.

**5.11. Kreatioun vun engem Poste fir e Vollzäit-Gemengenemployé, Salärsgrupp B1, Verwaltung (Enseignement fondamental)**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Dann de leschten de Punkt, wou dat Personal ugeet an ëffentlecher Sitzung, dat ass den Enseignement fondamental. D'Josiane déi Bartolomeo-Ries huet d'Wuert.

D'JOSIANE DI BARTOLOMEO-RIES (LSAP – SCHÄFFIN): Dat heite wier eng Création de poste an zwar fir am Service-Enseignement. Ech mengen, de Moment ass komm, déi meescht wëssen dat schonn, datt eise Chef vum Service Enseignement a seng wuelverdéngte Pensioun geet. Firwat musse mer hei en neie Poste schafen? Et ass einfach sou, datt dee Poste bis elo guer net bestanen huet. Dat heescht, hien war Employé d'état, mee e war just bei eis affektéiert iwwer d'Direktioun an dofir musse mer hei en neie Poste schafen. Voilà.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, ass de Gemengerot heimadder averstanen.? ***Dat ass unanime***, da soen ech lech villmools Merci. Domat hätte mer de Volet, wat d'Personal ugeet, an der ëffentlecher Sitzung ofgeschloss. Da gi mer op den nächste Punkt iwwer.

# 6. OFZÉIE VU BEAMTE VUM DIDDELENGER POLIZEI-KOMMISSARIAT

**Vum Gemengerot an der Sëtzung vum 9. Februar 2024 ugeholl Motioun a Stellungnam vum Minister fir Bannenzeg Ugeleeënheeten**

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Hei geet et ëm d'Polizeikommissariat zu Diddeleng, respektiv och de Courrier, dee mer vum Inneminister kritt hunn. Dir hutt et jo gesinn, dee Courrier, deen ass jo de Freiden erausgaangen, dee war jo um Ordre du jour vum Gemengerot. Dir hutt jo och d'Äntwert konnte gesinn, vum Inneminister, an dofir ass en och op den Ordre du jour gesat ginn vun dësem Gemengerot, fir dass déi politesch Parteien nach am Gemengerot sech dozou äussere kënnen, wann se wëllen. Et ass e bëssen an der logescher Suite awer vun der Diskussioun, déi mer am viregte Gemengerot och hei haten, an et war jo och dann de Schäfferot, respektiv dann de Buergermeeschter, deen e Courrier am Numm eebe vum Gemengerot un den Inneminister gemeet huet, deen eis natierlech dann och geäntwert huet, an dofir och hei dat wollt mat lech dann nach eng Kéier beschwätzen an Dir hutt jo och gesinn, dass de Méinden och jo nach eng Motioun erakomm ass vun deene Gréngen. An elo de Mueren nach Séance tenante eng vun der CSV, op déi mer kënnen herno agoen.

Ech wéilt just nach awer e bëssen op de Courrier reagéieren, oder eis Vue mol effektiv eraginn. An ech mengen, sécherlech déi aner Parteie kënne jo dann och nach hir Vuen hei mam Gemengerot deelen. Dee Bréif, dee mer virleien hunn, bon, ech fannen, dass dat elo keng Äntwert ass, déi eis als Gemeng, als Stad Diddeleng, kann zefridde stellen. Wann een e bëssen duerch dee Courrier geet, da gëtt hei engersäits vun engem Retrait présumé geschwat vun Agenten. Bon, ech men-

gen, et ass keng Vermutung, et sinn Agenten, déi vum Diddelenger Kommissariat ofgezu gi sinn, fir dann och effektiv an der Stad am Kader vum Dispositif ze evoluéieren. Et ass also net presuméiert, et ass e Fakt, dass dat de Fall och ass. Mir hunn eng ganz Rei Saache jo och an dee Courrier geschriwwen a kréien awer och keng kloer Auskunft, wat d'Zuel ugeet vun de Polizisten, déi hei ofgezu goufen an och net wéi vill vill Agente konkret zur Verfügung gestallt goufen, wat dat fir eng Konsequenz huet op d'Kommissariat hei zu Diddeleng, also par rapport ze deem, wat mer hei diskutéiert hunn, hu mer keng Äntwert, kritt.

De Minister seet, hie géif feststellen, dass Stad Diddeleng, d'Recrutementspolitik vun der Regierung géif jo da guttheeschen. Mir heeschen se esou gutt, wéi mer dat och vun deene viregte Regierunge gemeet hunn. Säit 2013 ass d'Recrutementswell ugelaf ronderëm d'Polizisten insgesamt hei am Land, dovunner huet och d'Diddelenger Kommissariat profitéiert, also et ass scho vun 2013 un, wou mer natierlech, déi Renforte begréissen, zemools wa mer och dann hei zu Diddeleng Renforte kréien an déi brauche mer jo och, well mir wëssen, dass d'Charge de travail vun de Polizisten och immens héich ass an nach méi héich ass, wann dann och nach Leit ofgezu ginn an, bon, mir hu jo och elo net direkt gesot kritt, wéini dass deen Ofzuch ophält.

Et konnt ee jo gewuer ginn, dass dat nach bis Enn des Mounts géif lafen. Mee hei am Bréif ass awer elo eng rezent Informatioun, déi och an der Press zirkuléiert ass an unhand och vu Reuniounen, déi stattfonnt hunn, mee, wéi gesot, eng Äntwert an deem dote Bréif hu elo direkt, wéi gesot, net kritt. Den Inneminister dréckt sech och am Conditionnel aus an deem Sënn, dass hie mengt, dass e versteet, unhand vun der Motioun, et ass e Souci, datt de „Maintien de la sécurité publique existerait", hien dréckt sech am Conditionnel aus. Bon, ech mengen, fir eis, an déi Diskussioun, déi mer awer hei haten am Gemengerot, fannen ech, dass déi Suerg ganz konkreet war. Dofir hu mer eis och hei am Gemengerot adresséiert, a mir gesinn dat op alle Fall net am Conditionnel. Déi Diskussiounen, déi kann ee jo am Verbatim effektiv nolauschteren, et war schonn effektiv, eng gewësse Suerg, déi mer auszedrécken, wat d'Repercussioun op d'Diddelenger Kommissariat, mee net nëmmen, op d'Diddelenger Kommissariat ugeet, a wann een dat am Conditionnel ausdréckt, hunn ech och e bëssen déi Impressioun, dass dann awer och d'Stad Diddeleng och an hirer Perceptioun, wat eeben d'Sécherheet ugeet, net esou richteg da wouergeholl gëtt, soss wär et méi eng affirmativ Ausriichtung vun der Stellungnam vum Minister.

Mir haten der zwou an där Motioun, déi mer hei adoptéiert hunn a wou mer eis engagéiert hunn, einfach och drun zoukommen ze loossen, bal, d'Annulatioun vum Retrait vun den Agenten, respektiv, dass mer Erklärunge solle kréien. Do hu mer och keng Stellungnam elo direkt kritt, dat heescht, de Minister huet net op eis zwou Froe geäntwert an, wéi gesot, och net gesot wéini dass den Dispositif eriwwer ass. Mir hu jo net méi spéit wéi d'lescht Woch héieren, dass nach bis Enn des Mounts soll verlängert ginn a wéi et da weidergeet, dat gesi mer dann. Wat mech awer e bëssen, muss ech soen,




stéiert, dat heescht, ech hu jo dee Courrier do gemeet am Numm vum Gemengerot an och als Buergermeeschter an d'Äntwert, déi ech dann als Buergermeeschter kréien, Jo, do huet de Minister sech awer éischter u mech adresséiert a menger Qualitéit als Deputéierten an net als Buergermeeschter. Hien zitéiert eng Reunioun à Huis clos, wou den Deputéierten Dan Biancalana dobäi war awer net de Buergermeeschter, dat heescht, souwuel dem Buergermeeschter wéi och dem Gemengerot sinn déi Saachen, déi an där Reunioun beschwat goufen, den Inhalt, net bekannt. Ech fannen et schonns e bësse cocasse, déi Äntwert ze ginn.

De Buergermeeschter, kann ee soen, war accessoirement oder zoufälleg zwar mat enger anerer Kap an där Reunioun dobäi, mee, wéi gesot, déi Äntwert fannen ech net richteg, well mir hunn als Stad Diddeleng him dee Courrier gemeet an net elo als Deputéierte vun enger politescher Partei, mee als Buergermeeschter vun der Stad Diddeleng no der Diskussioun, déi mer hei am Gemengerot och haten an dat - muss ech soen - dat stéiert mech an och e bëssen, de Renvoi einfach ze maachen op Question-parlementairen, dat fannen ech och elo als Äntwert un eng Gemeng, muss ech soen, net ganz korrekt. Ech hat mir do e bësse méi erwaart, méi Ausféierungen erwaart par rapport awer zu deem Courrier an der Motioun, déi mer wéi gesot halen.

Wat mech och gestéiert huet, mee bon, jidderee gesäit dat vläicht anescht, natierlech war en, hie referéiert sech och a senger Äntwert op eng Manifestatioun, déi stattfonnt huet den 3. Februar am Garer Quartier, wou natierlech Gemengevertrieder awer och politesch Vertrieder, national Vertrieder aus der Politik vu verschiddene Parteie waren. Bei där Manifestatioun war dann och den honorabele Franz Fayot dobäi, dee gëtt dann hei zitéiert, ma ech weess net, wat direkt den Här Fayot mat der Stad Diddeleng ze dinn huet an et liest een aus den Zeilen eraus, duerch d'Presenz vum Här Fayot an där doter Manifestatioun ronderëm d'Sécherheetsgefill am Garer Quartiere géif hien natierlech och d'Ofzéie vun de Polizisten iergendwéi stäerken respektiv guttheeschen an ech hunn d'Gespréich mam Här Fayot gesicht, dat war jo sécherlech net de Fall, dass hien dat natierlech hei géif an deem Sënn guttheeschen, an ech mengen, seng Presenz war duerch aner Grënn do motivéiert, well am Quartier effektiv Problemer bestinn, mee dat heescht net, dass hien och dat Ofzéie vu Poliziste guttheescht, mee ech wollt awer e Renvoi drop maachen an deem dote Courrier.

Dann, zu deem Zäitpunkt, dass den Dispositif, dass natierlech Missiounen am Dispositif wouergeholl gi vum

Service de police judiciaire, wéi mer d'Äntwert kruten, war zu deem Zäitpunkt net gewosst, mee net méi spéit wéi d'lescht Woch hu mer jo och héieren, dass am Fong déi Missioun, déi de Service de police judiciaire hat, net zu senge Missions dévolues gehéiert huet an deem doten Dispositif. Dat war jo dann am Kader vun Diskussiounen, déi stattfonnt hunn an d'Press jo och driwwer bericht huet. Mir haten och d'Fro gestallt, natierlech e bëssen, dass mer d'Äntwert solle kréien, wéi laang den Dispositif och leeft. Do kréie mer dann eng Äntwert, dass en adaptéiert gëtt a Funktioun vun der Evolutioun vun der Situatioun. Zu deem Zäitpunkt war en Datum jo nach net bekannt a Funktioun vun der Situatioun vum Terrain, mee och do kréie mer keng konkreet Äntwert op dat wat awer hei am Gemengerot diskutéiert gouf, awer och dann am Bréif steet.

Dann zum Ofschloss seet dann de Minister, dass hien natierlech alles mécht fir d'Sécherheet kënnen ze garantéieren. Also, on reste sur sa fin, tëschent awer deenen Diskussiounen, déi mer hei haten an deem Bréif, deen adresséiert gouf, respektiv dann awer och, par rapport zu den Äntwerten, déi mer hei schrëftlech kritt hunn an et mierkt ee jo nieft der Diskussioun, déi mer hei zu Diddeleng haten, dass dat natierlech och Diskussioune lassgeléist huet an anere Gemengen, déi mol méi, mol manner och hir Suergen zur Kenntnis gedroen hunn, dass effektiv och d'Regiounen, respektiv d'Gemengen an deem dote Ganzen net solle vergiess insgesamt ze ginn, well jidderee jo mierkt, dass och d'Charge de travail och op anere Plazen a Kommissariater zimmlech héich ass. Dat ass elo mol eng Stellungnam par rapport zum Courrier, dee mer kritt hunn, deen den Inneminister vum Gemengerot kritt huet. Elo kann natierlech och jiddereen op seng Aart a Weis dozou Stellung huelen a soen, wéi een dat gesäit, an dann, mir hu jo och nach déi zwou Motiounen, da kann een och nach op déi agoen. Mee wéi gesot, déi Äntwert, déi ass fir eis ganz kloer als LSAP bei Wäitem net zefriddestellend. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, Merci Här Buergermeeschter. Als éischt fannen ech, dass mer an engem korrekten Zäitramen eng Äntwert kritt hunn, wat net ëmmer esou ass, wann een e Minister uschreift – mir haten den 2. Februar e Bréif geschéckt an den 23. Februar krute mer eng Äntwert – , ech ginn elo net op déi orthografesch-grammatikalesch Detailer an, ob de „Retrait présumé" ass oder „qu'il existerait" an esou wieder an, et kann een esou Haarspaltereien och maachen, ech wollt just e puer Saache soen. Éischtens emol, dass den Här Minister sech reflektéiert op eng Question parlementaire, an och op d'Kommissiounen an der Chamber. Et gouf mol ëmmer e Sproch heibannen: „Mir si keng Chambre bis" an ech wollt dat och nach eng Kéier hei erwänen, wéi gesot, déi Problematik, ech denken, huet wierklech eng national Envergure an ech mengen, mer mussen oppassen, dass mer do net ofrutschen an eng Chambre bis. Wéi gesot, dat soen ech just eng Kéier fir vläit och an Zukunft esou Diskussiounen ze verhënneren.

Fir mech sinn zwee Sätz extreem wichteg, dass deen Dispositif policier vergréissert gouf an der Stad Lëtzebuerg, op der Gare an an der Uewerstad, „qui a notamment comme objectif la sécurité et la salubrité publique", dat ass e ganz wichtege Saz, d'Gare an d'Stad, dat ass awer nun eemol och ein Aushängeschild vu Lëtzebuerg an ech mengen, wann Dir elo sot, dass dat ongléckIech war, dass den Här Fayot zitéiert gëtt, dass deen an där Demonstratioun dobäi war, mee et waren och nach zweehonnert-dräihonnert aner Leit do an deenen ass et drëm gaangen, dass se kënne propper aus hirem Haus goen, dass se kënne mat hire Kanner, dass déi kënnen ouni Problemer an hir Schoule goen. Déi hu wierklech Suergen a virun allem och d'Salubrité publique, wann am Agank vun den Haiser Leit sinn, déi wierklech sécher ze bedauere sinn, dass se esou eng Situatioun hunn. Ech mengen, déi Diskussioun féiere mer elo net, mee et muss een och un déi Proprietairen denken oder déi Awunner, déi do wunnen, dat wat net flott ass, an dass eis Polizisten, déi hei zu Diddeleng affektéiert ginn, „sont déployés dans le cadre de leur mission au moment nécessaire pour le dispositif spécial". Dat Wuert „déployer", dat heescht „bereetstellen", ëmverdeelen. Dat heescht, dat sinn, et kann ee soen, Leit, déi en Eed op eist Land och ofgeluecht hunn an déi mussen all Moment disponibel sinn, wann iergendzwousch anescht am Land e Besoin ass.

Deen allerleschte Saz ass fir mech deen allerwichtegsten. „Soyez rassuré, Monsieur le Bourgmestre, qu'à la fois la Police ainsi que mon Ministère entreprennent toutes les démarches et déploient tous les moyens nécessaires pour assurer la sécurité et le maintien de l'ordre public" an elo kënnt et : „aussi bien dans votre ville que dans tout le pays". A wa mir eng Kéier an esou enger Situatioun sinn, dass bei eis esou eng Problematik ass, ma da si mir och frou, wann d'Poliziste vun engem aneren Distrikt bei eis affektéiert ginn, an ech mengen, domadder ass alles gesot. An ech fannen, déi Äntwert ass ganz korrekt, ganz kohärent. A wat jiddwereen draus mécht, dat ass eng aner Saach. An d'Fränzi Kemp wäert herno nach op en anere Point-de-vue vun dëser ganzer Affär zeréckkommen. Wéi gesot, eis Polizisten hëllefen an der Stad. An elo soen ech awer just eppes, mir hunn eise Claude Martini am Fong an eng Aussemissioun geschéckt, deen ass elo eng Woch laang an der Stad a mécht en eng Formatioun. An net méi spéit ewéi gëschter huet hien sech un en Dësch gesat, wou dräi Poliziste Kaffi gedronk hunn an du huet hien d'Jongen da mol gefrot, ma déi ware vu Bieles an du huet hien si da mol carrement gefrot, ma wéi ass dat dann, wéi gesitt Dir dat dann?

An si soten: „Mir sinn elo hei affektéiert, jo, et bleift effektiv Schreifaarbecht leien, mee déi bleift och soss leien an eise Kommissariater, wa mer zum Beispill mussen e Gefaangenentransport begleeden oder en Détenu musse surveilléieren am CHL oder esou". Dat heescht, si hunn dat elo selwer net also dramatesch gesinn a si hunn och gesot, dat ass punktuell, dat ass OK. Dunn huet de Claude Martini dann och nach mat e puer Leit geschwat aus dem Garer Quartier, hien huet ëmmer Kaffi gedronk an der Géigend vun der Gare an dunn hunn d'Leit gesot, si hunn awer d'Gefill, dass déi vill Policepresenz awer schonn eppes bewierkt huet, dass awer vläit bësse manner Leit do sinn, déi eeben an den Afaarte leien oder esou, dass dat awer e bësse schonn eng Wierkung huet. Dat ass net representativ, dat ass punktuell, mee wéi gesot, just fir ze soen, d'Polizisten,

déi beschwéieren sech net esou, wéi dat hei duergestallt gëtt, dass si mussen an d'Stad aushëllefe goen a wann dat derzou bäidréit, dass awer d'Leit, déi do wunnen, méi e Sécherheetsgefill kréien, ma firwat solle mir dann net dat ënnerstëtzen an och eise Poliziste Merci soen, dass se sou flexibel sinn, sou disponibel sinn an dat da maachen.

An dass effektiv d'Charge de travail am Sekretariat haaptsächlech an de Kommissariater da leie bleift, dat ass awer och eng Problematik, well eebe vill Poliziste mussen Aarbechte maachen, wéi eebe Sekretariats- a Bürosaarbechten, déi net hir Aarbechte sinn an do ass jo och déi lescht Regierung an dës Regierung ganz sécher jiddweree beméit, dass d'Polizisten erëm op hir Käraarbecht sech kënne fokusséieren an ech mengen, do si mer um gudde Wee an dat solle mer ënnerstëtzen an net ëmmer nëmme soueren an, wann hei an do eppes net klappt, mee positiv no vir kucken an hoffen, dass eeben effektiv de Recrutement och sou gutt leeft, wéi all Mënsch sech dat virgestallt huet an där viregter Regierung, an dëser Regierung a wéi gesot, dass mer an d'Zukunft kënnen „assurer la sécurité, le maintien de l'ordre public, aussi bien dans votre ville que dans tout le pays" dat als Fokus gesinn an dorëms geet et. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, sinn nach weider Stellungnamen?

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, Merci. Ech si elo e bëssen iwwerrascht iwwer déi Äntwert do. Also, mir hu jo als déi Lénk déi Motioun matgedroen d'leschte Kéier an do waren zwou Fuerderungen dran un de Minister. Dat eent war, dass d'Ofzéie vun de Poliziste soll réckgängeg gemaach ginn an dat anert war, dass Erklärunge sollen ofgi ginn zu deem Ofzéie vun deene Polizisten. An ech erënnere mech awer drun, ech hat nämlech och gëschter nach eng Kéier nogelauschtert, wéi mer diskutéiert hunn an do huet awer notamment de Spriecher vun der CSV gesot, hie géing sech immens iwwer dee leschte Saz an eiser Motioun freeën an hie wär gespaant op déi Erklärungen, déi de Minister da géing ofginn, an ech hunn do wierklech geduecht, d'CSV wär dann awer och e bëssen enttäuscht iwwer déi Äntwert, well ech hunn do awer wierklech keng Erklärunge fonnt.

Mir kënnen, genau wéi d'LSAP, net zefridde si mat dëser Äntwert, virun allem ass gesot ginn „Mir si keng Chambre bis", richteg, mee, de Minister geet net op d'Situatioun hei zu Diddeleng an. Den Här Buergermeeschter huet scho gesot, do steet „présumé" dat heescht, eis Suerge ginn net eescht geholl, mir kréien net gesot, wéi et hei zu Diddeleng soll weidergoen an ech verstinn, dass den Här Buergermeeschter net frou ass, wann en eng falsch Kap opgesat kritt an engem Bréif, mee ech erënneren drun, dass am Gemengerot och nach uechtzéng aner Leit sëtzen, déi alleguerten iwwerhaapt net Member an där Commission des affaires intérieures sinn, d'Madamm Kemp och net, souwäit ech weess. Dat heescht, hei sëtzen uechtzéng Leit, wou e Bréif un de Minister geschéckt hunn an déi sinn alleguerte mol vergiess ginn. Da wësse mer och, wéi héich de Respekt vum Minister vis-à-vis vun engem Gemengerot ass. Dee besteet nämlech net just aus engem Buergermeeschter, deen duerch Zoufall och nach Deputéierten ass.

Ech hunn och nach eng Kéier gelauschtert, wéi déi aner Parteien argumentéiert hunn an et huet jo keng Partei iwwregens géint déi Motioun d'lescht Kéier gestëmmt. D'Kolleege vun der CSV, DP, ADR hunn sech enthalen, notamment mam Argument, dass et jo geschwënn eriwwer wier, dass et nämlech eng temporär Mesure wier, déi hätt sollten Enn Februar eriwwer sinn. Abee, mir sinn elo bal Enn Mäerz a mir wëssen net méi wéini et soll eriwwer sinn. An do steet och näischt an der Äntwert vum Minister dran, soudass ech eigentlech dovunner ausgaange sinn, dass effektiv keen heibanne kann zefridde sinn, well esouguer déi, déi sech dann erhofft hunn, OK, et ass punktuell, mee Enn Februar ass et eriwwer, ma déi musse jo dann och enttäuscht gi sinn. Elo wësse mer iwwerhaapt net méi, wéi et weidergeet.

Den Här Minister geet och, wat mech e bëssen nervt, nees iwwerhaapt net op d'Surcharge de travail vun de Polizisten an, an dat ass awer och e Problem. Ech mengen net, dass e Minister einfach kann esou mat senge Poliziste wéi mat klenge Spillzaldote spillen, mee déi hunn och eng Surcharge de travail. Ech weess, et gëtt eng Penurie, mee déi gëtt awer hei nach verstäerkt duerch d'Ofzéie vun de Polizisten, fir an der Stad do mat ze schaffen. Et ginn och keng konkreet Zuele genannt, obwuel mer déi gefrot haten, déi ginn net nëmmen hei net genannt, déi gi jo dann anscheinend awer och net an de Questions parlementaires gestallt, an sou wéi ech et an der Press héieren hunn, och net an der Kommissioun an der Chamber genannt.

Wann ech d'Press vum leschte Weekend gelies hunn, da weess just e Parteikolleeg vum Här Gloden, nämlech de Buergermeeschter vun Esch, anscheinend konkreet Zuelen, mee all déi aner net, dat gëtt eis op alle Fall e bëssen d'Gefill, wéi wann de Minister iwwerhaapt keng Strategie huet mat deem Ofzéie vun de Polizisten, dass et just blannen Aktionismus ass. D'Poliziste sinn net zefridden, dann, wann déi Bieleser do beim Kaffidrénke vläicht kee Problem domadder haten, ech weess awer, dass zumindest d'Gewerkschaft vun de Polizisten e grousse Problem domadder huet. Et ass och net am Respekt vum Rechtsstaat, wa mer esou nolauschteren, wat d'Procureure générale kommunizéiert huet, an d'Séparation des pouvoirs gëtt jo anscheinend och net ëmmer respektéiert. An hei ginn einfach, an dat hu mer schonn d'lescht Kéier festgehal, kommunalpolitesch Interessie vun enger Stad ginn iwwer d'Allgemengwuel vun anere Gemengen an notamment och dann hei vun Diddeleng gestallt a mir ginn net seriö geholl an dowéinst mengen ech och, dass mer eis net sollten ofwimmele loossen.

Déi gréng Kolleegen hunn hir Motioun elo nach net virgestallt, mee ech sinn op alle Fall ganz mat hinnen d'accord, dass mer dat elo net sollen dobäi beloossen, mee dass mer solle weisen, hei, mir sinn nach ëmmer do a mir hunn nach ëmmer keng Äntwert kritt an dass mer et nach eng Kéier sollte probéieren. An dann, ganz zum Schluss, ech wëll just awer nach eng Kéier dat Ganzt, ganz kuerz an de Kontext setzen, well ech mengen,

dass déi Geschicht awer elo hei iwwer Kommunalpolitik erausgeet. Ech hunn d'lescht Kéier scho gesot, et geet drëms, e Bild vun enger propperer Stad ouni Drogen, ouni Heescherten, ouni Migratioun ze propagéieren a mir gesinn awer och elo, wa mer e bëssen d'Aen opmaachen, dass de rietse Bord sech bestätegt fillt, dass ëmmer méi rassistesch Sentimenter geschürt ginn, mëttlerweil och bei Deputéierten, bei Schäfferéit, an ech mengen, dass awer och do all Eenzele vun eis an der Verantwortung ass, fir dat net esou ze akzeptéieren an de Mëtten um fënnef Auer ass eng Manif an der Stad géint d'Heescheverbuet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Thoma. Den Här Steffen huet d'Wuert.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Ech hat mer am Fong virgeholl, näischt ze soen, well ech schonn zimmlech vill an d'Motioun agepak hunn, fir déi herno ze erklären, mee hei sinn awer elo verschidde Saache gefall, op déi wéilt ech ganz gären eng Kéier kuerz agoen. Hei ass vun enger Haarspalterei geschwat ginn, wann et ëm Wierder an engem offizielle Bréif vun engem Minister geet. Ech denken, dass déi Wierder schonn zimmlech gutt gewielt sinn a virun allem mat deem, wat d'Madamm Thoma ugeschwat huet, dee Rietsruck, vun deem iwwerall Rieds ass an dee mer och bemierken, do gesäit ee ganz gutt, wat d'Muecht vun de Wierder alles ausmécht an dass kee Wuert iergendwéi per Zoufall iergendwéi do steet oder stoe gelooss ginn ass, wann héich Agente beim Ministère dat doten erausginn. Dat wier mol dat zum Wording vun där ganzer Geschicht.

Dann, mir hate schonn de Mikrotrottoir eng Kéier vun der CSV, wou et ëm de Shared Space gaangen ass, elo gi mer Kaffi drénke mat de Polizisten am Garer Quartier, wat soll dann en Agent am Déngscht, deen en Eed jo ofgeluecht huet, dass en näischt ka géint säi Chef, en CSV-Politiker, soen? Säi Chef ass jo awer trotzdeem dann an där selwechter Partei. Lëtzebuerg ass kleng, jidderee kennt jiddereen. Ech weess net, wéi representativ dat an deem Moment och ass. Da sinn och nach déi Sätz gefall vu „mir si keng Chamber bis", dat ass richteg, ech mengen, d'Madamm Thoma ass drop agaangen, mir hu keng Asiicht an déi doten Dokumenter, wéi den Här Biancalana och grad gesot huet, de Huis clos, Question parlementaire. Do komme mir net un déi doten Informatiounen, dat heescht, do ass effektiv einfach mol ignoréiert ginn, dass déi meescht Leit hei keen Accès zu deenen doten Informatiounen hunn. D'Sécherheetsproblematik am Garer Quartier, bei allem Respekt, mir si keng Chamber bis, mir sinn awer och kee Stater Gemengerot bis. Dat muss een dann och eng Kéier dohinner leeën.

An dann, déi Aarbecht, déi leie bleift, déi bleift och normalerweis leien, dat wëll ech och net als Argument duerchgoe loossen, well Aarbecht, déi leie bleift, do dohannert sti Leit, do dohannert sti Sécherheetsbedenke vu Leit, do dohannert sti Leit, déi gären e Suivi hätten, do stinn deelweis Schicksaler dohannert, Assurancegeschichten, dat ass awer elo och net dat, wou ee soll soen, ma et ass jo souwisou esou, da loosse mer dat mol einfach weiderlafen, och wa mer et nach künstlech verschäerfe ginn. Zu där ganzer Thematik effektiv, wou mer d'Motioun eragereecht hunn, war nach net ganz kloer, dass dat bis Enn Mäerz just sollt sinn. Allerdéngs géing ech dat och ganz gären ausklammeren, well bei deem leschte Gemengerot, wou mer d'Motioun bruecht hunn, war och gesot ginn, et wier bis Enn Februar an dunn ass et erëm bis op ondeterminéiert Zäit einfach verlängert ginn. Dat heescht, och dat Argument wëll ech hei net stoe loossen. An da wiere mer erëm beim Ufank, dass mer keng Äntwert kritt hunn, wéisou et dann awer gutt ass, dass mer eis Motioun gestallt hunn op déi ech dann herno, wéilt agoen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Sinn nach weider Remarken? Dat schéngt net de Fall ze sinn, da géif ech awer nach op e puer Punkte reagéieren. Et wäert elo net verwonneren, dass déi Aussoe vum Här Steffen an och déi vun der Madamm Thoma, dass mer déi als LSAP matdroen, dofir och Merci deenen, déi sech och an dëser Thematik elo awer geäussert hunn, och wann et kontrovers ass a wann och wann een do net der Meenung ass, mee dat ass dann, mengen ech, d'Plus-value vum politeschen a vum demokrateschen Debat. Ech hat dat schonn déi leschte Kéier gesot, d'Diskussioun, déi mer haut hei féieren, déi huet mat enger Decisioun vum Stater Gemengerot ze dinn, eng Decisioun vum Stater Gemengerot, déi Repercussioun huet op eng ganz Rei Gemengen hei am Land.

Eng Decisioun, déi als éischt ronderëm d'Mendicitéit gaangen ass a wou nach Saachen dobäikomm sinn, den éischte Scope war d'Mendicitéit an et sinn nach aner Punkten dobäikomm. D'Migratioun, dann effektiv d'Drogekriminalitéit, eng Rei Parameteren, dat heescht, den initiale Scope vun der Decisioun ass ausgeweit ginn op aner Elementer, Criminalité organisée, op aner Elementer, wou natierlech déi aner Gemengen och deementspriechend drënner impaktéiert sinn, notamment dann och d'Polizeikommissariater.
Wann hei gesot gëtt, neen, e Gemengerot ass keng Chamber bis, ech mengen déi Diskussioun, déi mir hei initial haten, hu mir och keng Referenz gemeet op d'Diskussioun an der Chamber, et ass de Minister selwer, deen a sengem Courrier d'Chamber mentionéiert huet an Decisiounen, déi an der Chamber stattfonnt hunn. D'Stad Diddeleng huet dat net gemeet. De Minister huet d'Initiativ geholl, effektiv, dat ze ernimmen an net effektiv doduerch op d'Doleancen an op d'Suerge vum Diddelenger Gemengerot agaangen ass.

Madamm Kayser, Dir sot, d'Stad Lëtzebuerg ass d'Aushängeschëld. Bon, ech wëll lech zwar soen, vu Lëtzebuerg, also ech mengen zwar, an dofir setzen ech mech an a menger Qualitéit als Buergermeeschter, meng Kolleegen aus dem Schäfferot och, an ech hoffen, och de Gemengerot, als véiertgréisst Stad mir mer keng Zweet-Klass-Gemeng, mir si keng Zweet-Klass-Gemeng, mir sinn hei zu Diddeleng net an der Relegatioun, Madamm Kayser, wa just d'Stad Lëtzebuerg d'Aushängeschëld ass, dat kann ech wierklech net droen a wann Dir de leschte Saz deelt „soyez rassuré", et bien, ech kann lech soen, on n'est pas rassuré, on n'est pas rassuré du tout, a wann een och mat enger ganz Rei Poliziste schwätzt an dat weess een, et ginn

och Tensiounen an der Police par rapport zu dem doten Dispositif.

Kommt, mir maachen eis do näischt vir, sief dat bei de Polizeikommissariater, dat konnt een och an der Press liesen, sief et bei der Police judiciaire, an ech mengen och d'Aussoe vun der Madamm Solovieff, schwätzen do och Bänn. Och wann een natierlech als Beamten e gewëssenen Droit de réserve huet, mee ech mengen, mir wëssen, wéi d'Situatioun am Moment bei der Police ass an dofir ass déi Conclusioun, déi mir hei zéien, dass am Fong op déi Suergen, op déi Doleancen, déi dëse Gemengerot dem Inneminister geäussert huet, net reagéiert gouf, deenen ass net d'Rechnung gedroe ginn, an do bleift eng ganz kloer Insatisfaktioun bei rapport zu deem doten, Bréif a mir wäerte jo dann och elo nach diskutéieren, wéi et ka weidergoen. Dat awer och zu den Ausféierungen, zu den Diskussiounen, déi am Moment hei stattfonnt hunn. Wollt Dir nach Är Motioun presentéieren an dono d'CSV? Déi Gréng ware fir d'éischt mat hirer Motioun, dofir géif ech hinnen d'Wuert ginn an der dann der CSV, well Dir se eréischt de Mueren eraginn hutt.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert, ech ginn dann nach eng Kéier an de Kontext an, an deem mer déi Motioun da bruecht hunn, do si verschidden Iwwerschneidunge mat deem, wat mer elo just geschwat hunn, mee de Gros hunn ech awer nach net gesot. Wéi Dir lech virstelle kënnt, ware mer mat deem Courrier vum Inneminister op de Schreiwes, deen de Schäfferot am Numm vun eisem Gemengerot gemaach huet, net wierklech zefridden. Mir waren enttäuscht iwwer déi auswäichend vag Formulatiounen, déi dann nach déi eng oder aner parteipolitesch Spëtzten dran haten. Dëst huet eis dozou beweegt a mir ware frou, dass de Punkt um Ordre du jour war, dass mir nach emol eng zweet Motioun erageschéckt hunn, fir dëst Äntwertschreiwes awer net sou do stoen ze loossen. Well dës Motioun, wéi ech se de Méindeg och erageschéckt hat, och am Kär deem entsprach huet, wat d'Majoritéit zu där Äntwert denkt, a mat der Form net ganz averstane war, hu mir d'un commun accord virun allem d'Interpretatiounen aus de Consideranten erausgeholl, dofir gouf se jo eeben am Virfeld gëschter ugepasst.

Och wann eis éischt Motioun vum 9. Februar an och d'Decisioun duerno am Gemengerot den Tour duerch d'Press an och duerch déi aner Gemengeréit, gemaach huet an nach mécht, geet et eis bei dëser Motioun hei net drëms, Polemik ze maachen, ma éischter drëms, um Ball ze bleiwen. Dat ass mer wichteg, dass ech dat och eng Kéier sou kloer soen. Deen een oder anere Journalist huet mech an deem Kontext am Februar gefrot, wat wollt Dir mat där Motioun a wat wëllt Dir mat deem Bréif erreechen?

Meng Äntwert war ëmmer, dass eis Polizisten zeréck an hir Ekippe kommen an net weider surchargéiert ginn. Ech denken, dat ass et och, wourop mir als Diddelenger Gemengerot sollten drop fokusséieren. Da géing ech mat de Consideranten ufänken. De Gemengerot stellt fest, dass de Minister a senger Äntwert op eis Motioun vum 5. Februar 2024 vum Deploiement an net vun engem Retrait vun Agente schwätzt. Dëst dréckt d'Bereetstellen oder d'Ëmverdeele vun Agenten aus. Aus der Perspektiv vun Diddeleng, an ëmmerhin ass dat déi Perspektiv, déi mer als kommunal Vertrieder sollten anhuelen, si mer op Polizisten aus der Süd-West-Ekipp ugewisen. Dat heescht, et bleift e faktuellt Ofzéie vun eeben deene Poliziste fir d'Kommissariat Diddeleng aus eiser Diddelenger Siicht.

Stellt fest, dass am Äntwertschreiwes vum Inneminister vum 23. Februar 2024 der Doleance vum Diddelenger Gemengerot an deem se freet, d'Ofzéie vu Polizisten aus der Regioun Süd-West réckgängeg ze maachen, net Rechnung dréit. Ech mengen, am Äntwertschreiwes gëtt virun allem mat der Stater kommunalpoliteschen Argumentatioun, argumentéiert, och mat deenen nationalen. Vu dass et sech hei awer net ëm eng Fro vun nationaler Sécherheet handelt, mee ëm eng kommunal Decisioun, mir haten se virdrun schonn opgezielt, am Ufank war et dat sougenannten Heescheverbuet, d'Sécherheet am Garer Quartier, d'Salubritéit, an an an, gëtt an eisen Ae probéiert, Gemenge géinteneen auszespillen. Mir loossen eis net drop an, ze vergläichen, well et eis éischtens net zousteet an zweetens et eis net weiderbréngt. Wa mir eis all eens sinn, dass eng national Penurie u Beamte besteet, da gëtt se mat esou Moossname just nach künstlech op verschiddene Plazen am Land verstäerkt, ënner anerem an der Ekipp Südwest, déi och fir d'Kommissariat Diddeleng zoustänneg ass.

Da stelle mer fest, dass den Inneminister op eng Manifestatioun vum 3. Februar 2024 verweist, bei där d'Organisatrice laut Artikel am Wort vum 5. Februar eng lokal Police fuerdert, déi de Véierel kennt. Dëst steet am komplette Widdersproch zu ernimmter Positioun a senger Äntwert, d'Regierung wéilt de Recrutement vu Polizisten erhéijen. Et passt och net zum Fait, dass d'Poliziste vun ausserhalb der Stad elo do intervenéiere mussen. Konkreet gesot kennen d'Beamten, déi temporär aus dem Süden ofgezu ginn, net de Quartier an deem Ausmooss, wéi e Beamten, deen Dag an Dag aus um Terrain do am Asaz ass. Et ass am Fong och gewisen, dass der Doleance vun de Leit vun der Manifestatioun net Rechnung gedroe gëtt. Sou handelt et sech ëm eng null nohalteg wierkend Mesure.

Mir stellen och fest, dass sech un der Surcharge vun deene fir d'Kommissariat Diddeleng zoustännege Beamten näischt geännert huet, et ginn och keng Pisten opgezeechent, wéi der Surcharge kuerz- a mëttelfristeg entgéintgewierkt soll ginn, an et steet keen Enn vun der Mesure a Siicht. Bon, steet jo elo dann iergendwéi am Raum, dass dat bis Enn Mäerz sollt daueren, mee dat hat ech jo virdru scho gesot mam Februar. War dëst de leschte Mount de Kär vum Argumentaire, dass d'DP an d'CSV sech enthalen hunn, ech hat dat nämlech och nogelauschtert. Den ADR hat sech einfach enthalen, Dir hat elo näischt dozou gesot, ob dat just wéinst der temporärer Angab war. Dës Dauer gouf allerdéngs an Tëschenzäit iwwerschratt an op en onbestëmmten Zäit verlängert. Dat wësse mer och net, ob dat rëm déi nächste Kéier sollt geschéien.

Mir stellen deemno fest, dass d'Äntwertschreiwes vum Inneminister der Doleance vum Diddelenger Ge-

mengerot net d'Rechnung dréit. Dofir invitéiert de Schäfferot, d'Äntwert vum Inneminister net esou stoen ze loossen an en Äntwertbréif am Numm vum Gemengerot un den Inneminister ze adresséieren. Heira soll gefuerdert ginn, dass d'Ofzéie vu Polizisten aus der Regioun Südwest réckgängeg gemaach gëtt, well dës Ekipp och fir d'Kommissariat Diddeleng gebraucht gëtt a fir d'Sécherheet vun de Biergerinnen a Bierger zoustänneg ass. Dee Saz kéint Iech bekannt virkommen. Dat ass tel quel recycléiert aus eiser aler Motioun, wou näischt geschitt ass. Dass transparent duergeluecht gëtt, wéi vill Aarbechtsstonnen insgesamt säit Ufank vun der Mesure aus der Regioun Südwest ofgezu gi sinn, fir an der Stad Lëtzebuerg ze hëllefen an, wat se schlussendlech bruecht huet. Hei wier et eis eebe wichteg, einfach Informatiounen ze kréien, och fir den Diddelenger Bierger herno kënnen de Käschten-Notzen-Facteur ze weisen. Voilà, dat wier et. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Här Steffen, fir Är Motioun. An da géif ech der CSV d'Wuert gi fir hir Motioun virzestellen.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Däerf ech och drop reagéieren, wat si gesot hunn oder net? Däerf ech just d'Motioun virstellen?

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ech géif soen, stellt d'Motioun vir an dann hu mer eng generell Diskussioun iwwer déi zwou Motiounen. Dofir mengen ech, stellt déi Motioun elo vir an dann hu mer generell Diskussiounen, da kann ee jo zu de Motiounen och reagéieren.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Also, zu der Motioun. De Gemengerot stellt fest, dass aus dem Police-Regionalbüro Südwest, mat Sëtz zu Esch-Uelzecht, zu deem och d'Kommissariat Diddeleng gehéiert, punktuell a fir e gewëssen Zäitraum Beamten aushëllefe gaange sinn, fir de Dispositif policier renforcé an der Stad ze ënnerstëtzen. E stellt fest, dass dee sougenannten Dispositif an der Stad daagsiwwer tëschent siwen an aacht Auer owes funktionéiert. Stellt fest, dass weider Froen zur Auswierkung vum Dispositif policier renforcé op de Fonctionnement vum Police-Regionalbüro Südwest mat Sëtz zu Esch-Uelzecht gestallt ginn. Dann invitéiert de Schäfferot am Numm vum Gemengerot de President vum Comité de prévention communale, per offizielle Bréif ze froen, eng Sëtzung vun dësem Comité anzeberuffen, fir iwwert den Dispositif policier renforcé an d'Effektiver vun der Police an där Regioun Südwest ze informéieren an am selwechte Kader vun esou enger Sëtzung vum Comité de prévention communale de Gemengerot iwwer d'Evolutioun an d'Effektiver vun der Police um Terrain ze informéieren.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci fir déi dote Presentatioun och vun Ärer Motioun, elo ass d'Diskussioun op par rapport zu de Motiounen. Éier ech awer d'Diskussioun ganz opmaachen, wollt ech vläicht awer nach par rapport zu der Motioun, déi déi Gréng virgestallt hunn, nach op e puer Invitten agoen, well ech mer e puer Gedanke gemeet hat par rapport zu där doter Motioun, fir do nach deen een oder aneren Invite vläicht dobäizesëtzen, well mer dat mat Zäit jo kruten an een dorobber och schaffe konnt.

An duerfir wëll ech vläicht hei nach proposéieren, dass bei den Invitten e puer Saachen ëmformuléiert ginn, engersäits bei de Consideranten, dass mer effektiv feststellen, dass den Inneminister sech a seng Äntwert natierlech op eng Commission jointe berifft, an dass natierlech den Inhalt vun där Diskussioun - an ech mengen dat ass jo e puer Mol ugeklongen – sech jo awer der Kenntnis hei vum Gemengerot entzitt. Jo, ech mengen, wéi d'Madamm Thoma et virdru gesot huet, waren d'Membere vum Gemengerot bei där doter Diskussioun eeben halt net derbäi. Dat war mol nach e Considerant, dee mer wollte bäifügen an dann, bei den Invitten, dass een do vläicht nach seet, dass d'Ofzéie vu Polizisten aus der Regioun Südwest réckgängeg gemaach gëtt, well dës Policebeamten och fir d'Kommissariat Diddeleng gebraucht ginn a fir d'Sécherheet vun de Biergerinnen a Bierger zoustänneg sinn, dass deen een Invite.

Dann deen aneren Invitt, dass transparent duergeluecht gëtt, wéi vill Aarbechten dann insgesamt aus der Regioun Südwest säit Ufank vun der Mesure ugefall sinn, fir an der Stad Lëtzebuerg ze hëllefen, dass mer awer och déi Informatioun als Gemengerot kréien, wat effektiv dann hei d'Kommissariat ugeet. Bon, dat ass de Gemengerot an ech mengen, dat war e bëssen an der Suite logique vum leschte Gemengerot, dass de Gemengerot déi néideg Erklärunge kritt wat d'Objektiver an novollzéibar Kritäre vun der permanenter Evolutioun vun der Mesure oder vun der Situatioun sinn, dass de Gemengerot notamment vun der Weiderféierung vum Dispositif – dat ass jo richteg ugeklongen an der leschter Woch – dass e bis Enn dës Mounts jo soll lafen – mir wëssen awer net ob et dann ophält oder weidergefouert gëtt, da soll de Gemengerot total am Kader vun enger Weiderféierung vum Dispositif déi néideg Erklärungen zu de Grënn erhält, fir dass mir dat awer wëssen. Ech mengen, mir hunn dat déi leschte Kéier scho gefrot an hu keng äntwert kritt dorobber, dowéinst ass et menger Meenung no awer logesch, dass mer dat nach eng Kéier froen.

An natierlech, dass d'Stad Diddeleng, wéi och déi all déi aner concernéiert Gemengen a Parties prenantes, e komplette Bilan vun de Mesuren an hirem tangibelen Impakt presentéiert kréien, well d'Ofzéie vun de Polizisten an engem Dispositif, ech mengen, dass dann och wichteg ass, dass mer déi néideg Erklärunge kréien och als Stad Diddeleng an eiser Approche hei, wat am Fong de Bilan ass vun där kompletter Mesure, déi hei um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg geholl gouf. Da schreift sech e bëssen an an d'Diskussioun, déi mer schonn am viregte Gemengerot haten an dofir nach eng Kéier d'Propos, dat nach bäizesetzen. Voilà, dat nach vu menger Säit. D'Diskussioun ronderëm d'Motiounen ass op, ech mengen, do ka jiddereen sech natierlech positionéieren. Ech wollt just vläicht eng Kéier op d'Motioun agoe vun der CSV an da ka jiddereen och säint soen. Also, et ass jo esou, Dir invitéiert de Schäfferot, de President vum Comité ze froen, fir eng Sëtzung anzeberuffen. Mir hunn eng Sëtzung vum Comité de prévention communale, déi ass virgesinn de 15. Abrëll an do ass nieft engem Punkt vun der Schäfferotserklärung, wou de sougenannte Plan local de sécurité um

Ordre de jour ass, och de Punkt um Ordre de jour, wat den Dispositif vun Diddeleng ugeet, d'Situatioun vun Diddeleng.

Also, dofir, an deem Sënn brauche mer keng Opfuerderung hei elo vun der CSV, dat ze maachen, well et ass alles an d'Weeër geleet, dat leeft, dofir ass dat heite fir mech éischter superfétatoire, well alles scho leeft, de Comité de prévention communale steet, den Ordre du jour steet, dat heescht, mir brauchen net invitéiert ginn, dat ze maachen, an iwwer d'Evolutioun an d'Effektiver vun der Police um Terrain ze informéieren, wann de Comité de prévention méi Informatioune géif kréie wéi dëse Gemengerot, wat den Dispositif ugeet, géife mer natierlech an de Gemengerot kommen, an lech déi Informatioune ginn. Et géif mech awer wonneren, wann de Gemengerot schonn net déi Informatioune géif kréien offiziell, dass de Comité de prévention communale se offiziell kritt, fir dann och deementspriechend matzedeelen. Mee wa mer se kréien, gi mer se natierlech ganz gären un de Gemengerot weider. Mee fir mech ass déi heite Motioun, wéi gesot, superfétatoire, well alles, wat der hei an deem Sënn fuerdert, fir e Comité de prévention communale anzeberuffen, scho leeft a steet, mat sengem Ordre du jour. Merci. D'Diskussioun ass op, D'Madamm Kemp huet d'Wuert.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Jo, gären. Ech menge, wann se superfétatoire ass, da kënnt Dir se jo matstëmmen, well Dir sidd jo menger Meenung.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Well Dir invitéiert de Schäfferot, eppes ze maachen, wou de Schäfferot scho laang gemeet huet. Dofir ass et mech superfétatoire. Ech brauch net opgeruff ze ginn, eppes ze maachen am Numm vum Schäfferot, wann et scho gemaach ass.

FRANÇOISE KEMP (CSV): OK, dann hunn ech nach e puer Punkten. Et ass jo eigentlech keng permanent Mesure, datt déi Poliziste vun Diddeleng déi an der Stad ënnerstëtzen. Bei gréisseren Eventer, dat hat ech och schonn d'lescht Kéier gesot, ass dat ëfters de Fall, dass d'Polizisten aushëllefen. Domat ass dat eebe keen neie Moment. D'Poliziste ginn aushëllefen, fir hir Kolleegen ze ënnerstëtzen an ech mengen, dat ass immens wichteg. Dofir deele mir am Fong och net d'Meenung vun deene Gréngen, déi an hirer Motioun vun „ofzéie" schwätzen. Mir fannen, d'Sécherheet ass eng Noutwendegkeet fir all Mënsch. Et ass eebe wichteg, dass een sech sécher fille kann. Dat deele mer.

Zweetens si mer och der Meenung, datt méi Police um Terrain gebraucht gëtt. Dofir kënnt jo och elo eng Mesure vum Minister, fir méi Policekandidate bei der nächster Rekrutéierungswell eropzesetzen, vun honnertsechzeg op zweehonnert. An dann ass et eeben och ugeduecht, an ze soen, dass de Minister gesot huet, dass eng reegelméisseg Evolutioun um Terrain wäert gemaach ginn, an ech mengen, op déi musse mer waarden. An e Freideg, den 29. Mäerz, hunn ech mer soe gelooss, dass den Inneminister op Diddeleng kéim, fir sech e Bild ze maache vum Kommissariat an an deem Déngens wollte mer froen, ob mir als Gemengerot bei deem Besuch däerfen dobäi sinn a mir wollten och froen, ob de Buergermeeschter eis ka soen, ob eeben an deem besoten Zäitraum vum Dispositif renforcé méi zu Diddeleng geschitt ass, ob en do eis méi Detailer kéint ginn.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ech hunn Äre leschte Punkt zum Dispositif elo akustesch net verstanen.

FRANÇOISE KEMP (CSV): Mir wollte froen, ob an deem besoten Zäitraum vum Dispositif renforcé méi zu Diddeleng hei geschitt ass. Méi Infraktiounen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): OK, Merci. Soss nach weider Froen?

ROBY GOERGEN (LSAP): Jo, ech wëll hei eng Kéier awer och just soen, d'Poliziste maache jo net nëmmen d'Infraktiounen, ech menge mir hunn - wann ech elo erëm eng aner Kap undinn - och Asätz, wou mer all Dag d'Poliziste brauchen, an do gi se och gebrauchen. Dat sinn der awer reegelméisseg um Territoire vun der Gemeng Diddeleng, respektiv am Environnement, ech menge mir fuere bis op d'Weiler, Sieren. Do ginn och Poliziste gebraucht. Et geet net nëmmen ëm d'Securitéit vun den Infraktiounen, et geet och ëm d'Sécherheet vun alle Bierger an ech mengen, och déi Missiounen, déi se nach zousätzlech eeben zu den Infraktiounen hunn, ech mengen, dat muss een och mat a Betruecht huelen. An zwar ausser, dass se d'Kolleegen an der Stad ënnerstëtze ginn, jo, se mussen se och hei zu Diddeleng ënnerstëtzen, d'Kolleegen, well wa se fort sinn, ënnerstëtzen se déi och. Dat wëll ech einfach elo mol eng Kéier hei gesot hunn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Här Goergen. Sinn nach weider Stellungnamen?

MARC MEYER (DP): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech wëll dann och just séier e puer Wierder verléieren. Déi lescht Kéier hate mir eis wat de Bréif ugeet, dee fortgeschéckt ginn ass, als DP enthale. Dëst ënner anerem och aus dem Grond, dass gesot ginn ass, dass et bis Enn Februar géif daueren. Deem war awer net sou, wat mer e bësse bedaueren, mee mir wëssen och alleguerten, dass wann een sech eppes virhëlt, dat heiansdo mol e bësse méi Zäit anhëlt.

Virun enger Woch ronn, wann ech den Här Buergermeeschter richteg verstan hunn, ass jo matgedeelt ginn, dass dann elo déi Hëllef, déi de Süden der Haaptstad gëtt, bis Enn Mäerz geplangt ass, natierlech ohne Gewähr, wéi den Här Steffen gesot huet. Nichtsdestotrotz sinn ech der Meenung, dass mer dee Moment sollen ofwaarden, besonnesch och wou mer elo wëssen, dass den Inneminister sech den 29. Mäerz op Diddeleng beweegt, fir sech selwer e Bild ze maachen, wat jo awer weist, dass hien dat Ganzt, also eist Uleies, relativ seriö hëlt, soss géif en dat warscheinlech net maachen.

An ech géif et awer wichteg fannen, dass wann déi Hëllefsaktioun an der Stad op en Enn kënnt, mer eis dofir asetzen, dass e Bilan gezu gëtt, fir erauszefannen, wat dat Ganzt bruecht huet an ob et gehollef huet. Wat ech

awer kann direkt soen, ass, ech sichen ëmmer de Kontakt mat den Diddelenger Bierger an och mat deenen Diddelenger Bierger, déi an der Stad schaffen a sech do vill ophalen. Also net nëmme mat deenen, déi just an de Büro ginn an dann erëm mam Auto heem fueren. Ma, déi Bierger hunn op alle Fall gesot, dass déi Situatioun vun der Kriminalitéit, déi do an der Stad dagdeeglech eigentlech ëmmer ass, sech visiblement berouegt huet, wat jo awer e gutt Zeechen ass. Voilà. Merci fir den Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Merci. Ech hat Iech scho virdrun eigentlech gesot, dass mer déi Motioun vun deene Gréngen natierlech ënnerstëtzen, well mer och der Meenung sinn, dass mer do elo net sollen, also dass mer eis solle behaapten op eis Froen, déi mer gestallt hunn. Ech wollt just froen, ob een nach eng Kéier kann den ieweschten Deel gesinn, well do waren nach ganz vill Ännerungen, hat ech gesinn. Merci, da kucken ech dat nach eng Kéier duerch. D'Motioun vun der CSV, jo, also ech mengen net, dass mir se wäerte kënne matdroen. Zum engen de leschte Considérant, do steet effektiv, de Gemengerot stellt fest, dass weider Froen zu den Auswierkunge vum Dispositif op de Fonctionnement gestallt ginn. Jo, déi gi gestallt, well se net beäntwert goufen, an ech fannen dat als Considérant elo e bësse schwaach, dass mer elo feststellen, dass nach Froe bestinn. Also, do misst zumindest am Considerant stoen, dass eis Froe net beäntwert goufen. An zum aneren invitéieren se dann de Schäfferot, de Gemengerot iwwer d'Evolutiounen an d'Effektiver vun der Police ze informéieren, mee eise ganze Problem ass jo, dass weeder de Gemengerot nach de Schäfferot - wa mer dat richteg verstan hunn - déi Informatiounen hunn. Dowéinst di mer eis e bësse schwéier domadder, dat kënne matzedroen, well eiser Meenung do mer awer elo an där Fro net virukommen. Merci.
DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma. A l'impossible nul n'est tenu, wa mer se do géife kréien an, wéi ech virdru gesot hunn, do géif ech natierlech ganz gären dem Gemengerot dat matdeelen.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci fir d'Wuert. Also als éischt wéilt ech dann op eis Motioun do agoen, déi ëmgeännert ginn ass an där Form, wéi mer dat dann elo gesinn hunn, dann, mat där hu mer natierlech och kee Problem. Dat gräift eis Iddien op an et geet jo am Fong just nach méi an den Detail bei deene verschiddene Saachen, hannen eraus, dat ass awer tipptopp esou. Wat mer méi Erklärungen hunn, wat et méi transparent fir d'Leit ass. Ech mengen, et huet jo dann awer trotzdeem e bësse Welle geschloen an et interesséiert d'Leit einfach, wat genau derhannert stécht. Souvill zu där Motioun.

Dann d'Motioun vun der CSV, do si mer och virun allem iwwer déi dräi Considéranten e bëssen ... jo, do wäerte mer warscheinlech och net esou dat kënne matstëmmen. Elo kréien ech vläit erëm Haarspalterei virgehäit, mee do gëtt ganz vill am Passé bei deem éischte geschriwwen an d'Mesure ass nach amgaang an, an offiziell och nach am Indéterminé, wann do steet, dass „se do waren, fir ze ënnerstëtzen", dat ass jo nach ëmmer punktuell a dass se „fir e gewëssenen Zäitraum aushëllefe gaange sinn", si sinn nach amgaang. Och „daagsiwwer tëscht siwen an zwanzeg Auer", och zu deenen Zäite geschéie Saachen an deem Anzugsgebitt vum Kommissariat Diddeleng. Ech mengen, den Här Goergen hat virdru gesot, et ass net just Diddeleng, et ass och nach ronderëm, och zu där Zäit geschéie Saachen. An dann, wéi d'Madamm Thoma virdru gesot huet zu deem leschten, jo, mir hu Froe gestallt a mir hu keng Äntwert kritt. Dat heescht, jo, natierlech froe mer do nach eng Kéier no. Dat heescht, mir gesinn och elo net wierklech do d'Motivatioun dohannert, wëssend, dass dann eng Reunioun wäert stattfannen.

Zum Allgemengen, wat elo geschwat ginn ass, déi Mesure fir nei Polizisten ze rekrutéieren, déi ass säit - de Buergermeeschter hat et virdru gesot - säit 2013 ass de Ministère scho amgaangen, do ze sichen an e fënnt se net op de Beem. Si wuessen net do, et brauch een einfach eng gewëssen Zäit, bis dat opgestockt ass. Ech mengen, dat versteet och jiddereen. Dann hat ech awer nach eng Fro, wann den Inneminister d'Kommissariat Diddeleng kucke kënnt, ass dat esou wéi all neie Minister iergendwéi déi verschidde Servicer peu à peu kucke geet, esou wéi dat eebe grad usteet, oder ass dat spezifesch elo op d'Motioun an op d'Diskussioun ausgeriicht? An och do, ob de Gemengerot do sollt derbäi sinn? Voilà, et ass jo eng, eng Saach, déi hei am Gemengerot diskutéiert gëtt, déi net à huis clos iergendwann an engem Eck soll diskutéiert ginn a mir hu gefrot fir Erklärungen ze kréien am Numm vun den Diddelenger, da géing ech et schwiereg fannen, wann dat an engem Gank do géing gemauschelt ginn an d'Äntwerten do géinge gi ginn, ouni dass d'Leit et géinge matkréien. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci.

FABIENNE DIMMER (LSAP): Ech wollt mech och ganz kuerz zur Wuert melle, well ech am Stater Garer Quartier zanter fënnefanzwanzeg Joer schaffen. Jo, mëttlerweil ass e bësse méi Police do, mee déi eenzel Deeg, wou se dann do mol trëppelen, da gesäit ee keen, an déi Deeg, wou se net do trëppelen, ass et d'selwecht wéi virdrun. Dass elo nei Polizisten nach méi agestallt solle ginn, do muss ech just soen, mäi Bouf ass an der Policeschoul an ech kann Iech soen, vun deenen honnertsiechzeg, déi elo am éischte Joer sinn, déi elo hir Exame maachen, kënnen der awer honnert Stéck scho bal mengen, ob se herno iwwerhaapt den Exame packen. An déi lescht Joren, wat alles agestallt ginn ass, an et ass wéi den Yves Steffen seet, si wuessen net op de Beem, dach, et wuesse Mënschen op de Beem, mee ob se herno capabel Poliziste ginn, do ass wierklech e Manktem, also dat, dat kréie mer net hin am Moment, well och dat gëtt net einfach esou gemaach.

Op där anerer Säit muss ech awer och soen, dass déi Demande, déi d'Stater Gemeng zanter Jore mécht, am Police-Kommissariat, dass se do net méi duerch d'Stroosse ginn, wat se awer soss ëmmer gemaach hunn. Et ass ëmmer Police patrulléiert an der Stad

an op der Schueberfouer klappt et all Joer dräi Woche laang, an dat ass awer schonn eng gutt Zäit an ech wëll awer och just soen, dass den Haaptkommissar an der Stad, deen déi ganz Stater Police leet, schonn déi selwecht Partei ass wéi d'Madamm Buergermeeschtesch aus der Stad. A wann intern do och net vill geschitt, da froen ech mech, wien hei responsabel ass, well der Madamm Kieffer hire Mann wäert jo awer scho kënne senge Beamte soen, wou se solle patrulléieren oder net.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci och fir dës Stellungnam.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Bon, ech hunn och just eng Klengegkeet. Ech mengen, ech stelle mer einfach déi Fro firwat mer virdrun esou vill Polizisten haten hei am Süden, wéi mer der kruten? Ech denken, well mer se gebraucht hunn, well mer haten och virdru keng Zäit, fir d'Polizisten an d'Hängematt ze leeën, fir op iergend en Asaz ze waarden. An ech denken, wa mer der ze vill gehat hätten, dee Problem op der Gare ass jo kee vu gëschter a kee vu virgëschter. Déi Kriminalitéit ass scho laang Joren do héich. Dann hätten déi jo, wa mir der ze vill haten, scho laang kënnen do agesat ginn a mir hätten se ni kritt. Mee ech denken, mir hunn déi Zuel kritt, déi mer kritt hunn, well mer se hei brauchen. Ech kann lech just eent soen, dëst an d'lescht Joer, ech weess net, bei wéi vill Haiser bei eis aleng op Lenkeschléi agebrach ginn ass, mäi rietsen Noper, mäi lénksen Noper, mäin Noper vis-à-vis, mäin Noper uewen, also e Sécherheetsgefill, ech fille mech och sécher, wann d'Polizisten hei sinn a kënnen och op den Asaz kommen, wann se geruff ginn. Ech mengen, et ass jo net, dass d'Kriminalitéit muss an d'Luucht goen, mee si mussen och do sinn, wann Asätz sinn, fir dass se kënnen dohinner fueren. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci Här Clement. Sinn nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Merci och fir déi verschidde Stellungnamen. Hei gëtt e bëssen och geschwat, dass mir jo net wëssen, wéi et mam Dispositif weidergeet. Et gëtt jo bis Enn des Mounts viraussiichtlech weidergefouert oder net, den Här Meyer seet, ohne Gewähr. Et gëtt awer och hei vun der Madamm Kemp gesot, et gëtt jo reegelméisseg evaluéiert. Mir hunn hei als Gemengerot an och op aner Plazen de Minister gefrot, wat d'Kritäre si vun der Evaluatioun par rapport zum Dispositif, ob e weidergefouert gëtt oder net. A mir hu bis haut keng Äntwert kritt. Ech mengen, dass awer d'Krittären, objektiv Krittären, déi een sech gëtt, maassgeebend sinn, par rapport zu enger Evaluatioun vum Dispositif, wat e gemeet huet, wat en net gemeet huet, wat d'Resultater waren an ob den Dispositif weidergefouert gëtt. Dat ass mol dat eent.

An déi Vermëschung, déi stéiert mech hei, wou gesot gëtt, punktuell ginn awer mol scho Polizisten ofgezunn ... dat si fir si kloer definéiert Missiounen, déi ganz kloer limitéiert sinn an der Zäit. Hei si mer jo schonn awer eng Zäitchen amgaang. Hei geet et net fir Kolleegen an enger anerer Gemeng punktuell an engem Asaz ze hëllefen, wou se direkt geruff ginn, wou se direkt asazbereet sinn. Hei ass e kloer deployéierten Dispositif, wou effektiv Polizisten aus verschiddene Gemengen, respektiv schonn och aus der Police judiciaire, ofgezu goufen. Also, deen Amalgam, deen ëmmer hei gemeet gëtt um Niveau vun de Vergläicher, mengen ech, deen hält awer och net onbedéngt och d'Strooss.

Dann, par rapport zum Asaz, ech mengen, mir ware jo och bereet, déi Mesure hei ze droen, an dat hat ech och ugangs gesot hei am Gemengerot, wann et eng Fro wier vun nationaler Sécherheet. Mee et ass keng Fro vun nationaler Sécherheet. Et ass unhand vun enger Decisioun, déi vum Stater Gemengerot geholl gouf par rapport zu der Mendicité organisée aggressive.
Bon, a wou herno nach aner Elementer dobäikomm sinn, fir den Dispositif an den Asaz och ze legitiméieren an och doduerch dann eeben d'Poliziste weider ofgezunn och goufen. Dann ass hei och gesot ginn, vum Här Meyer, dass dann de Minister heihinner kënnt well en eist Uleies seriö hëlt. Ech wëll lech soen, de Minister Gloden kënnt heihinner, well ech als Buergermeeschter d'Initiativ geholl hunn, fir him ze soen, kommt emol d'Infrastrukture vum Diddelenger Polizeikommissariat kucken.

Et weess een, wéi d'Infrastrukturen am ganze Land vum Polizeikommissariat, et ass net onbedéngt wéinst der Diskussioun, déi mer hei féieren, well meng Demande, déi war virum Dispositif. Also, et geet ganz kloer drëms, dass de Minister sech mol kann ukucken, wéi dann elo seng Mataarbechterinnen a Mataarbechter aus der Police, wéi eng Aarbechtskonditiounen déi hei virfannen, fir dass hien sech e Bild dervu ka maachen, an eeben och unhand eebe vun der Initiativ, déi mer als Majoritéit geholl hunn, an eis och dofir agesat hunn, dass en neit Polizeikommissariat op Diddeleng kënnt, op d'Fohrmannsplaz an och do jo Etüde virgesi sinn, fir dat Polizeikommissariat hei ze realiséieren, fir dass d'Polizistinnen a Polizisten hei zu Diddeleng mëttel- a längerfristeg – et ass en Neibau, deen net deen einfachsten ass, well jo och d'Sécherheetsaspekter do dobäi kommen - déi néideg an och gutt Aarbechtskonditiounen hunn, par rapport zum aktuelle Gebai, wann ee weess, dass dat jo dat fréiert Gendarmerie-Gebai war hei zu Diddeleng a wou mer elo schonn op de Wee gaange sinn, wou fréier Déngschtwunnengen a Büroen ëmgewandelt ginn a wou de Buergermeeschter och fir d'Travaux publics d'Baugeneemegung ausgestallt huet, fir dass fréier Wunnengen och a Büroe kënnen ëmgewandelt ginn, fir dass hallefweegs d'Diddelenger Polizistinnen a Poliziste besser, souwäit dat méiglech ass, Aarbechtskonditiounen hunn.

Dat ass den Uleies vun der Visitt vum Minister, fir dass hien effektiv dann och gesäit, wéi d'Leit hei schaffen, dat heiten ass dann och eng Entrevue vun Exekutiv zu Exekutiv, et geet also net ëm den Dispositif. Dat awer nach eng Kéier fir kloerzestellen, wat d'Motivatioun ass vun der Visite. An hätte mer déi Initiativ net geholl, da wier de Minister net op Diddeleng komm. Mee ech mengen, dat ass awer och wichteg, et ass fir mech och wichteg an där doter Diskussioun déi zwou Saachen awer esou wäit et geet vuneneen ze trennen, och wann se natierlech liéiert sinn, dat eent ass den Dispositif par rapport zur aktueller Situatioun, dat anert ass einfach d'Raimlechkeeten, wou d'Poliziste schaffen an, voilà, dat ass am Fong och dann, firwat hien op Diddeleng kënnt. Ech hätt probéiert, op déi verschidde

Punkten ze äntweren. An da géif ech elo proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Ech géif ufänke mat der Motioun vun deene Gréngen, déi mer liicht adaptéiert, modifizéiert hunn. Ech hunn elo net héieren, dass nach proposéiert gi wier, bei där doter Motioun nach Modifikatiounen oder Ajoute sollten dobäikommen oder nach liicht ëmgeännert sollte ginn, sou dass ech dovunner ausginn, dass déi modifizéiert Motioun hei kann zum Vott gestallt ginn.

Dofir géif ech froen a mir géifen se natierlech dann och erëm dem Minister zoukomme loossen: ***Wien ass hei vum Gemengerot mat där modifizéierter Motioun averstanen? Dat sinn d'Stëmme vun de Gréngen, LSAP an och déi Lénk. Wien ass dogéint? Dat ass d'CSV, d'DP an den ADR.***

***Wien ass mat der Motioun vun der CSV averstanen? D'CSV an den ADR. Wien enthält sech? Wien ass dogéint? Dat sinn déi Gréng, d'LSAP an déi Lénk an d'DP.*** Domat hätte mer hei d'Diskussioun ofgeschloss. A wéi sou oft: Affaire à suivre.

## 7. VERONTREIUNG VUN ËFFENTLECHE SUE BANNENT DER A.S.B.L CENTRE DE DOCUMENTATION SUR LES MIGRATIONS HUMAINES (CDMH)

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Ënnert dësem Punkt geet et ëm d'Situatioun am Centre de documentation sur les migrations humaines. Mir wollten deen Punkt och haut hei op den Ordre du jour setzen. Mir hate scho d'Méiglechkeet gehat, hei de Gemengerot an enge vun eise viregte Sitzungen doriwwer ze informéieren, wat d'Virfäll waren. Mee spéitstens nodeems mer och Ufroen hate vun der Press, hu mer och gemengt, dass et dann och wichteg wier, well och eng Rei Pressorganer schonn iwwer d'Situatioun bericht hunn, dass mer awer och hei an eiser Séance publique doriwwer diskutéieren oder eis kënnen äusseren, ënner natierlech dem Virbehalt och vun der Justiz, déi natierlech elo hir Aarbecht mécht. Ech wäert kuerz drop agoen.

Well Dir jo och d'Dokument kritt hutt, wësst Dir, dass ausgangs Oktober jo de Verwaltungsrot vum Centre Doc vum deemolege President informéiert gouf, dass dee vu senge Funktiounen direkt wéilt demissionéieren, well hie sot, dass hien d'Finanzgestioun vum Centre Doc - ech mengen, Dir wësst, de Centre de documentation sur les migrations humaines ass eng ASBL, wou Benevolen dra sinn, eng klassesch ASBL, déi jo da konventionéiert ass, respektiv Subside kritt, engersäits vun der Stad Diddeleng, dat si 50.000 Euro, respektiv vum Kulturministère, dat sinn 114.000 Euro - wéi gesot, de Verwaltungsrot gouf vum deemolege President informéiert, dass dee wéilt zerécktrieden, well en d'Finanzgestioun - mir schwätze vun enger GFAI - an hien huet gesot, dass e wärend Joren effektiv Fonge vum Centre Doc eebe fir privat Zwecker genotzt huet.

De Verwaltungsrot vum Centre Doc huet d'Stad Diddeleng direkt doriwwer a Kenntnis gesat a mir hunn direkt reagéiert an och als Stad Diddeleng zesumme mat Vertrieder aus dem Kulturministère a mat eisem Affekot och eng Reunioun gemaach a Presenz och vum Membere vum Verwaltungsrot vum Centre Doc, fir d'Situatioun z'analyséieren an och fir ze kucken, wat weider Schrëtt kéinten och sinn. An do ware mer eis natierlech och eens, dass mer a Funktioun vun där doter Situatioun géifen als Stad Diddeleng engersäits eng Denonciatioun maache beim Procureur d'État, dat huet och de Kulturministère gemeet an de Centre Doc selwer, d'ASBL selwer, huet iwwer hiren Affekot och eng Plainte gemeet beim Parquet.

Dat wat ernimmt gouf, ass eng sechsstelleg Zuel an de genaue Montant kann ech net soen, wëll ech och net soen, ass och net méi Bestanddeel vum Gemengerot oder vum Kulturministère oder och vun der ASBL, well dat elo d'Bestanddeel ass eebe vun der Plainte, an deem soll ee jo och net virgräifen, well am Kader eebe vun där Plainte do elo d'Justiz saiséiert ass, fir déi néideg Enquête ze maachen an och ze determinéieren, ëm wéi ee Montant et sech da genau handelt. Mir sinn och gewuer ginn, dass natierlech dann och de President selwer bei d'Police gaangen ass, déi Réckmeldung haten och ginn, dass hien dann awer bei d'Police gaangen ass, fir dann och eng Autodenonciatioun ze maache par rapport zu senge Faiten. Sou dass elo d'Justiz um Zuch ass a mer deem, wéi gesot, hei net sollen an och net däerfe virgräifen. Wat mir awer gemeet hunn, an ech mengen, do war jo och de Gemengerot a Kenntnis, dass bis Enn des Joers 2023 eeben duerch déi dote Situatioun eng Situatioun virzefanne war, wou et net méi méiglech war, d'Salairë vum Personal ze bezuelen.

Et muss ee wëssen, de Centre de documentation sur les migrations humaines huet zwee Permanenten do schaffen a respektiv waren och nach deelweis Facturë vis-à-vis vu Fournisseuren, déi opstoungen, wou de Centre Doc eis och matgedeelt huet a wou mer am Fong higaange sinn a mir hunn an eisem Budget rectifié 2023 nieft eisem ordinäre Subsid vu 50.000 Euro nach eng Kéier 30.000 Euro dragesat, am Rectifié, an op där anerer Säit huet de Kulturministère, deen normalerweis eng Tranche vu senger Subventioun dëst Joer eréischt ausbezuelt hat, huet en se och schonn d'lescht Joer ausbezuelt, fir einfach och ze erméiglechen, dass am Fong d'Personal dat am Fong am mannste fir déi dote Situatioun kann, fir dass déi awer hire Salaire kréien. Do si jo Aarbechtskontrakter an ech mengen, dass dat awer de Minimum ass, wat ee maache konnt, fir och d'Personal net am Ree stoen ze loossen an och ze kucken, dass natierlech och scho verschidde Fournisseuren oder Prestatioune gemeet goufe fir de Centre Doc, dass déi kënne bezuelt ginn. An, Dir wësst, de Centre Doc, souwuel dëst Joer wéi och d'nächst Joer, huet schonn eng Rei Engagementer, ass eng Rei Engagementer agaangen, do ass jo eng Rei Konferenzen, déi geplangt sinn, et sinn eng Rei international Colloquen.

Ech mengen de Centre Doc, dee jo awer säit 1995 besteet, huet jo och en europäescht Netzwierk, een internationaalt Netzwierk, wou iwwer d'Migratioun au sens large eebe recherchéiert gëtt. Ech mengen, si

maachen dat jo och an enker Zesummenaarbecht och hei mat der Uni Lëtzebuerg  an ech mengen, dass do jo och ganz, ganz flott Aarbecht geleescht gëtt, och vu ganz héijer Qualitéit an dofir war et och fir eis wichteg, wéi gesot, dass mer do d'Personal net am Ree stoe loossen an dofir hu mer dat dann och gemeet. De Gemengerot ass, wéi gesot, informéiert ginn a mir hunn awer och an der Diskussioun, déi mer mam Verwaltungsrot vum Centre de documentation sur les migrations humaines haten, gesot, da kommt, mir ginn op de Wee a mir huelen och déi Fraisen en charge als Stad Diddeleng, fir extern eng Fiduciaire ze beoptragen, e Bléck op d'Konten ze werfen. Et muss ee wëssen, hei ass jo klassesch eng ASBL, déi huet eemol am Joer hir Generalversammlung, do sinn d'Réviseurs de caisse, do gouf och natierlech vun enger externer Persoun d'Konten och iwwerpréift, mee ech mengen et war fir eis einfach wichteg, dass no där doter Geschicht an am Geschéie selwer ass d'Stad Diddeleng jo net dran, mir sinn dran iwwer eng Subventioun, déi mer ginn, mee et war awer och ganz kloer de Wëlle vun der Verwaltung vum Centre de documentation sur les migrations humaines, sech an hirer Gouvernance nei opzestellen.

Dat hunn se engersäits gemeet andeems se sech och eng nei Presidence ginn hunn. Natierlech, dat hat ech nach net gesot, mee et war eng Evidenz, natierlech ass och den Accès op déi Konte blockéiert ginn, par rapport zum viregte President. Dann huet d'ASBL sech jo och en neit Sekretariat ginn an ass och amgaangen, elo sech ze restrukturéieren, also sech e bëssen do eng nei Gouvernance ze ginn, nieft der Gouvernance vum Fonctionnement, mengen ech, ass et och da wichteg, sech eng nei Gouvernance ze ginn um Niveau vun de Finanzen, also dat ass esou en Ongoing process, ech mengen, dass dat och ganz wichteg ass an och ganz gutt ass an där ganzer Dramatik, wou déi dote Situatioun och huet. Op där anerer Säit hu mir am Budget 2024 an och, souvill ech weess, och vum Kulturministère weider Subventioune virgesi fir d'Joer 2024, well de Centre Doc seng Aarbecht wäert weiderféieren. Do sinn eng Rei Eventer, déi virun der Dier stinn. Ech mengen, Dir wësst, dass dëst Joer de Cinquantenaire ass vun der Revolutioun a Portugal, et ass en europäesche Kongress, deen hei zu Lëtzebuerg wäert stattfannen iwwer d'Migratioun.

Et ass och eng Ausstellung virgesinn iwwert d'lëtzebuergesch Presenz a Rumänien, also wierklech och alles Theemen, déi mat der Migratioun au sens large ze dinn hunn. An ech mengen, do ass et fir eis och kloer, dass mer de Centre Doc weider a sengem Bestriewen ënnerstëtzen, eeben en attendant, dass d'Justiz hir Aarbecht mécht an och mer do Kloerheet hunn, wat de judiciaire Volet och ugeet. Mee bon, als Gemeng sti mer och trotz den dramateschen Eventer, déi hei stattfonnt hunn, weider hannert dem Verwaltungsrot vum Centre de documentation sur les migrations humaines, an och vis-à-vis natierlech vum Personal, dass si natierlech och hir Aarbecht do kënne weiderféieren.
Dat ass, à ce stade, mengen ech, wat ech soe ka par rapport zu der aktueller Situatioun. Wann do Remarke sinn ...




MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Explikatiounen, also et ass ganz séier gesot, klauen ass klauen, klauen ass eng Sënn, ass eng Strofdot, dat ass keng Diskussioun. Ech huelen un, dass d'Zeréckbezuelen duerch den Täter net sou einfach wäert sinn, ech huelen un, dass deem seng finanziell Situatioun net esou gutt war, dass en déi Suen hätt kënnen einfach zeréckbezuelen an dofir si mer elo do, wou mer elo sinn. Mir dinn awer virun allem déi Leit immens leed, déi dee Centre Doc op d'Bee gesat hunn, dat si Leit, déi am Benevolat am Ufank sech Bee stompeg gelaf sinn, fir dee Centre Doc opzemaachen, fir deem flott Aufgaben ze ginn, fir gutt ze kommunizéieren, flott Ausstellungen ze maachen, Konferenzen ze maachen, déi Leit, déi mussen sech immens virun de Kapp gestouss fillen an déi doe mer immens, immens leed. Et sinn awer natierlech vill Froen, déi opstinn.

Dir hutt gesot, d'Stad Diddeleng gëtt all Joer fofzegdausend Euro der ASBL iwwer eng Konventioun an de Kulturministère gëtt honnertvéierzéngdausend Euro, do muss een awer och soen, wou war do d'Kontroll? Dir sot zwar, et waren zwee Réviseurs de caisse, déi dann déi Keess kontrolléiert hunn. Ech mengen, Réviseur de caisse, dat ass keen Éierenamt, wou een einfach eng Kéier sou mat dem Keessjee Kaffi drénke geet, mee dat ass eng Aarbecht, déi ganz seriö soll gemaach ginn. An elo, wou d'Kand am Pëtz läit, elo kënnt den Deckel drop, dat heescht, elo organiséiere mer eng Fiduciaire, déi dat kontrolléiert. Ech mengen, dat ass awer hautdesdaags bei all ASBL, soll dat och sou sinn an ass dat och esou bei deene meeschten op jiddwer Fall an, oft gëtt esouguer duebel sech rassuréiert, dass alles an der Rei ass, duerch eng Fiduciaire, duerch e Réviseur d'entreprise an heiansdo, oder, souwäit ech dat weess, all déi, déi eng Konventioun mat engem Ministère hunn, do gëtt och nach eng Kéier extern, vum Ministère gëtt dat kontrolléiert an do ass dann d'Fro: Wien huet do seng Aarbecht net richteg gemaach? Well ech mengen, wann Dir sot, eng sechsstelleg Zomm iwwer e puer Joer, dat ass jo awer net Peanuts, dat ass net, wéi wann s de eng Kéier fofzeg Euro geholl häss, well s de grad keng Mënz an der Täsch gehat häss.

A meng aner Fro ass awer och: Wéi geet mat deene Leit, déi am Verwaltungsrot sinn? Ass dat dann net och esou, dass déi haftbar si vis-à-vis vun deem Detournement, dass déi och vläicht mat - wéi soll ech soen - kënnen initiéiert ginn oder gefrot ginn, fir déi Suen zesummen ze rembourséieren? Dat ass eng Fro, ech si juristesch net esou bewandert, mee dat ass awer och eppes, wat d'Leit sech dobaussen eebe froen. A mer haten elo rieds gehat vun deene Suen, déi

d'Stad Diddeleng zur Verfügung stellt. Ech mengen, esou einfach ass et jo awer och alt nees net. Mir hunn nei Raimlechkeete kreéiert an der Crèche Italien e risegen Archivraum fir d'Ënnerlage vum Centre Doc. Ech denken, dat ass och e bësse fahrlässeg, dat dann enger ASBL zur Verfügung ze stellen - wéi gesot, et ass just eng Prinzippiesaach - wou dann awer déi Konten net uerdentlech gefouert ginn.

Ech mengen, do muss een sech och einfach e bësse selwer bei der Nues huelen als Stad Diddeleng, dass mer eis awer och musse mol - et ass ëmmer gutt, wann een engem vertraut, Kontrolle ist besser, mir hu jo elo gesinn, dat heiten, dat ass wierklech an d'Box gaangen, mir hunn dat alleguerten hei mat zwou Hänn ënnerschriwwen, dass mer deem Centre Doc och déi Archivraimlechkeeten do zur Verfügung stellen. Dat ass keng Fro. Mir stellen och déi ganz flott Projete guer net a Fro, mee ech denken, och do muss ee soen, dat sinn awer ëffentlech Gelder, dat si Sue vun den Diddelenger Leit, déi do investéiert ginn, a wann déi Gestioun vun esou enger Asbl, déi dann och soll déi Raimlechkeeten hei kréien, zur Verfügung gestallt kréien, net korrekt ass, dat ass awer och e bësselchen dramatesch an ech maachen nach eng Kéier e groussen Opruff och, dass mer och kucken, mat wéi engen aneren ASBLen a wat och ëmmer mer nach en Accord hunn oder eng Konventioun hunn, dass dat awer och vill méi kontrolléiert gëtt.

Ech mengen, datt hei sollt eis och eng Léier sinn, dass mer vläicht net ëmmer nëmme mengen, jiddweree wär e Gudden an e géif et nom beschte Wëssen a Gewësse maachen, mee et muss een awer och kucken, dass esou Saachen net nach eng Kéier virkommen an dass mir och als Gemeng, déi mer jo och awer an deem Comité vun där ASBL, an deem Gremium awer mat dra waren, awer och e bësse méi eng seriö Roll hunn ewéi einfach nëmmen eis dohinner sëtzen ze goen op eng Assemblée oder op eng Comitéssëtzung, dass mer do awer och Verantwortung hunn. Wéi gesot, et deet mir immens, immens leed virun allem fir all déi Leit, déi sech wierklech do engagéiert hunn a matgeschafft hunn, dat op d'Been ze kréien, déi sech elo an den Äerdbuedem schummen, an deenen et wierklech och net gutt geet an ech weess dat och vu Leit, mat deenen ech geschwat hunn, déi sech och mënschlech esou enttäuscht fillen an dat ass einfach eng Strofdot, déi eng Dimensioun huet, déi wäit iwwer dat erausgeet, wat d'Suen ubelaangt, déi ënnerschloe gi sinn. Mee wéi gesot, den Appell ass, kommt mer kontrolléiere wierklech nach méi akribesch, wie Sue vun eis kritt a wat déi Leit mat deene Suen och maachen. Voilà.

Mir wënschen dem CDMH, also dem Centre Doc, dass den Image net ze vill ugeknackst ass, dass d'Leit awer nach Loscht hunn, fir mat hinnen zesummenzeschaffen, och d'Uni.lu awer hir Konventioun oprechterhält. Natierlech ënnerstëtze mer all Invest, dee mer nach musse maachen, fir déi Salairë vun deene Leit ze assuréieren. Mir wëlle jo op jiddwer Fall net, datt d'Leit op d'Strooss gesat ginn, mee ech denken, mir mussen effektiv, vläicht a Form vun – wat weess ech - engem Member an deem Verwaltungsrot vun der ASBL, dass mer do ee setzen, dee wierklech och déi Saach ganz seriö kontrolléiert, och mat de Finanzen an net nëmmen einfach duerchwénkt, well dat hei war eng Négligence, dat musse mer jo awer zouginn, och vun eiser Säit, e Vertrauen, dat leider mëssbraucht gouf, op dat alleralleratterst mëssbraucht gouf vun eis, vun de Leit, déi sech engagéieren an där ASBL a mir wënschen hinne Bonne chance, dass se aus deem Schlamassel erauskommen an dass dem Image, wéi gesot, net ze vill geschuet gëtt.

Mir wäerte probéieren, esou gutt wéi méiglech all Manifestatioun vum Centre Doc weider ze ënnerstëtzen an, voilà, Bonne chance fir déi Leit an dat ass eng Affaire à suivre, ob mer eis Sue jeemools erëmkréien oder vill méi si Suen erëmkréien, dat ass eng aner Saach, mee wann ech elo kucken, den Invest, si brauche jo anscheinend och elo net fir d'Fiduciaire ze bezuelen, obwuel dat jo absolut wierklech net eis Aufgab ass an och déi Réviseurs de caisse, déi warscheinlech dann, oder extern Firmaen nach, déi dat dann och wäerte kontrolléieren. Et ass schued, dass et esou komm ass, et ass eng Schan fir deen, deen dat gemaach huet. An, jo, voilà, Bonne chance dem Centre Doc.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen?

ROSELLA SPAGNUOLO (ADR): Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Also d'Justiz ass an där Affär saiséiert ginn a mir mussen ofwaarden, well d'Justiz an där Affär tranchéiert. Mir sinn och der Meenung, datt d'Verontreiung vun ëffentleche Gelder e Skandal ass a mir begréissen den Audit vum CDMH, wat hier Finanzen ugeet. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci.

CAROLE THOMA (DÉI LÉNK): Jo, Merci. Ech wollt ufänken, fir dem Schäfferot Merci ze soen awer fir déi ganz transparent Kommunikatioun, déi effektiv vun Ufank u gemaach gouf, dass soubal déi Geschicht bekannt gouf, dass mer do am Huis clos informéiert goufen, ech mengen iwwert alles, wat dee Moment eebe feststoung, dowéinst wollt ech eng Kéier e grousse Merci soen. Jo, et ass eng bedauerlech Situatioun an natierlech muss et opgekläert ginn an ech si mer och sécher, dass déi Leit och am Hannergrond amgaange sinn ze kucken, firwat dat net gemierkt ginn ass, mee ech mengen an éischter Linn ass et awer elo mol un der Justiz, déi Enquête ze féieren, den Audit vun der Fiduciaire och ofzewaarden, an net am Viraus a Spekulatiounen ze verfalen, wien elo do wéi eng Responsabilitéit huet.

Ech mengen, responsabel ass do eng Persoun, sou wéi et ausgesäit, an ech géing elo dowéinst net all déi Leit do am Verwaltungsrot benevole engagéiert waren, do mat responsabiliséieren. Wa Suen ënnerschloe ginn, dann ass dat immens schlëmm fir ganz vill Leit, zum enge fir natierlech an éischter Linn d'Salariéen, déi do schaffen, an dowéinst begréisse mer och wierklech, dass d'Gemeng do och spontan déi finanziell Ënnerstëtzung gehéicht huet. Ech mengen, dat ass nëmmen normal, fir dass eeben zumindest déi Salariéë weider kënne bezuelt ginn an dass hir Situatioun sécher ass. Mee et

ass och schlëmm fir d'Gemeng a fir déi ganz vill Benevollen, déi säit Joren a Joren sech asetze fir dee Centre Doc, an eeben och an enger ASBL, do sinn nu mol immens vill Benevollen an, jo, ech menge schonn, dass do musse Saachen opgekläert ginn, mee ech fannen et awer elo wierklech e bëssen onfair trotzdeem, deene Benevollen e bësse wëllen d'Schold an d'Schong ze drécken. Ech mengen, wéi gesot, et ass eng Persoun an déi Benevollen hu ganz laang sech ganz vill dofir agesat an ech ka mer virstellen, dass dat fir déi och wierklech alles anescht wéi einfach ass, déi dote Situatioun.

An dann zum Schluss sollte mer wierklech net vergiessen, an dat ass jo och scho gesot ginn haut, dass de Centre Doc wierklech scho ganz laang Joren immens vill schafft am Beräich vun der Migratiounsfuerschung, dass en sech eng international positiv Renommée opgebaut huet an dovunner profitéiert jo och d'Gemeng. Also, et ass jo net, dass mir einfach just do Subside ginn, well d'Suen um Bam wuessen, mee mir profitéiere vun deene Fuerschungen, vun deenen Aktiounen, vun deenen Table-ronden, vun deenen Ausstellungen, alles wat gemaach gëtt, mir profitéieren och dovunner an dowéinst, mengen ech, dass mer eis och alleguerten eens sinn, dass mer och an Zukunft weider op de Centre Doc bauen an, dass mer der neier Ekipp dann effektiv Bonne chance wënschen.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Thoma.

YVES STEFFEN (DÉI GRÉNG): Jo, Merci, ech maachen et kuerz, well scho quasi alles gesot ass. Och vun eiser Säit e Merci un de Schäfferot fir déi Transparenz. Ech mengen, et ass wéi d'Madamm Thoma gesot hat, et ass vun Ufank un transparent mat eis kommunizéiert ginn an där doter Geschicht. D'Justiz mécht elo hir Aarbecht, dat muss opgekläert ginn, an et huet effektiv kee Sënn, iergendwellech Spekulatiounen unzestellen. Et bleift eis elo net méi wéi deene Leit, deene Concernéierten, déi drënner leiden, déi sech u sech näischt zu Scholde komme gelooss hunn, einfach de Courage auszeschwätzen an, jo, d'Opklärungsaarbecht maachen ze loossen. Voilà. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER): Merci. Wëll nach soss een eng Stellungnam maachen? Dat ass net de Fall, da soen ech Iech effektiv och Merci fir déi verschidde Positiounen. Ech mengen, mir sinn eis alleguerten hei eens, wat d'Wichtegkeet vum Centre Doc ugeet an och, mengen ech, déi ganz Aarbecht, déi e mécht, sief dat déi Benevollen, déi ganz engagéiert sinn, awer och déi Leit, déi do schaffen, och an deem Reseau, an deem se och sinn.

Den Här Steffen an d'Madamm Thoma hu sech ganz moderat ausgedréckt, wat och richteg war, ech wëll just soen, Madamm Kayser, et muss ee wierklech oppasse mam Choix vun de Wierder, well hei ass e bëssen awer eriwwer komm, dass dee Benevollen aus der ASBL, sief et d'Membere vum Verwaltungsrot, awer och d'Réviseurs de caisse ënner Generalverdacht gestallt ginn. „Dat soll seriö gemeet ginn", wat d'Réviseur de caisse ugeet. „Négligence". Ech wëll moderat sinn an dofir war ech a menge Proposën an ech mengen den Här Steffen an d'Madamm Carole Thoma och, ganz moderat an hu gesot, d'Justiz mécht hir Aarbecht a mir däerfen deem Ganzen net virgräifen.

War et Négligence oder war et vläicht méi subtil? Wéi e Konstrukt war et? Mee dat läit an der Hand vun der Justiz. Dofir musse mer oppassen, wéi ee Wording mer hei als ëffentlech Dréier vun engem Mandat och huelen an och net virgräifen. A ce Stade ass eng Persoun responsabel. Wéi wäit se responsabel ass, wéi wäit hir Responsabilitéit an deem Sënn geet, wat zeréckbehale gëtt, wat hir Agissementer, hir Faiten ugeet, dat läit an der Hand vun der Justiz an d'Justiz enquêtéiert weider. Vläit kommen och Saachen op den Dësch, wou mer haut hei net wëssen. Et ass eebe Bestanddeel vun der Enquête vun der Justiz an och wann esou Wierder komme wéi „Fahrlässegkeet", also, wéi gesot, il faut soigner ses mots, grad an dëser delikater Situatioun, mee mir sinn eis eens, dass se natierlech, an ech mengen, et ass och dat, wat se amgaange sinn ze maachen, dass se amgaange sinn, sech ze restrukturéieren, sech eng nei Gouvernance ze ginn, wat de Verwaltungsrot ugeet, wat d'Finanzen ugeet.

An ech mengen, sou wéi ech déi Leit kennen, déi do dra sinn, dass - ech paken Holz un - dass natierlech de Virfall ganz dramatesch ass, mee dass d'Warscheinlechkeet, dass esou e Virfall nach eng Kéier geschitt, a priori zimmlech geréng ass, well elo Mechanismen an d'Weeër geleet ginn, fir och aneschters déi Saachen unzegoen. Voilà, dofir loosse mer elo d'Justiz hir Aarbecht maachen, an dann, wann nei Momenter sinn, wäert sécherlech och de Gemengerot heiriwwer informéiert ginn. Eis war et einfach elo mol wichteg, haut hei, en toute transparence, dat wat mer kënne kommunizéieren, och ze kommunizéieren.

Domat hätte mer deen heite Punkt ofgeschloss an da géife mer an de Huis clos iwwergoen. •

# PUBLIC VIEWING

## DUDELANGE - PL. HOTEL DE VILLE

9.7. UEFA EURO 2024 - 1/2 FINALE - 21:00

10.7. UEFA EURO 2024 - 1/2 FINALE - 21:00

11.7. GHOSTBUSTERS (1984) - 20:00

12.7. THE BIG LEBOWSKI - 20:00

13.7. LE CLUB DES CHOMEURS - 20:00

14.7. UEFA EURO 2024 - FINALE - 21:00

FREE ENTRY




DUDELANGE, ON DIRAIT LE SUD
LIEWE WÉI AM SÜDEN

DIDDELENG
VILLE DE DUDELANGE

CNA

UEFA EURO2024 GERMANY